



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 09.12.2022

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN


DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Françoise Kemp,
conseillère CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Séance publique

1. CORRESPONDANCE	6
2. FINANCES COMMUNALES	6
2.1. Présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2022 et du budget initial de l'exercice 2023	
2.2. Modification du règlement communal sur l'allocation compensatoire pour taxes communales	
2.3. Approbation du règlement communal sur l'allocation communale d'énergie	
2.4. Approbation d'actes notariés pour l'acquisition d'emprises	
2.4.1. Époux Victor Yazdani et Jacqueline Yazdani, née Madjzoub, rue Pasteur	
2.4.2. Madame Simone Schammo, rue Dicks	
2.5. Approbation d'un acte notarié de vente avec la société Millenium Promotion S.A. pour l'acquisition d'une parcelle de terrain, sise rue du Chemin de Fer	
2.6. Approbation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société Biz s.à r.l. de Soleuvre pour le local commercial 1-6, am Duerf	
2.7. Approbation du contrat de bail commercial avec la société Munhowen S.A. au sujet de l'exploitation du restaurant-brasserie « Amarcord » au Centre culturel régional « opderschmelz » Dudelange (CCRD) – Centre National de l'Audiovisuel (CNA)	
2.8. Approbation d'une convention complémentaire avec l'association « Diddelenger Haus fir Senioren » a.s.b.l.	
2.9. Approbation de la nouvelle convention de collaboration avec l'association sans but lucratif « Inter-Actions »	
2.10. Approbation du devis estimatif relatif à l'assainissement du réseau sanitaire et à la rénovation énergétique du hall Grimler au Centre Sportif René Hartmann	
2.11. Approbation du devis estimatif relatif à la mise en conformité de la cogénération au Centre Sportif René Hartmann	
2.12. Approbation du devis remanié relatif à la remise en état des vestiaires et des tribunes au stade Jos Nosbaum	
2.13. Approbation du devis remanié relatif à l'acquisition de 5 maisons unifamiliales « Op Lenkeschléi » en vue de l'aménagement de logements sociaux	
2.14. Subside extraordinaire à allouer	
3. OFFICE SOCIAL	50
Présentation du rapport d'activité de l'exercice 2021 et approbation du budget rectifié de l'exercice 2022 et du budget initial de l'exercice 2023	
4. URBANISME	58
Approbation d'un projet de lotissement/morcellement de parcelle cadastrales dans la route de Kayl	
5. PERSONNEL	59
Conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal relevant du groupe de traitement B1, administratif, en poste d'employé communal de la même catégorie (service culturel)	
6. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	59

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding (à l'exception du point numéro 2.8 de l'ordre du jour) ; Messieurs Jean-Paul Friedrich (à l'exception des points numéros 3 à 6 de l'ordre du jour), Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. Absent : néant. Procurations : Monsieur Jean-Paul Friedrich a conféré une procuration à Monsieur Jean-Paul Gangler pour voter en son nom pour les points numéros 3 à 6 de l'ordre du jour.

1 – CORRESPONDANCE

Il n'y a pas de correspondance à l'attention du conseil communal.

2 – FINANCES

2.1 les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2022 et le projet de budget de l'exercice 2023. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du conseil communal du 16 décembre 2022. Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date. Les deux tableaux synthétiques (issus du document budgétaire) qui suivent permettent de visualiser l'évolution du budget rectifié de l'exercice 2022 par rapport aux prévisions budgétaires initiales et du budget rectifié 2022 par rapport aux prévisions budgétaires de l'exercice 2023. Les points numéros 2.2. à 2.5. sont approuvés à l'unanimité des voix :

2.2 la modification du règlement communal sur l'allocation compensatoire pour taxes communales. Toute personne domiciliée dans la Ville de Dudelange au moment de la demande de l'allocation et qui touche l'allocation de vie chère du Fonds National de Solidarité peut demander l'allocation compensatoire qui est fixée à 50% du montant de l'allocation de vie chère accordée par l'Etat (Fonds National de Solidarité) à partir de l'année 2023. A l'allocation compensatoire s'ajoute, le cas échéant, une prime unique de 100,- € pour chaque élève, faisant partie du ménage, fréquentant un établissement scolaire postprimaire. Les demandes doivent être adressées au collège des bourgmestre et échevins sur les formulaires prédéfinis, au plus tard pour le 31 mars de chaque année ;

2.3 le règlement communal sur l'allocation communale d'énergie. Toute personne domiciliée dans la Ville de Dudelange au moment de la demande de l'allocation et qui touche une prime d'énergie de la part de l'Etat peut demander une allocation communale d'énergie qui est fixée à 25% du montant accordé par l'Etat à partir de l'année 2023. Les demandes doivent être adressées au collège des bourgmestre et échevins sur les formulaires prédéfinis, au plus tard pour le 31 mars de chaque année ;

2.4 les actes notariés de vente pour l'acquisition d'emprises : avec les époux Victor Yazdani et Jacqueline Yazdani, née Madjzoub, pour des terrains dans

la rue Pasteur, et avec Simone Schammo, pour des terrains dans la rue Dicks ;

2.5 l'acte notarié de vente avec la société Millenium Promotion S.A. pour l'acquisition d'une parcelle de terrain, sise rue du Chemin de Fer.

2.6 le contrat de bail commercial de sous-location avec la société Biz s.à r.l. de Soleuvre pour le local commercial 1-6, am Duerf est approuvé avec 11 voix et 8 abstentions. Le local commercial est sous-loué à la société pour l'exploitation d'un magasin sous l'enseigne Biz S.à r.l. – commercialisation de la vente et l'achat de café, d'accessoires et de la formation dans le domaine du café – projet « Speciality Coffee Shop ». Il est conclu pour une durée de 9 années.

Les points numéros 2.7. à 2.14. sont approuvés à l'unanimité des voix :

2.7 le contrat de bail commercial passé entre la Ville de Dudelange, l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, Centre National de l'Audiovisuel et la société Munhowen S.A. au sujet de l'exploitation du restaurant-brasserie « Amarcord » au Centre culturel régional « opderschmelz » Dudelange (CCRD) – Centre National de l'Audiovisuel (CNA). Aux termes de ce contrat de bail, la Ville de Dudelange et l'Etat du Luxembourg louent à la société Munhowen le restaurant-brasserie « Amarcord » pour une durée de 9 années, prenant effet le 1er janvier 2023. Comme suite à ce contrat un nouvel exploitant reprendra le restaurant à partir du 1er janvier 2023 ;

2.8 La convention complémentaire avec l'association « Diddelenger Haus fir Senioren » a.s.b.l. prévoyant une prise en charge d'une quote-part supplémentaire de 25% du salaire du chargé de direction de l'association, en supplément à la participation financière générale aux frais de personnel du « Club Senior », ceci comme suite à la réorganisation du personnel de l'association ;

2.9 la nouvelle convention de collaboration avec l'association sans but lucratif « Inter-Actions », ayant pour objet de fixer les détails organisationnels et financiers entre parties, plus spécialement le service « Ensemble Quartiers Dudelange » ;

2.10 le devis estimatif établi par le service communal d'architecture et des domaines, travaux neufs, d'un montant de 730'000,- € relatif à l'assainissement du réseau sanitaire et de la rénovation énergétique du Hall Grimler au Centre Sportif René Hartmann ;

RÉCAPITULATIF DU BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2022 - Budget initial 2022 comparé au Budget rectifié 2022							
	BUDGET INITIAL 2022		BUDGET RECTIFIÉ 2022		SERVICE ORDINAIRE Δ entre initial 2022 et rectifié 2022		
	ORDINAIRE	EXTRAORDINAIRE	ORDINAIRE	EXTRAORDINAIRE		Δ en montant	Δ en %
Total des recettes	116 686 970,00	32 232 591,00	119 322 248,60	27 496 994,82	Recettes ordinaires	2 635 278,60	2,26%
Total des dépenses	106 203 148,45	43 435 940,73	106 787 098,14	50 406 701,03	Dépenses ordinaires	583 949,69	0,55%
Boni propre à l'exercice	10 483 821,55		12 535 150,46		Impact sur le boni propre à l'exercice	2 051 328,91	19,57%
Mali propre à l'exercice		11 203 349,73		22 909 706,21			
Boni budget rectifié / compte 2021	1 933 203,64		12 414 831,77				
Mali budget rectifié / compte 2021				0			
Boni général	12 417 025,19		24 949 982,23				
Mali général		11 203 349,73		22 909 706,21			
Transfert ordinaire - extraordinaire	-11 203 675,46	11 203 349,73	-22 909 706,21	22 909 706,21			
Boni définitif	1 213 675,46		2 040 276,02				
Mali définitif							

RÉCAPITULATIF DU BUDGET DE L'EXERCICE 2023 - Budget rectifié 2022 comparé au Budget initial 2023							
	BUDGET RECTIFIÉ 2022		BUDGET INITIAL 2023		SERVICE ORDINAIRE Δ entre initial 2022 et rectifié 2022		
	ORDINAIRE	EXTRAORDINAIRE	ORDINAIRE	EXTRAORDINAIRE		Δ en montant	Δ en %
Total des recettes	119 322 248,60	27 496 994,82	121 763 773,97	59 547 902,00	Recettes ordinaires	2 441 525,37	2,05%
Total des dépenses	106 787 098,14	50 406 701,03	119 735 592,19	61 661 475,32	Dépenses ordinaires	12 948 494,05	12,13%
Boni propre à l'exercice	12 535 150,46		2 028 181,78		Impact sur le boni propre à l'exercice	-10 506 968,68	-83,82%
Mali propre à l'exercice		22 909 706,21		2 113 573,32			
Boni budget rectifié / compte 2021	12 414 831,77		2 040 276,02				
Mali budget rectifié / compte 2021				0			
Boni général	24 949 982,23		4 068 457,80				
Mali général		22 909 706,21		2 113 573,32			
Transfert ordinaire - extraordinaire	-22 909 706,21	22 909 706,21	-2 113 573,32	2 113 573,32			
Boni définitif	2 040 276,02		1 954 884,48				
Mali définitif							

2.11 le devis estimatif établi par le service d'architecture et des domaines, travaux neufs, pour un montant de 68'000,- € au sujet des travaux de mise en conformité pour la cogénération au Centre sportif René Hartmann (CSRH) ;

2.12 le devis remanié établi par le service d'architecture et des domaines, travaux neufs, d'un montant de 200'000,- € relatif à la remise en état des vestiaires et tribunes au Stade Jos Nosbaum ;

2.13 le devis remanié établi par le service d'architecture et des domaines, travaux neufs, pour un montant de 3'790'000,- € relatif à l'acquisition de 5 maisons unifamiliales « Op Lenkeschléi » en vue de l'aménagement de logements sociaux ;

2.14 les subsides extraordinaires suivants : 100,- € à la Ligue HMC a.s.b.l. en tant que participation financière dans le cadre du 60e anniversaire de la ligue, et 1'000,- € à l'association « Kayl-Téiteng Hëllef » en tant que participation pour venir en aide aux personnes sinistrées lors du récent incendie à Kayl.

3 – OFFICE SOCIAL

Après la présentation du rapport d'activité de l'exercice 2021, le conseil communal avalise avec toutes les voix le budget rectifié de l'exercice 2022 et le budget initial de l'exercice 2023 de notre office social.

4 – AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Le conseil communal approuve à l'unanimité le lotissement/morcellement des parcelles cadastrales numéros 1840/3838, 1839/3836, 1839/3837 et 1839/6367 de la section A de Boudersberg, sises le long de la route de Kayl en 9 parcelles (lots 10, 11, 12, 13, 14, 15, 16, 17 et 20), suivant le plan de lotissement/morcellement établi par la société BEST G.O. pour le compte de Monsieur et Madame Contato-Joly.

5 – PERSONNEL

Est approuvée à l'unanimité, la conversion d'un poste vacant à tâche complète de fonctionnaire communal relevant de la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif en poste à tâche complète d'employé communal de la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif, au département administratif – service culturel.

6 – QUESTIONS

Aucune question n'a été posée au collège des bourgmestre et échevins.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 9. DEZEMBER 2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Schaffen- a Gemengerot, ech géif lech ganz gären an och häerzlech begréissen. De Gemengerot vun haut, den 9. Dezember 2022, steet am Zeeche vun der Budgetpresentatioun, engersäits de Budget rectifié vum Joer 2022 an de Budget initial vum Joer 2023, dat wäerten dann hei d'Kolleegen an d'Kolleeginnen aus dem Schafferot maachen an duerno ass den normalen Ordre du jour vum Gemengerot an da sinn den nächste Freiden, de 16. Dezember, jo d'Interventione vun de Conseillere vun der Majoritéit a vun der Oppositioun an da wäert och de Schafferot Stellung huelen an da kënne mir den nächste Freiden och zum Vott iwwergoen, wat dann dëse Budget rectifié 2022 an initial 2023 ugeet.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Den éischte Punkt vum Ordre du jour wier d'Korrespondenz, do ass à ce stade mol näischt, wann ech op d'Kolleegen a Kolleeginne kucken, an da ginn ech op deen nächste Punkt iwwer, dat ass d'Presentatioun vum Budget rectifié 2022 a vum Budget initial 2023. Bei der Begréissung hat ech vergiess, hei d'Vertrieeder vun der Press ze begréissen, ech soen der Press och merci, dass se hei ass fir d'Presentatioun vum Budget.

2. GEMENGEFINANZEN

2.1. Presentatioun an Approbatioun vum Budget rectifié fir d'Budgetsjoer 2022 a vum Budget initial fir d'Budgetsjoer 2023.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Hei schwätze mir engersäits iwwer d'Investier an d'Prioritéiten, déi mir am Joer 2023 tätegen awer och mam Bléck op de Budget rectifié vum Joer 2022, a wéi all Joer hu mir à la base engersäits d'Circulaire ministérielle, déi den Inneministère eis zoukomme léisst, vum 28. Oktober ass déi datéiert. Dann hate mir Finanzkommissioun de 5. Dezember, déi huet jo och getagt, Dir hutt de Rapport vun der Kommissioun och virleien an Dir hutt och dat ganz Budgetdokument zougestallt kritt. D'Kolleegen an d'Kolleeginne vun der Finanzkommissioun haten et e bëssen éischter, mä Dir hat et jo och mam Ordre du jour verschéckt kritt.

Virop e ganz ganz grouse Merci un de Pascale Poull, eise Comptabel, a seng Mataarbechter a Mataarbechterinnen aus dem Service, fir hie sinn déi lescht Wochen ëmmer e bësse méi stresseg, wann hien hei de Budget rectifié vun 2022 an de Budget initial vun 2023 muss ficeléieren. An awer och eise Gemeinsewerker, eise Mataarbechter a Mataarbechterinnen e grouse Merci, well och si hunn sech bei der Ausfäerdegung vum Budget wéi all Joer natierlech mat abruecht. D'Virgaben, déi mir virleien hunn, dat ass d'Circulaire an déi gesitt Dir, déi ass mat den Zuele vum Compte général vun der Stad Diddeleng vum Joer 2021 opgebaut an do gesäit een, virun allem wat d'Zuelen ugeet, d'ëffentlech Finanzen, dass wann een e bësse kuckt wat d'Gewerbsteier ugeet am Budget rectifié, dass dat generell minus 8,1% ass, souvill fir de Budget rectifié 2022, a fir de Budget initial 2023 minus 9,9% par rapport zum Kont 2021. Dat sinn déi national Virgaben an dat weist natierlech och wéi volatil d'Gewerbsteier generell hei am Land ass.

An dann, wann een op där anerer Säit kuckt, de Fonds de dotation globale des communes, deen och gespeist gëtt iwwer eng Rei national Steieren, deen och am Staatsbudget dran ass, do gesäit et anescht aus. Do hu mir am Budget rectifié plus 3,3% an am Budget initial 2023 plus 9,3%, dat ass do méi positiv. Generell, wat ass d'Toile de fond? Et kann ee soen, dass mir vun enger Kris an déi aner iwwerginn, ech wëll net soen nahtlos, mä e bësse geschliddert sinn, dat huet och alles säin Impakt gehat, engersäits vun der Covidkris an d'Energiekris, déi ausgeléist gouf natierlech duerch de Krich an der Ukrain ufanks dës Joers, wou och international Repercussione huet, och op Europa, Lëtzebuerg an och op d'Gemeng an de Staat, a mir si mat Situatiounen befaasst ginn a confrontéiert ginn, natierlech iwwer déi lescht Joren, mat engersäits vun der Covidkris eng Hausse vun de Präisser vun de Matière-première, der Hausse elo vun den Energiepräisser, d'Inflatioun, 6,9%, wou och e bësse rektifizéiert gouf duerch eng Rei Moossna-

men, déi geholl gi sinn Enn dës Joers, op 5,9%, nach ass se awer héich.

Dann awer och déi ganz Diskussioun ronderëm den Index an d'Indextranchen, d'Kafkraaft, déi ënner Drock ass, den Drock generell um Marché, op der Baubranche, déi awer och deels saturéiert ass, deelweis awer och am Réckgang ass, also en internationale Kontext, deem Europa, Lëtzebuerg an och d'Lëtzebuurger Gemengen ëmmer erëm natierlech op d'Prouf stellt, déi sech adaptéiere mussen an natierlech awer och op engem nationalen an och lokale Plang agräifend Mesurë verlaangt, adaptéiert Mesurë verlaangt, déi natierlech um sozialen, um finanziellen an awer och um ökologesche Plang ënnerstëtzend wierke sollen.

Also, mir beweegen eis hei generell an engem ganz onsécheren Ëmfeld, dat och villes ofverlaangt. 2022 hu mir als Stad Diddeleng awer den Investitiounsvolumen héichgehalen an dat maache mir 2023 weider, nodeems mir jo och en Invest wëllen tätege vun 61,6 Milliounen Euro. Ech wäert herno nach e bësse méi am Detail drop agoen. Am Joer 2022, Dir wësst et, gouf kee Projet fale gelooss, d'Ausrichtung war qualitativ wichteg fir Infrastrukturprojeten ëmzesetzen an déi och fäerdegzestellen, dat hu mir gemaach, mä wat a Krisenzäiten och néideg ass, ass natierlech och dat besteeënd, dat wat mir hunn, dass een dat kann assuréieren, dass een dat kann consolidéieren - och dat gouf gemaach - deemno, mengen ech, och keen Ofbau, dee getätegt gouf, notament och net am ganze Kader vum Service public, dee mir generell als ëffentlechen Acteur hei assuréieren.

Natierlech och am Vierdergrond de Solidaritéitsgedanken, de kollektiven Effort, dee mir gemaach hunn, an awer mierkt een och do, dass dee Solidaritéitsgedanken - trotz Krisenzäiten, trotz Mesuren, déi geholl misste ginn - awer um individuelle Plang amgaangen ass, ze verpuffen, an dass do al Mustere generell an eiser Gesellschaft vun Individualismus an Egoismus erëm opkommen. Dofir sinn déi kollektiv Efforten, déi mir maachen, wichteg, do kënnen mir als ëffentlechen Acteur als gutt Virbild deem weider virgoen. Et ass wichteg, déi am Vierdergrond ze halen an ervirzehiewen an dat och duerch Mesuren, déi een hält, kënnen an de Vierdergrond ze setzen.

Wann ech op d'Eckdate vum Budget rectifié vun 2022 elo aginn, a mir hunn ewéi all Joer natierlech och hei eng PowerPoint-Presentatioun gemaach fir dass Dir do och Abléck kritt, do hu mir engersäits - wann ech op de Budget rectifié aginn - wat d'Recetten am ordinäre Beräich ugeet, dat sinn 119 322 248,60 Euro, dat ass op der Depensësäit am ordinäre Beräich 106 787 098,14 Euro, dat mécht eis e Boni am Ordinär vun 12 535 150,46 Euro a wann een do de Boni vum Kont eriwwer hält vum Joer 2021, dat sinn dann 12 414 831,77 Euro, da mécht dat e Boni général vun 24 949 982,23 Euro. Wa mir dann iwwer ginn, wéi gesot, op den extraordinäre Beräich, do hu mir Recettë vu 27 496 994,82 Euro, a mir hunn Depensë vu 50 406 701,03 Euro, dat mécht eis dann e Mali



fir 2022 vun 22 909 706,21 Euro an, wéi gesot, wann een déi gesamt Situatioun kuckt, dann hu mir hei en definitive Boni vun 2 040 276,02 Euro, dat gëtt eis eng gutt Ausgangspositioun per se, déi mir mat eriwwer huelen an den Initial 2023 a wann ee gesäit, dass mir hei en zousätzleche Boni hu par rapport zum Initial vu gutt 826 000 Euro zousätzlech, déi dobäi kommen an et gesäit een och do, dass mat de Ratios mir bei den ordinäre Recetten e Plus hu vun 2,26% a bei den Depensen 0,55%.

Wat ass am Budget 2022 rectifié erëmfannen? Engersäits natierlech, si hunn et och am Initial virgesinn, déi Reserv vu 4 Milliounen Euro. Da komme mir bei de classesche Restanten, 0,8 Millioun Euro, deem ass jo erofgaangen, wat jo ganz positiv ass. Dann hu mir awer och den Impôt commercial, dat ass natierlech e bëssen eng aner Situatioun, do hu mir, natierlech, dofir hunn ech uganks gesot, déi national Zuel beim Impôt commercial, déi zeréckgaangen ass, respektiv beim Fonds de dotation globale des communes, deem zougeluecht huet, dat heescht au final hu mir ronn 2,5 Milliounen Euro manner am Budget rectifié wéi par rapport zum Budget initial, mä dofir hu mir am Fonds de dotation globale des communes 2,6 Milliounen Euro méi, dat gläicht sech aus an den Impôt foncier bleift liicht iwwer 1 Millioun Euro, also keng gréisser Variatiounen. Dann hu mir natierlech, wat d'Contributiounen ugeet, natierlech déi vum Staat, engersäits wat Maison relais ugeet, d'Frais de fonctionnements hu mir, effektiv och an der Musésschoul duerch dat neit Gesetz eng Rei staatlech Subventiounen, déi mir kréien, och am Kader vun eiser Initiative sociale an d'kommunal Taxen.

Dann, wa mir kucken op der Depensësäit, wa mir am ordinäre Beräich bleiwen, wat och do positiv ass, Dir wësst, mir haten am Initial en Emprunt agesat vun 30 Milliounen Euro, respektiv 26 Milliounen Euro, déi mir net hu brauche ganz ze zéien, mir hu just 10 Milliounen Euro gezunn, wat natierlech och en Impakt huet op d'Annuitéiten. Wa mir am Initial am Budget 2022 2 Milliounen Euro Annuitéite virgesinn haten, elo sinn et am Budget rectifié 1,4 Milliounen Euro, also e gudden Krack manner, well den Emprunt jo och natierlech net esou héich ass an dat och an deem Sënn positiv ass. Mir hunn och eng Rei Verschibungen, wat d'Personalastellung ugeet an natierlech och ronn - wann ee kuckt wat mir méi am Gemengerot gestëmmt hunn - 1,1 Milliounen Euro, dat war déi Hausse, dat ass an der Suite vun den Energieprä-

isser. Dir kënnt lech erënneren, dass mir hei d'Liste modificative virleien haten am Gemengerot virun e puer Méint. Dat zu den ordinären Depensen. Dann d'extraordinär Recetten, do hu mir natierlech staatlech Subventiounen a Subsiden, déi mir kritt hunn, dat sinn déi 17,3 Milliounen Euro, alles dat fannt Dir hei och an der Presentatioun, respektiv an der Dokumentatioun, déi mir ausgedeelt hunn, do fannt Dir dat erëm. An dann och den Emprunt vun 10 Milliounen Euro.

Dann, wann ech eriwwer ginn op d'Depense-extraordinaires, déi sinn an d'Lucht gaange vun 43,3 op 50,4 Milliounen Euro, dat engersäits duerch zousätzlech Kreditter, déi mir während dem Joer gestëmmt hunn, och duerch déi ganz Präisdeierecht, respektiv awer och den Impakt vun enger Rei Projeten, wou mir Kreditter nogestëmmt hunn, respektiv deen een an deen anere Report. Wann een elo kuckt, am Budget rectifié 2022, och do hu mir eng gutt Ausgangsposition, wou mir eng Prokappverschëldung hu vun 955 Euro pro Awunner, do si mir bei 1,22%, d'rout Lucht fänkt u mat blénke bei engem Ratio vu 15%, 1,22% op 15%, mir si largement am grénge Beräich an am Initial wier de Ratio bei 1,77% gewiescht, also wéi gesot, och do mat deem héije Prêt, wa mir dee getätegt hätten – wa mir deen ageschriwwen hätten, wat jo awer schlussendlech net de Fall war – wiere mir och do am grénge Beräich gewiescht. Dat zu den Eckdate vum Budget rectifié 2022.

Wann ech dann eriwwer ginn op de Budget initial 2023, wann een do en Abléck op d'Zuele kritt, ass dat engersäits, wat d'Recetten ugeet am ordinäre Beräich 121 763 773,97 Euro, bei den Depensen 119 735 592,19 Euro, dat mécht en lwwerschoss/Boni vun 2 028 181,78 Euro. Wa mir da kucken am extraordinäre Beräich, do hu mir Recetten an Héicht vu 59 547 902,00 Euro a bei den Depensen 61 661 475,32 Euro, dat mécht e Mali vun 2 113 573,32 Euro. Wann een dann de Boni eriwwerhëlt vum Budget rectifié an de Mali aus dem Extraordinären ofzitt, schlësse mir hei mat engem definitive Boni am Initial 2023 of vun 1 954 884,48 Euro. Voilà, dat e bëssen als Overhead. Wa mir elo op déi ordinär Recetten aginn, do hu mir op alle Fall dëst Joer keng Reserv virgesinn, dat heescht, mir gräifen net op d'Reserv zeréck, dat hu mir jo am Initial 2022 gemaach, mä wéi gesot, 2023 maache mer dat net. Bei den extraordinäre Recettë wäerte mir viraussichtlech en Emprunt zéie wëlle vu 40 Milliounen Euro. Ob et déi sinn oder net hänkt natierlech och vum Kont 2022 of. Et sief awer och gesot, dass mir vun de Joren 2017 bis 2021, also 5 Joer hannertenee keen Emprunt opgeholl hunn. Déi 40 Milliounen Euro, dat ass keen net décken Emprunt, also keen net konsequenten Emprunt an ech erklären och duerno firwat mir deen ageschriwwen hunn, wann ech op d'Depense-extraordinaires an op d'Projeten aginn.

Am Initial 2023 fanne mir classescherweis déi Projeten erëm, déi sech iwwer 2 oder och emol 3 Budgetsjoren erstrecken, déi en cours sinn, Projeten awer

och, déi de Gemengerot 2022 gestëmmt huet an déi 2023 emgesat ginn, awer och nei Projeten, wou éischt Kreditter 2023 also fir d'éischt ageschriwwen sinn. Am Budget rectifié 2022 an am Budget initial 2023, wann een do kuckt, de Ratio, do hu mir Recettë vu plus 2,5%, an Depensë vu plus 12,13%, och do erklären ech dann, firwat déi Depensen am ordinäre Beräich eropginn. Wa mir elo op d'Recette-ordinaires aginn, do fänke mir classescherweis u mat de staatlechen Dotatiounen, déi sollen an de Recettes non affectées - déi gesitt Dir do um Tableau - do hu mir am Budget initial 2023 e Montant vun 76,3 Milliounen Euro, den Impôt foncier ass 1 060 000,00, dee bleift also stabil.

Den Impôt commercial, do hu mir 2 Milliounen Euro agesat. Wa mir laut der Circulaire gaange wieren, hätte mir 2 128 000 Euro ageschriwwen, mir hunn awer hei de Principe de prudence walte gelooss, e bëssen aus der Erfahrung, déi mer mam Budget 2022 an dem Budget rectifié 2022 gemaach hunn, an dee licht erofgesat, well mir och net wëssen, wéi et weider geet, also hu mer do de Principe de prudence walte gelooss, mä déi staatlech Dotatiounen zesummen, dat si 65,14% vun de Recetten, déi et ausmécht, an de Rescht, déi 34,86%, dat sinn déi Subsiden a Contributiounen vum Staat respektiv déi kommunal Taxen an do fënnt een eraus, wéi am Budget rectifié déi staatlech Dotatiounen engersäits zu der Maison relais, zu der Initiative sociale an och wéi gesot zu der Museksschoul, dat sinn, wéi gesot gutt ronn 15 Milliounen Euro, wou dat ausmécht.

An dann hu mir natierlech - vu, dass mir Propriétaire vum Gas a Waasser sinn – d'Duerchlafgebühr an Héicht vun 1,5 Milliounen Euro an natierlech och d'Taxen, also alles wat Dir kennt vu Waasser respektiv Ofwaasser an och den Hausmüll an ech mengen, do an der Presentatioun wäert d'Kollegen aus dem Schäfferot, notament de René Manderscheid an de Loris Spina, drop agoen. Dir wësst, dass mir hei am Gemengerot en neit Offallreglement gestëmmt hunn an och do mierkt een, dass an de Recette-ordinaires eng liicht Hausse wäert stattfannen duerch dat neit Taxereglement. Mir hunn hei jo och kee Käschtendeckungsprinzip spille gelooss, sou, dass och do déi Recette net explodéiert, well mir liicht Adaptatiounen jo och duerch dat Reglement hei gemaach hunn an dat war och e Choix politique, grad a schwierigen Zäiten, fir net déi voll Repercussioun maachen ze loosson op eis Haushalter an op eis Biergerinnen a Bierger an de selwechte Prinzip spillt par rapport zum Waasser, och do ass jo eng Hausse ze verzechnen, wat de Waasserpräis ugeet, wat den Akaf beim SES ugeet, dat ass eng Hausse vun 1,50 – 1,90 Euro de Kubikmeter. Dir wësst, dass mir am Juli 2022 schon eng Hausse am Waasserpräis spille gelooss hunn an och hei kee politesche Choix, déi Präishaussé vum SES vum Akaf vum Waasser am Budget 2023 och weiderzeféieren un eis Bierger, och do keng zweet Hausse, no enger Hausse, déi mir 2022 gemaach hunn, keng weider Hausse fir 2023 an eisem Taxereglement. Och do wëlle mir, dass eis Bierger net erstécken, dass

mir och do de Käschtendeckungsprinzip net esou hin- an hierspille loossen, well mir den Ament awer an aussergewöhnlechen Zäite sinn, an hei kräizen sech jo awer ganz kloer Finanz- a Sozialpolitik zesummen an och dat Zesummespill, wou och hei ka komme mat enger Hausse an och do wäerte mir no enger Allocation de vie chère kucken an no enger Energieprimm, ech mengen, dass do d'Zesummespill tèschent Finanzpolitik a Sozialpolitik seng Daseinsberechtigung och huet.

Wann ech op d'Depense-ordinairen iwwer ginn, do fannt Dir klassescherweis de Fonds pour dépenses communales mat 321 000 Euro, dat sinn d'Remboursementen am Kader vum Congé politique vun eisen 19 Conseillèren a Conseilleren. Dann hu mir och - wann ech op där enger Säit soen, dass mir wëllen en Emprunt zéie vu 40 Milliounen Euro, da musse mir och op där anerer Säit an den Depense-ordinairen och déi néideg Annuitéiten an och Zënse virgesinn, dat mécht ronn 3,9 Milliounen Euro aus, wou mir aschreiwen an doduerch geet de Ratio - dat fannt Dir och am Dokument erëm - op 3,26% erop. Wéi gesot, mir bleiwe kloer am grénge Beräich, d'rout Luuchte fänken ab 15% un ze blénken.

Dann en neie Kredit, dee mir ageschriwwen hunn, d'Gemengewale sinn 2023 an och d'Nationalwahlen, dat heescht méi Aarbecht par rapport zu eise Beamten a Beamtinnen hei am Haus, déi sech ëm d'Organisation vun deene Wale bekëmmere. Do hu mir en neie Kredit vun 167 000 Euro ageschriwwen, well mir wëssen, dass dat vill Aarbecht fir si bedeit, och am Kader vun der Organisation. Da fannt Dir e Kredit erëm vu ronn 1,2 Milliounen Euro, dat ass eisen Invest, eis Contributioun un den CGDIS an d'Zivilsicherheit an dat mécht 1 % vun eisem Budget aus. Dat sinn déi ganz Frais de fonctionnements, respektiv och déi Personalfrais an et ass esou, dass de Personalbüro vum Staat an d'Gemeng sech des Käschten zu 50/50 deelen. Da fannt Dir awer och e Budget vun 150 000 Euro, wat d'Prise en charge ugeet - dat ass d'international Solidaritéit, déi hei spillt - fir eis Flüchtlingen aus der Ukrain, niewent der nationaler Solidaritéit, déi mir jo och spille losse mam Foyer fir Demandeurs de protection internationale am Schmelzer Quartier. Dann hu mir och Kreditter virgesinn, ronn 0,4 Millioun Euro, einfach mol Kreditter virgesinn, well mir si mat enger Situatioun confrontéiert, dass eis Atelierien, d'Lager, de Stockage am Stolwierk an eisem Service Maintenance du Patrimoine communal, dass mir do bis August mat eise Servicer mussen erausplënnere, well de Fonds de Logement am Hierscht wäert ufänken, déi éischt Sanierungsarbeiten op Neischmelz ze maachen, wat jo u sech positiv ass.

Dat huet awer och deen Impakt, dass mir do mussen erausplënnere an och fir de Fonds de Logement, mat deem mir jo generell eng guut Zesummenarbeit hunn, ass dat ganz Virhabe méi schnell gaaen ewéi si sech dat virgestallt hunn. Si hunn eis iwwer dee Punkt a Kenntnis gesat, si hunn eis infor-

méiert viru knapp 2 Méint, dass si an deene Prozedur gutt virukomm sinn. Fir eis lafen dann elo natierlech d'Aarbechten op Héichtouren fir eng Alternativ ze fannen an dofir musse mir einfach Kreditter huelen, fir entweder eng nei Hal unzelounen. Hei war jo de Prinzip d'Box in the Box, mir mussen awer och dee Sall, deen do um Site ass, mat plënnere. Mir sinn amgaangen, ze kucken um Site selwer, an der Rue de l'Abattoir, d'Primavera ass jo fräi ginn, op een net do eppes ka maachen, respektiv op ee kann do Box in the Box maachen. Also, wéi gesot, mir siche en aneren Terrain, wou een dat ka maachen an eis Servicer sinn op Héichtouren, mir mussen eis einfach hei Kreditter virgesinn, fir kënnen ze reagieren, well effektiv dat ganz Lager geplënnert gëtt.

Dann, summa summarum, kann ee soen, dass mir generell, wat d'Energiepräisser uginnt, och deem Rechnung gedroen hunn an zousätzlech 1,3 Milliounen Euro dragesat hunn. Am Budget rectifié 2022 war et 1 Millioun Euro, am Budget initial 2023 ass et plus 1,3 Milliounen Euro zousätzlech, wou mir agesat hunn. Dann ee Punkt, jidderee geet jo op seng Resourcen an, dofir fueren ech weider, dee ganze Volet ronderëm d'Entwécklung vun der Geschäftswelt, e weideren Aspekt, do hu mir och am Kader vun der Rubrik City Management eng Rei Kreditter virgesinn, dat sinn engersäits och déi Loyerer, déi mir beziele fir déi sechs Geschäftslokaler, déi mir hunn, déi ganz Promotiounscampagne, déi mir hu mam Geschäftsverband a mat de Geschäftsleit hei zu Diddeleng. Et läit eis um Häerz fir, dass mir och do de Stadkär weider stäerke an och do eis kënnen weiterentwéckelen.

Mir hu jo generell och e gudden Kontakt mat de Proprietären an de Geschäftsleit an hunn och weider Animatiounen an Aktiounen, déi mir am Stadkär wëlle maachen, 120 000 Euro fir déi ganz Plattform Lëtztshop, 33 000 Euro an nach probéiere mir, do d'Offer weider ze diversifizieren an och do weiderzesteieren, wa mir Locataire d'Souslocatioun maachen. Déi sechs Geschäftslokaler déi mir ulounen, dat leeft zimmlech gutt, mat engem wou jo an der Faillite ass, dat ass „Ouni“, eng Société coopérative an do kënnen mir soen, dass mir a ganz gudden Diskussiounen sinn an amgaang sinn, ze finaliséiere mat enger anerer Société coopérative, dat ass „Collabor“, déi interesséiert sinn, Locataire ze gi vun deem dote Geschäftslokal a wou mir niewent dem Geschäftslokal och eng Rei aner Aktivitéite wäerte maachen - do wäert d'Josiane Di Bartolomeo-Ries herno nach méi am Detail drop agoen. Wéi gesot, hei ass e flotte Projet, dee mir kënnen an d'Vitrinn setzen.

Natierlech och weider Promotioun vun eiser City App vun der Stad Diddeleng, déi gratis ass a wou eis Diddelenger Geschäftsleit och eng digital Vitrinn kréie fir de lokale Commerce ze ënnerstëtzen, mä et ass awer och grad esou wichteg, dass déi eenzel Geschäftsleit sech mat implizéieren, d'Gemeng eleng kann dat natierlech net maachen. Mat deem kollektiven Effort muss sech de Geschäftsmann an d'Geschäftsfrau och an dat ganz mat abréngen, fir, dass mir Diddeleng an

d'Diddelenger Geschäftswelt kënnen op Trapp halen an och an de Vierdergrond setzen, mat Aktiounen, wéi gesot, ronderëm d'Plage am Duerf an awer och Halloween, dat ass e gemeinsamen Effort, deen hei an de Vierdergrond soll gesat ginn. Dann, weider Recetten, déi mir hunn an déi natierlech och steigen, 1,6 Milliounen Euro dat ass déi ganz Restauratioun ronderëm d'Maison Relais.

Dann e weidere Punkt, wa mir kucken och d'Weidentwécklung vun der Stad Diddeleng, och um Niveau vun der Recherche, do si mir jo gutt ënnerwee mat der Uni Lëtzebuerg, mir maachen eng Konventioun mat hinne fir 20 000 Euro, do hate mir am Kader vun 2022 wou sech Diddeleng och gutt a kloer positionéiert huet, a mat hinnen de Projet Lusitalia gemaach hunn, dat war de C2DH, den Zentrum fir zäitgenëssesch Geschicht, et ass dee Centre, deen eis do begleet, de Projet Lusitalia, dee ganz flott war a mir wäerte mat hinnen déi Konventioun féieren a mat Liewe fëllen, fir och d'Joren 2023, 2024 an 2025, wou mir och mat hinnen eng Recherche maachen iwwer d'Geschicht vun der Migratioun hei zu Diddeleng. Effektiv ass dat och mam Denis Scuto zesummen, a mat sengem Team, wou mir effektiv – dat ass net oninteressant – alles wat op d'Umeldungen ugeet hei zu Diddeleng vun den Net-Lëtzeburger an de Joren 1898 bis 1940 mat de Carte-d'identité, also och d'Archive vun der Gemeng unzäpen, dat digitaliséieren an och eng Recherche ze maachen. E ganz flotte Projet, deen eis Abléck gëtt, wéi deemools ëmgaange ginn ass mat den Net-Lëtzeburger, also esouwuel eng quantitativ wéi och eng qualitativ Recherche, déi mir mat hinne maachen. An deem Kontext, ech hat virdru kuerz gesot, 2022, de Loris Spina wäert och nach op dee Punkt agoen, mä wat een hei ka soen, ass, dass d'Stad Diddeleng, déi sech och kloer positionéiert huet, Infrastrukturen an d'Weeër geleet, déi och elo stoe bleiwen an en nohaltege Charakter hunn, sief et de VEWA, Lokomotiv-Atelier, wou mir als Stad Diddeleng d'nächst Joer ab 2023 Propriétaire wäerte ginn an awer och de Floater, dee ganz kloer en Tourismusmagnét ass an och gutt geet.

Wa mir e bëssen an deem Beräich bleiwen, och vun der Commercialisatioun an och vum Positionnement ronderëm d'wirtschaftlech Entwécklung vun der Stad Diddeleng, do hu mir och Kreditter virgesinn, wat de Fonctionnement vum Innovation Hub ugeet, verschidener waren op där flotter Porte ouverte, wou mir gemaach hunn, wou och Luxinnovation an den Technoport weider vun sech aus dran investéieren a wou mir och natierlech jonk, kreativ Entrepreneuren an och Chercheuren hunn, ech mengen, et gëllt also weider den Innovation Hub auszubauen. An och, wat positiv ass niewent dem Volet vun de Step-Upen ass déi ganz wirtschaftlech Entwécklung niewent den negativen Annoncen, déi komme ronderëm Guardian a Liberty Steel, ronderëm d'Industriepolitik generell hei am Land, déi och eng Repercussioun huet op Diddeleng, well Diddeleng ëmmer en Industriestanduert war, par excellence, an och elo awer positiv Annoncé komme mat Vodafone oder GCR, wou effektiv phar-

mazeutesch Betriber a Logistikbetriber sinn, och dat si positiv Resonanzen, déi lo rezent gemaach goufen.

Dann e Volet ronderëm dat ganz Ausféiere vum Budget, do brauch een och e gutt opgestallt Personal, d'Stad Diddeleng als Arbeitgeber huet gutt 770 Leit, déi fir eis schaffen. Wat do d'Depensésäit ugeet, hu mir engersäits déi normal Evolutioun vun de Carrièren an och vun de Biennalen, awer och déi zwou Index-tranchen, déi mir agesat hunn, onofhängeg vun der Annonce, déi mir virun e puer Deeg de STATEC gemaach hunn, mir hunn eis hei op d'Circulaire baséiert, dofir hu mir déi och agesat, dat mécht gutt 5,3 Milliounen Euro un zousätzlechen Depensen aus.

Déi drëtt Indextranche am drëtt a véierte Quartal spillt, dat hu mir bausse vir gelooss, mir wëssen awer, mir baséieren eis hei op d'Circulaire an dovunner si gutt 735 000 Euro fir de Südaarbechterkollektivvertrag, dat ass dee Montant, deen hei zousätzlech an d'Cagnote dobäikënnt an do hu mir och niewent enger Rei Verbesserungen och niewent eise Botzpersonal, wou virun allem Fraen engagéiert sinn, och eng Ofwäertung vun der Carrière vun A2 an d'A3 Carrière an dann awer och an den Depensen ass eppes, wat réckwierkend wäert applizéiert ginn – dat Gesetz ass jo um Instanzewee, mee et gëtt réckwierkend applizéiert –, dat ass déi Evolutioun vun de Carrière bei den Enseignantë vun der Museksschoul, déi an d'A2 Carrière gesat ginn an déi kréien och d'Unerkennung vum Bachelor-Statut. Dann natierlech och nei Engagementer awer zimmlech wéineg am Kader vum Joer 2023, och dat gesitt Dir an Ären Dokumenter. Wann een awer nach e bësse wëll och aushuele par rapport zum Personal, si mir als Stad Diddeleng en Arbeitgeber, dee säi Rôle als Ausbilder wouer hält, mir hunn 30 Apprentien, virun allem am Handwierksberäich, dat sinn esouwuel Jonker wéi och Erwuesener, den apprentissage adulte, mir hu ronn 20 Leit an der Initiative sociale an och do Jonker, déi mir wéi gesot ënnerstëtzen, fir weider hei e gudde qualitativen Déngscht ze leeschten an ze suergen. Dat zu den ordinären Ausgaben, wat meng Ressorten ugeet.

Wa mir dann eriwwer ginn op d'extraordinär Recetten, do hu mir 59,5 Milliounen Euro, dovunner si 40 Milliounen Euro en Emprunt, dee mir gezunn hunn, a 17,3 Milliounen Euro Subsiden, dat sinn am Fong déi Projeten, déi mir op der Säit vun den Depense-extraordinären hunn, déi natierlech subsidiable sinn, dat ass esouwuel Maison relais wéi och Wunnengsbau, dat ass an de Schoulen, dat ass d'Déierenasyl, awer och de Pacte Logement, dee mir ënnerschriwwen hunn, wéi gesot 1 Millioun Euro, an och am Kader vum Klimapakt 0,6 Milliounen Euro. Dëst gesot, gi mir jo net un d'Reserv, mir sinn de Moment bei gutt 9 Milliounen Euro, déi mir an eiser Reserv hunn an dovunner sinn 3 Milliounen Euro am sougenannte Fonds de péréquation communale. Dat zu den extraordinäre Recetten.

Wann ech dann elo eriwwer ginn op d'Depense-extraordinären, do tätege mir en Invest vun 61,6 Mil-

liounen Euro, dovunner sinn 3,5 Milliounen Euro, also 5,6%, nei Projeten, dat war an der Vergaangenheet mol anescht, datt do de Pourcentage méi héich war, mä dat ass net weider schlëmm, well déi 94,4 Prozent maache ganz kloer Projeten aus, déi 2021 an 2022 an d'Prozedure geschéckt goufen, déi och en cours sinn, verschiddener ginn 2023 fäerdeg oder wäerten 2023 ulafen a si Projeten, déi de Gemengerot 2022 gestëmmt huet an déi grad 2023 voll, wierklech voll zu Buch schloen, dofir brauche mir och dee Kredit, dee mir ageschriwwen hunn, vu 40 Milliounen Euro. Mir investéieren a Projeten, déi den Diddelenger Kanner zegutt kommen, also an d'Schoulinfrastrukturen, an d'Diddelenger Veräiner, och den Infrastrukturen, déi zur sozialer Kohäsion bäidroen, natierlech an de Patrimoine industriel, dee mir valoriséieren, an de Wunnengsbau an do op Leit a Mënschen treffen, déi a schwierige Situatiounen sinn, awer och an d'Stadentwécklung, notament de Stadkär an d'Stroosentwécklung an de Sport. Bei deene Projeten, déi 2023 zu Buch schloen, ass keen eenzege Nice to have dobäi, et si Projet-d'enverguren, dofir ass et och fir Diddelenger Verhältnissen e Budget d'envergure, et ass e Budget vun den Infrastrukturen, déi e vitalen an och nohaltege Charakter hunn an och Diddeleng ëmmer weider wäerte moderniséieren an och dynamesch halen an et ass och e Budget, deen op Solidaritéit setzt.

Wann emol Projekte vum Staat als „staatstragend“ qualifizéiert gi sinn, da sinn déi Projeten, déi mir 2023 an eisem Budget hunn, als „diddelengtragend“, wann ee par analogie dat géif vergläichen, wann een et esou géif gesinn, an natierlech ass och deen een oder anere Projet, dee mir zesumme mam Staat wäerten ëmsetzen. Et si Projeten, déi Diddeleng e rissege Schratt wäerte weiderbréngen an eis och als véiertgréisst Stad an eiser Positioun konsolidéieren, respektiv och déi Positioun ausbauen.

D'Kolleegeen an d'Kolleegeen aus dem Schäfferot wäerte sécher op hir Ressorten agoen, da wäerten si dat méi am Detail maachen, ech wollt awer hei och kuerz den Iwwerschlag maache vun dëse Projeten, fir dass een sech dee Poids, also d'Ausmooss vun de Projeten an dem Invest virun Aen hale kann an deen och ka veranschaulichen. Wa mir kucken um Niveau vun den Infrastrukturen, d'Kanalisation an der Le'h; 0,8 Milliounen Euro, zesumme mam Déierenasyl; 1,5 Milliounen Euro, dat mécht 2,3 Milliounen Euro fir dee Projet. Wann ee kuckt, den Neibau ronderëm eis nei Regiebetreiber, wou mir amgaang sinn, 9,6 Milliounen Euro, d'Kanalisation wou mir dozou musse maachen 1,4 Milliounen Euro, dat mécht am ganzen 11 Milliounen Euro. De Bassin de rétention, dee mir zu Biereng musse maachen am Kader vum Projet Neischmelz, 0,6 Milliounen Euro. De Waasserreservoir, 0,4 Milliounen Euro. Wann een da kuckt, d'Kräizung Route de Zoufftgen / Rue du Commerce, 1,7 Milliounen Euro, d'Place Kinnen, 1,9 Milliounen Euro, de Shared Space, déi Phas, déi mir wëlle maachen, 0,4 Milliounen Euro. Dat sinn am Ganze 4 Milliounen Euro. D'Aarbechten op der Butschebuerger Strooss,

déi am Hierscht solle lassgoen, wou zwar Ponts et Chaussées de Lead huet mä wou mir awer Kreditter fir d'Kanalisation musse virgesinn; 1 Millioun Euro. Den Hall polyvalent, deen 2023 fäerdeg gëtt, am Mäerz oder Abrëll, 1,6 Milliounen Euro. D'Securisation vum Passage piéton, e kleng Projet, dee ganz wichteg ass, 0,2 Milliounen Euro. D'Renovation vum der Fassad vum der Kierch, 0,4 Milliounen Euro. Rechnungen, déi nach opstinn, mä wou mir awer Kreditter musse virgesinn, dee ganzen Neibau vum der oppener Schwämm, 650 000 Euro, also 0,6 Milliounen Euro. De Projet, d'Etüde ronderëm den CAD, 140 000 Euro. Neie Projet, nei Kreditter, déi mir asetzen; neie synthetesch Terrain um Barozzi, 0,5 Milliounen Euro. Op Neischmelz, Projeten, déi amgaang sinn, de Lokomotiv-Atelier 1,5 Milliounen Euro, de VEWA war 1 Millioun Euro, dat sinn 2,5 Milliounen Euro. Logement an der Rue Nic Bodry, 3,7 Milliounen Euro, also Logement abordable. Kreditter fir d'Acquisition vum Terrainen, wou mir dru sinn an och mat de Proprietairen a Kontakt sinn an der Fontaine-Strooss an an der Lëtzebuerger Strooss, 2 Milliounen Euro.

Dann den Invest a Schoulen a Kanner, de Complexe sportif um Strutzbiereg, 8 Milliounen Euro, an och dee Projet, dee mir hei am Gemengerot gestëmmt hunn, an der Rue de l'Indépendance, Rue des Ecoles, 1,3 Milliounen Euro, dat mécht am ganzen 9,3 Milliounen Euro. D'Rénovation thermique an der Gaffelt, 3,4 Milliounen Euro. An dann de Brill, d'Mise en conformité, 2,3 Milliounen Euro, awer och dee ganze Volet Container a Schouklasse, dat mécht 3,3 Milliounen Euro. Dat mécht 5,6 Milliounen Euro aus. Dann den Neibau vu Balzeng, Etüden, 0,5 Milliounen Euro. Also, wéi Dir kënnt feststellen, sinn et bei wäitem keng iwwerflësseg Projeten, respektiv Projeten, déi een einfach verschibe kann, et sinn noutwendeg Projeten, déi och déi noutwendeg Investor an och Kreditter brauchen. Dëst e bëssen zum generellen Tableau aus der genereller Portée, wat hei d'Dépense-extraordnairen ugeet.

Wann ech och hei op meng Ressorten aginn, de Volet Urbanismus, de PAG ass jo definitiv a Kraaft, mä natierlech schaffe mir un enger ganzer Rei Projekte weider, notament d'national d'Zon ronderëm Koibestachen, do hu mir 300 000 Euro virgesi fir de Masterplang Urbanismus, an och déi ganz Planung an do ass och eng Etüd, déi de Wirtschaftsministère mat der Stad Diddeleng zesummen dréit an och en Urbanismusbüro chargéiert hunn, d'Planung vun dëser urbaner Zon ze maachen an de Staat ass de Moment amgaang, vu dass et eng urban Zon ass, d'Proprietairen ze kontaktéieren, fir déi ze entwéckelen an d'Gemeng hëlleft natierlech och do mat bei der Planung, well jo och eng kommunal Zon do entstoe soll. Och dat hate mir hei am Kader vun de Plan-sectorellen an och am PAG festgehalen.

Da leeft d'Planung ronderëm HELP och weider, och do ass Kontakt opgeholl gi mat eenzele Proprietairen, fir effektiv d'Planung weiderzedreiwten, fir och do eng Activité mixte ze maachen. Dann hu mir Kreditter

virgesi fir d'Ribeschnonter Griecht, fir d'Reewaasser an och well mir do Terrainen hunn an am PAP mat dra sinn, och dat war am PAG esou ausgewise ginn, sou dass mir och do an der Planung mat dra sinn. Dann natierlech Neischmelz, am Hierscht fänken d'Sanéierungsarbechten un, déi zwee Gesetzzer goufen och an der Chamber gestëmmt fir déi néideg Kreditter zur Verfügung ze stellen, fir dat kënnen an Ugrëff ze huelen. Natierlech hu mir Kreditter virgesinn och fir déi Infrastrukturen do ronderëm de Verkäiersgaart an de Streetball, fir dee kënnen ze deplacéieren. Och do hu mir Kreditter agesat a wéi ech virdrun och gesot hunn, och Kreditter am Ordinären an am Extraordinären fir den Transfert vum Silo, respektiv ronderëm dat Lager, wat mir jo do hunn am Stolwierk, an och Kreditter goufe virgesi fir verschidden Adaptatiounen vun de PAPen vun de „Quartiers existants“ respektiv och am PAG misste punktuell Modifikatiounen gemaach ginn a mir hunn op Neischmelz Kreditter virgesinn an Héicht vu 50 000 Euro fir och dat kënnen weiderzeplangen, also wéi gesot, Neischmelz, e Projet, deen eis weider beschäftegt.

Natierlech och de Bassin de rétention zu Biereng, 0,6 Milliounen, dat ass eng Condition sine qua non gewiescht vum Wasserwirtschaftsamt, eng obligatoresch Konditioun fir dat kënnen ze maachen. An, wéi gesot, och d'Aarbechten am Lokomotivatelier lafe weider, viraussichtlech Mäerz-Abrëll hu mer d'Ouverture do vun der Brauerei, nei Momenter, déi natierlech do och opgetaucht si mat Diskussiounen mat der ITM, wou eng Glaswand muss agezu ginn, fir de Schutz ze maachen tëschent dem Restaurant an der Mikrobrauerei, fir och do déi néideg Sécherheet ze garantéieren. Och do si mir am Neiland an hunn eis do misse vis-à-vis vun de Prescriptiounen vun der ITM informéieren an hunn deene misste Rechnung droen. Och d'Renovatiounsarbechten am VEWA ginn deementspreechend weider an natierlech och déi ronderëm eis Lokomotiv, och do kommen d'Aarbechte gutt virun, fir dass se am Laf vun 2023 ka fäerdeggestallt ginn an och virun de Restaurant gestallt ka ginn, fir dass dat e flotten Eyecatcher dann och gëtt.

Dann hu mir natierlech, wat d'Stadentwécklung vum Stadkär ugeet, och déi néideg Kreditter agesat am Shared Space d'Phas 3, wou och viraussichtlech Mäerz oder Abrëll soll fäerdeg ginn, awer och fir d'Phas 4, och dat muss mir weiderféieren och well d'Zäit immens limitéiert ass wann een déi Aarbechte wëll maachen. Et sinn och Kreditter virgesi fir d'Ëmgestaltung vun der Place de la Résidence an der Place Gymnich, parallel zu den Aarbechten zu der Butschebuerger Strooss.

Dann hu mir Kreditter agesat fir d'Fassad vun der Kirch weiderzeféieren, déi éischt Phas wäert 2023 fäerdeg ginn, och Mäerz-Abrëll. Déi zweet Phas, wat d'Tiirm ugeet, dat wäert éischter 2024 ginn, mir hunn do Retarden, mir haten do nämlech zimmlech lwwerraschungen an och Komplikatounen ronderëm d'Renovatioun vun der Roseaie, dat heescht déi Vitraille sinn zimmlech delikat, do missten zousätzlech Etüde gemaach ginn, déi verlaangt goufe vum INPA, dem fréiere Sites et Monuments, a mir hunn och

laang missen op e Retour waarde fir déi néideg Accorden ze kréien. Ech mengen, dat war déi éischt Phas, mä och déi wichtegst, awer och déi fragilste an déi kréie mir och elo 2023 fäerdeg gestallt. Dann ass dee sougenannten Hall polyvalent, den Opbau ass do voll amgaangen, och do d'Fäerdegstellung do normalerweis am Mäerz oder spëtstens Abrëll a polyvalent jo och notzbar an och fir eis Veräiner e klaren a wichtigen Atout fir hiert Veräinslieden, an Dir wësst, dass mir jo och am Gemengerot hei och gutt 59% vum Kredit nogestëmmt hunn. Dann och d'Kreditter ronderëm d'Planung vun eise Gemengenateliere, d'Exkavatiounsarbechten an der Rue de l'Abattoir komme ganz gutt virun. Déi éischt Terrassement-sarbechte sinn och en vue an natierlech d'Kreditter fir d'Acquisitioun vun Terrainen a vun Immeubles bâties, do hu mir och 2 Milliounen Euro agesat, well mir do och dru si fir déi Acquisitiounen ze maachen, fir do abordable Wunraum kënnen ze schafen. Mir sinn also och do an Diskussioun mat de Propriétaires, respektiv mat de Ierwen.

Dann, e bësse méi kleng Projeten, déi net esou dramatesch zu Buch schloen awer och net onwichtig sinn, well se awer eng gewësse Partikularitéit hunn. Am PAP A Bëlleg hu mir Etüden agesat vu 15 000 Euro, well mir do eng Etüd fir e Gemeinschaftsraum wëlle maachen, dat maache mir mat der Initiative NUMA zesummen, fir do och e bësse méi Gemeinschaftsraum ze schafen, grad a Situatiounen, wou mir Logement abordable schafen, fir och do der Kollektivitéit kënnen Rechnung ze droen. E kleng Kredit vu 25 000 Euro ass virgesi fir de Mobilier am Kiosk, dat och bei der Ouverture vun deem neie Gesetz ronderëm d'Hochzäiten, wou mir natierlech och de Koppelen d'Méiglechkeet ginn, sech do ze bestueden, dofir hu mir e kleng Kredit virgesinn, fir Mobilier op der Plaz, wat eise Service dann och d'Aarbecht méi einfach mécht. An dann och e Kredit vun 120 000 Euro par rapport zu der Mise en conformité vum Home vun de Grénge Scouten, wou si jo Propriétaire sinn a wou si natierlech och e Subsid kréie vum Educatiounsministère a wou mir eis natierlech och bedeelegen an si natierlech och déi néideg eege Kreditter musse mat abréngen.

Dann hu mir eng Maschinn virgesi fir eis Schräinerei, fir Miwwelen an Eegeregie ze produzéieren, dat sinn 205 000 Euro. An dann 0,4 Milliounen Euro fir eise Fierpark, fir och deen ze erneieren, dat sinn al Gefierer, déi oft en panne sinn, dofir ass dat och wichteg fir deem kënnen Rechnung ze droen. Dann nach ofschléissend - wat een net kann ausser Uecht loos- sen, virun allem am Budget initial 2023, well dat sinn awer gutt 10,3 Milliounen Euro, souwuel am ordinäre Beräich wéi och am extraordinäre Beräich zesummen - dat sinn eis Gemengesyndikater. Do wäerten och d'Kollegen hei am Detail nach drop agoen an, wéi gesot, déi schloe mat 10,3 Milliounen Euro zu Buch, och dat muss ee virun Aen halen.

Dës gesot, géif ech hei mat menger Presentatioun ophalen, villäicht awer dann nach d'Conclusioun zéi-



en - an dat wäert Dir sécherlech och gesinn, wann d'Kollegen an d'Kolleginnen aus dem Schäfferot drop aginn- dass d'Budgets-presentatioun vun haut am Fong eppes Besonnesches ass well et em Fong déi lescht Budgets-presentatioun ass vum aktuelle Schäfferot an dëser Period, wëssend jo, dass den 11. Juni jo Gemengewale sinn an den nächste Schäfferot den Optrag huet, de Budget 2024 opzestellen. Op alle Fall kann ee soen, dëse Schäfferot oder dës Majoritéit, hannerléisst e Finanza-zoustand, dee sécherlech nach eng aner Marge de manoeuvre Gestaltungsraum, zouléisst an ech mengen, dass dat wichteg ass mir wëssen awer och, dass op Diddeleng an den nächste Joren nach vill a wichteg an interessant Projekte wäerten duerkommen. Stéllstand, respektiv Diddeleng nëmme verwalten, dat war am Fong ni e politesche Choix, dat kann ee sinn, mä et war op alle Fall net eise Choix, dat ass ganz kloer, am Vierdergrond Diddeleng weiderzebréngen.

Déi lescht Budgete fir 2020, 2021 an 2022 an och 2023 ware sécherlech markéiert duerch d'Kris, d'Covidkris, an awer och d'Ukrain, de Krich an der Ukrain, mä et kann een awer soen, dass den Diddelenger Budget, dass déi éffentlech Finanze vun der Stad Diddeleng, déi sinn awer net an der Kris, mir hannerloossen hei eng finanziell Situatioun, déi trotz héijen Investor a ganz rezenten Emprunten - vun 2017 bis 2021 hu mir jo keen Emprunt getäteg - net hypothekéiert ass, bei wäitem net, an ech mengen, dat ass och d'Responsabilitéit, déi een huet fir en equilibréierten Haushalt an enger dach lieweger an dynamescher Stad ëm ze setzen dat mam beschte Wëssen a Gewëssen an och mat kloeren Akzenten. Ech mengen, dass sech Diddeleng gutt weiderentwéckelt huet an sech och wäert gutt weiderentwéckelen, mä dat Diddeleng vu muar steet virun der Dier, wéi gesot, et sinn eng Rei Projekten, déi op eis duer kommen dofir ass et wichteg consolidéiert a gutt Gemeindefinanzen ze hunn an dofir ass och Suerg gedroe gi fir dat ze maachen. Dëst gesot wier ech zum Schluss ukomm vu menger Interventioun an da géif ech d'Wuert weider ginn un de Loris Spina. Merci.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Wéi gesot, ech fänken änlech u mat engem Merci un all eis Servicer, déi un deem doten Dokument matgeschafft hunn, dat war effektiv relativ vill Stress déi lescht Wochen a Méint a virun allem dem Här Pascal Poull a senger Ekip merci, dass se awer all déi wierklech net digest Dokumenter op eng flott Aart a Weis presentéieren. Ech fänken uewen am Alphabet u mat der Biergerbedeelegung, do ass et dëst Joer zum Highlight komm nodeems mir ënnert anerem mat Biergerreit a Biergerpanelen eis selwer, eis Servicer an eis Bierger drop virbereet ze hu fir kënne prett ze si fir dee Budget participatif, wéi mir en ugeduecht hunn, ëmzesetzen, do hate mir dann elo en Appell gemaach an hunn och do ganz flott, interessant an och innovativ Projekte kritt, dat war am Fong geholl e flotte Retour. Dat war jo net onbedéngt esou ze erwaarden déi éischte Kéier, mä wierklech Merci un all déi, déi do mat gemaach hunn,

wéi dat ofgemaach ginn ass, ass do e Comité zesumme komm, dee par rapport zu eisem Reglement déi Projekten analyséiert huet a sechs vun deene Projekte konnten zeréckbehale ginn an déi sinn och elo an deene leschten Deeg zum Vott fräigesat ginn an do ass et elo un de Bierger fir ze wielen, wéi eng Projekten si am Kader vun deenen 100 000 Euro wëllen ëmsetzen an dat gëtt dann d'nächst Joer ëmgesat.

Niewent der doter Enveloppe hu mir eng Rei aner Budgetartikelen virgesinn, natierlech ronderëm d'Kommunikatioun, Dir wësst, dat ass immens wichteg an deem Kader awer och eis Plattform déi dat geréiert ID City, déi Dir och schonn hei virgestallt kritt hutt an dem Kader musse mir dat elo och finanzéieren. De Comité d'accompagnement ass lancéiert an dee wäert och d'nächst Joer zesummekommen an dat alles mat eisem privilegiéierten akademesche Partner, der Uni Lëtzebuerg. Zu Diddeleng gëtt dat vu jonkem a klengem u geléiert, dat demokratescht Deelhuelen un der Gesellschaft, Dir wësst et, mir hunn ënnert anerem de Kannergemengerot, deen dëst Joer mam Barbara De Matheis, Jessy Steffen, Joyce Varela a Lynn Schütz nei Encadrante fonnt huet, flott ass do déi Mixtur vun Enseignanten an Educatrice an Educateuren, dat ass nämlech ganz flott, dann ass dee ganze Kannerberäich, wou si sech daagsiwwer an eise Strukturen ophalen, ofgedeckt. Si huelen natierlech, wann si sech samschdes hei an der Gemeng treffen, d'Iddien an d'Projete vun de Kanner mat op, wou si probéieren, mat ëmzesetzen, awer si hunn sech och op de Fändel geschriwwen, e bësse méi ronderëm d'Kommunikatioun ze schaffen, engersäits d'Kommunikatioun par rapport zu de Schoulen, zu de Maison relaisen an awer och mat enger Newsletter, wou de Gemengerot ënner anerem och kann e bësse méi un den Aktivitéiten an de Sujeten deelhuelen.

Jugendgemengerot, de Gemeinchen-Info-Net, wéi mir dat méttlerweil nennen, gëtt do vun eiser Ekip, dem Mara Lisarelli an dem Rachel Van Hemert vum Jugendhaus mat encadréiert, déi sinn an enkem Kontakt mam Lycée natierlech, déi ginn och reegelméisseg dohinner an do hunn si e bësse probéiert, d'Methodik ëmzesetzen, déi och duerno proposéiert gouf, dat heescht, méi projetsbezunn ze schaffen. Do gëtt et ee Sujet, deen déi Jonk annonciéieren a lancéieren, dee gëtt dann duerno nach eemol opgegraff fir dass aner Jonker sech dru bedeelegen, fir datt dat net esou rigid ass, wéi ëmmer dee selwechte Grupp, deensech muss treffen. Mir probéiere mat deem

doten Usaz e bësse méi Beweegung an deen doten Dossier ze kréien.

Ech mengen, am Allgemengen - de Buergermeeschter huet et e puermol erwänt - ass d'Präisdeierecht e Sujet, deen am ganzen Dokument méi wéi eemol erëmkënnt, Energie, Waasser, Déngschtleschtungen am Allgemengen, verschidde Servicer an Aarbechten, wéi och déi verschidde Matière-première spillen natierlech eng grouss Roll, engersäits punkto Präis, anerersäits kritt een net ëmmer eng Offer, déi néideg Corps-de-metiere sinn net opzefannen, bezéiungsweis net an deenen Delaien, wéi mir eis dat gewënscht hunn, ganz vill - wat dann och a mäi Ressort fält - ass dat och am Evenementiel erëmfannen, do sinn der während der Pandemie vill verluer gaangen oder hunn sech anescht orientéiert. Ech denken do un Tountechniker, Luuchtespezialisten, awer och ronderëm d'Kommunikatioun, do hunn déi sech misen eng aner afale loossen an alles dat dréit natierlech dozou bäi, dass déi Präisser wierklech duerch de Plaffong ginn an de Choix wierklech extrem limitéiert ass. Opfalend ass et och an deem Beräich, dass ganz vill Produit-de-nettoyagë méi deier gi sinn an dat fënnt een och a ganz ville Posten erëm. Sportlech ass et net nëmme fir d'Enner finanztechnesch bäieneen ze kréien, mä Sport wäert och weiderhin an der Sportsstad Diddeleng grouss geschriwwen ginn an dann hu mir d'Sportswelt, déi d'Wonne vu Corona awer nach ëmmer leckt. Engersäits finanziell awer och punkto Benevolat.

Eng Veräinswelt, déi op Benevolat opgebaut ass, déi et sécherlech no Corona schwéier kritt huet, déi verschidde Leit beieneen ze kréien, engersäits hu Verschiddener sech och do anescht organiséiert fir hir Zäit erëmzekréien, anerer hunn e bëssen d'Loscht verluer, si sinn aus dem Rhythmus eraus a pechen um Canapé fest. Awer, mir wëssen, dass de Sport wichteg ass a mir wäerten en och maximal ënnerstëtzen, natierlech fir déi physesch a psychesch Gesondheet vun all Eenzen, de Sport huet och e ganz wichtige soziale Faktor ze spillen, d'Wuelbefannen an d'Identifikatioun mat senger Stad an Diddeleng bleift eng lieweg Stad mat wibbelege Bierger.

Eise Service des Sports huet wierklech d'Aufgab, hei 7 Deeg op 7 a quasi d'ganz Joer dat alles ënnert een Hutt ze kréien an do schwätze mir vu Loisiren, Trainingen, Formatiounen, de Lycée, d'Maison relaisen, Manifestatiounen, Matcher, de Public ze geréieren, Reuniounen, déi an eisen Infrastrukture stattfannen, d'Ecole fondamentale, de Schoulsport, alles dat ass wierklech e Koordinatiounsmarathon, wou eise Service muss iwwerhuelen.

Mir schwätzen do vun 21 verschiddene Sitten, verdeelt op ganz Diddeleng. Bis Mëtt November hate mir do 47 000 Stonne Sport ze geréieren a 66 000 Entréeën, wat Waasser dobannen an dobaussen ubelaangt. An dat alles natierlech mat Infrastrukturen, déi op engem héije Level sinn, dass ee quasi optimal Viraussetzungen huet fir dass de Benevolat a seng sportlech Membere kënnen hirem Sport nogoen.

Hei e komplexen Dossier, deen hu mir schonn ugefaangen, de Projet Strutzbierg - et ass schonn ugeklongen - Dir wësst et, niewent dem Schoulkomplex ass och nach d'Maison Relais, déi dovunner profitéiert, aner Veräiner an och Course fir de Public mussen nei koordinéiert ginn. Eis oppe Schwämm hat eng ganz flott an erfollegräich Saison no de Renovatiounsarbechten, dat ass de Retour, dee mir vun de sëllege Visiteure kritt hunn, awer och vun der Noperschaft. Nichtsdestotrotz si mir amgaangen, eng Analys ze maachen a villäicht dat eent oder anert ze verbessere fir déi nächst Saison. D'nächst Joer wäerte mir e ganz flotten Ofschloss vun der oppener Schwämm-Saison hunn an zwar dierfen do eis Frënn op véier Been, eis Muppen, vun den Anlage profitéieren. Ronderëm de Stade Barozzi gëtt och investéiert, mä och de synthetesch Terrain muss ersat ginn an dat ass och e konsequenten Invest fir d'nächst Joer.

Änlech ass et um Stade Nosbaum, Dir wësst et, mir probéieren do reegelméisseg mat Verbesserungsarbechten de Site notzbar ze maache fir de Club an och fir d'Spectateuren. Ënnert anerem probéiere mir och do ronderëm d'Buvette nei Akzenter fir méi Confort ze setzen.

An de Centre sportif René Hartmann, esou e grousst Gebai brauch och reegelméisseg eng Mise en conformité, do muss geschafft ginn an investéiert ginn an en neie Projet, mir wäerten eng Rei vu Spinnervëloes kafen, well mir do ganz vill Demandë krute fir datt d'Gemeng ka Coursen ubidden an nächster Zukunft. Ronderëm de Stade Meyer an de Stade Kennedy gëtt natierlech nach weider un Etüde geschafft, dat sinn och gréisser Projeten, déi mir wëlle realiséieren an d'SportlerInnenéierung wäert d'nächst Joer am Februar stattfannen an do erwaarde mir e gutt gefüllte Sall, well mir ganz vill flott Resultater zu Diddeleng ze verzechnen hunn an do wäerte vill Kaddoen op eis Laureate waarden. Weiderhi wäerte mir d'Veräiner esou gutt wéi et geet ënnerstëtze punkto Logistik an och materiell mat Subsiden, am Ordinären an am Extraordinären, déi och ëmmer duerch de Gemeengerot ginn. Mir wäerten natierlech de Veräiner hëllefen, fir finanziell d'Enner beieneen ze kréien, de Prix du Benevolat, den Hall polyvalent, alles dat si weider Ënnerstëtze fir eise Secteur ronderëm de Benevolat am Sport awer och déi aner Associatiounen an am Centre sportif René Hartmann, den Time out ass och do net méi ewechzedanken. Punkto Recetten, do hu mir eis üblech Konventiounen, wou mir eis reegelméisseg mam Lycée austauschen a konkret mat deene gesinn, fir ronderëm de Centre sportif René Hartmann an d'Piscine dat opzeschaffen.

Kultur gëtt och d'nächst Joer groussgeschriwwen an zesumme mat eisem engagéierte Personal ronderëm eist Flagggeschëff Opderschmelz, wou eng sozial Präispolitik héichgehale gëtt a virun allem Lëtzeburger Kënschtler sollen ënnerstëtzt ginn, wëssend, dass den Integrationsfaktor vun enger Kultur ganz grouss ass an och den Inklusionsfaktor bei kulturellen Eventer kann een ofschalten, et kann een Neies entdecken, de kritesche Geescht an d'kritescht Den-

ke gëtt hei gekëddelt. Wéi Dir alleguerte sécherlech wësst, war Esch 2022 och zu Diddeleng op Besuch a mir waren e wichtege Acteur bei dëser Kulturhaaptstad, dat war eng grouss a wichteg Erausforderung fir eis ganz Ekipp an eis ganz Stad an et kann ee gäre soen, dass dat erfollegräichst Kapitel vun der Diddelenger Kulturgeschichte d'lescht Joer geschriewe gouf. Niewent deene schlussendlech 22 Projeten, déi am Kader vun Esch 2022 ëmgesat ginn, war et e ganz gewinnte räichhaltege Programm, dee stattfonnt huet, Concerten am Rock, Pop, Jazz, World, a Sing- a Songwriterberäich, mä och Danz an Theater a Literatur goufen hei zu Diddeleng vill ugebueden. Dat klängt net nëmmen no enger enormer Erausforderung, mä dat war et tatsächlech. Eis Centre d'Arten hunn och funktionéiert an do hate mir dräi gréisser Ausstellungen, engersäits d'Retrospektiv vum Adams Ansel, Antidote Fiction an de Retour de Babel natierlech. Gewonnen Highlights hei zu Diddeleng waren den Zeltic, Like a Jazz Machine, Fête de la Musique, de Kannerbicherdag natierlech, virun allem no zwee Joer Pandemie huet dat richteg guttgedoen.

Fir déi ganz Envergure e bëssen z'illustréieren, och hei e puer Zuelen: 2022 war eisen Taux d'occupation an eise kulturellen Infrastrukturen op bal geckegen 93%, also mir schwätzen do vun 338 Deeg, wou do opgebaut, geprouft, opgetrueden an nees ofgebaut gouf. 216 Manifestatiounen sinn do geréiert ginn an et waren och verschidde ganz komplex Manifestatiounen a Produktiounen dobäi. Och eng Rei vu Proufdeeg natierlech an no de Covidjore waren am Kulturjoer nees méi kulturell Eventer, wat eis alleguerte guttgedoen huet. Hei e puer Zuelen, mir haten d'lescht Joer ronn 21 800 Zuschauer. Do zielen ech dann eis Musekschoul an eis Harmonië mat hiren Eventer mat dobäi an dann hate mer nach eemol 1 300 net-kulturell Zuschauer ze verzechnen, sou dass mir iwwer 23 000 Visiteuren do gezielt hunn. Dobäi kommen nach déi 60 000, déi mir hate bei de Festivallen, natierlech d'Fête de la Musique an e sensationellen USINA, dee mir konnte materliwen, awer och den Nationalfeiertag, d'Fête des Cultures, de Marché du Monde an de Summer Stage, déi mir alleguerte kennen, haten och hiren Erfolleg. Weider 9 000 Leit sinn an eisen Centren d'Arten an- an ausgaangen, den Hall Fondouq an d'Pommhaus net ze vergiessen, awer och de VEWA, deen excellent gestart ass an awer och eis Frënn vum Filmowend hu mir hei och dobäi gezielt. Jo, am ganzen hate mir also 95 000 Visiteuren, déi u kulturelle Manifestatiounen deelgeholl hunn, déi eise Service culturel organiséiert huet, also en imposante Chiffer. Residenzen, do hate mir och, natierlech well dat ganz nees ugekuerbelt ginn ass, eng Hausse, 128 Artisten hu mir do gezielt, déi virun allem am Dudetown House an an eisen Apartementen ënnerbruecht waren.

Ech hat virdu vum der Lëtzebuerger Zeen geschwat, 64% vun den Artisten, déi hei opgetruede sinn, waren national Artisten, dat weist, dass mir eisen Objektiv domadder eescht huelen an och erreicht hunn. Et ass eng Zuel, déi eis beweist, dass déi Lëtzebu-

erger Zeen hei ënnerstëtzt gëtt, mir ginn hinnen hei d'Méiglechkeet hiert Kënn virun engem breede Publikum ze presentéieren. Wann een e puer Highlights hei wëlt erauspicken, ass dat natierlech wéi gewosst den USINA, wou se a Kollaboration mat eise Gemengeservicer natierlech an awer och mat den Ekippe vum Atelier a vum Gudde Wëllen onvergiesslech Momenter presentéiert hunn. Iwwerhaapt, déi 22 Projeten hu groussen Uklang fonnt an ech wëll erwänen, dass mir eng Rei vu flotte lokalen Acteuren do mat am Boot haten, natierlech eise Centre de Documentation sur les Migrations Humaines de Filmowend den IKA CMCI, fir nëmmen déi ze nennen. Luxcom, wat och nei war zu Diddeleng a wat mir och wäerte weider féieren, déi Geschicht war ganz beléift an huet och fir en innovative Moment gesuergt.

Den D-Kollektiv, dat ass virdu och scho mam Här Buergermeeschter ugeklungen, deen ass am VEWA definitiv installéiert an dorobber si mir extrem frou, dass déi elo op Orbit sinn an do wäerten nach ganz vill a flott Momenter op eis waarden. Fir 2023 hu mir natierlech erëm ganz vill grouss Nimm z'annoncéieren, den John Cale vu Velvet Underground, de Walter Trout an awer och den Tommy Emmanuel, deen als warscheinlech beschte Gittarist vum der Welt vum Eric Clapton gekürt gouf an ech géif einfach mol behaapten, den Eric Clapton, deen huet Anung. Den (Alan Rollings ?) kënnt op Diddeleng, de Lionel Look an d'Anna Popovic wäerten erëm op Diddeleng kommen awer och Camerade si scho confirméiert. De Kannerbicherdag, dee kritt méi e jugendlechen Touch dëst Joer, dat heescht, dat gëtt e bëssen ausgeweit punkto Interessegebitter, fir de Jugendberäich och ofzedecken.

No eiser flotter Erfahrung dëst Joer, dass den Zeltic am Kulturzenter stattfanne wäert, mir wäerten dat och en Dag verlängeren an dat erkläert och, dass de Budget e bëssen an d'Luucht geet a souwisou d'Käschtenexplosioun, virun allem weinst Personal-mangel am Beräich vun der Eventtechnik, wéi ech virdu gesot hunn, wäert dann och de Budget vun der Fête de la Musique e bëssen eropdrécke mussen, woubäi ech awer totaal Vertrauen hunn an eis Ekipp, dass déi aussergewöhnlecht 30. Editioun och wäert flott a spannend fir eis alleguerte ginn. De Moment gëtt nach weider un der Editioun vum Usina 2023 geschafft, et gëtt natierlech e bësse méi kleng wéi d'lescht Joer, well mer och e bësse manner Suen do investéieren an trotzdem wäert dat sécherlech e flotte Moment ginn. Um Niveau vun de Recettë gouf et erfreescheerweis eng Hausse vu ronn 50% bei de bezuelten Entréeën, dat ass natierlech e flotte Moment, och dat weist, dass engersäits d'Attraktivitéit héich ass an och eis sozial Tariffer oprechterhale bleiwen. De Kulturpass gëtt natierlech bei alle Manifestatiounen ugeholl. Staatlech Konventiounen kréie mir och weiderhin, Diddeleng ass Musterschüler, wéi se beim Staat ëmmer soen, do freeë mir eis och op déi Konventioun, bezéiungsweis op déi Subside virun allem.

E weideren Acteur an der Kulturwelt hei zu Diddeleng ass eis Bibliothék, do si mir natierlech nach am E-Book Projet mat dran. Och si mir am nationale Bib-Reseau vertrueden. Eis Bibliothék ass och e sozialen Treffpunkt ginn, wou Leit zesummekommen an hellen a moderne Raimlechkeeten, wou eng ganz engagéiert Ekip op si waart. Ganz vill Zäit verléiert des Ekip nom Switch vum Aleb- an den Aula- Programm, wou mir net dolaanscht kommen, dat hate mir hei diskutéiert, et ass e komplizierten a schwéierfälligen Iwwergang, wou och ganz vill Formatiounsstonnen dropgi fir eis Ekip. Knapps 37 000 Titelen hu mir an eiser Bibliothék, bis viru kuerzem hate mir 16 000 Visiteuren, 10 600 Prête ze verzechnen, dat gëtt ongeféier 900 Prête pro Mount an och 300 nei Memberen ze verzechnen. Ech wollt den Ofschloss maache vun eiser Séance académique am Kader vum Centenaire, do ware ganz vill Liesungen an der Bibliothék, déi stattfonnt hunn, Workshops, Familljendag, Kannerbicherdag ass eng Plaz an hirer Programmation a ganz vill lëtzebuergesch Auteuren a Geschichtenerzieler dierfen och hei oprieden.

Den Zougang ass natierlech gratis an einfach gehalten an et ass wichteg, dass sech d'Leit informéiere kënnen, sech an de Bicher verléieren dierfen an och allméiglech Informatiounen a Wëssen hinnen zur Verfügung gestallt gëtt. Et ass eng Programmation, déi och ganz vill ronderëm d'Kanner opgebaut ass, well eng ganz gutt an enk Zesummenaarbecht mat eisen Ecole-fondamentallen an eise Maison relais besteet, a fir eis ass et elementar, dass mir deene Klengste Freed um Liesen a Fantasie vermëttelen. Médiathèque numérique, nationale Pilotprojet, Video on demand, do schaffe mir natierlech als Diddelenger och mat drun. Och hei kréie mir déi üblech Subside vum Staat, well mir och hei d'Conditione méi wéi erfëllen.

Den CDMH, dee gesitt Dir och am Dokument erëm mat 50 000 Euro, dat ass eise laangwierege Partner aus dem Quartier Italien, hir Archive si geplënnert a si gutt an adequat ënner Dag. D'nächst Joer schaffe si ganz vill ronderëm déi portugisesch Kolonialkriecher an dat zesumme mat der Uni Lëtzebuerg, d'Uni Köln begleet eis bei engem Colloque iwwer Jugend in der Migratiounsgesellschaft, an et gëtt weiderhi gefeiert d'nächst Joer mat Fester a Manifestatiounen, wou een sech endlech ka méi oft gesinn a begéinen, do kann een dat feststellen, et kann ee feieren, ofschalten, och mol vun engem längere Gemengerotsnomëten, dat huet Tradition hei zu Diddeleng an dat ass och gutt an dat verbënnt eis alleguerten.

D'Mäert an d'Kiermesse si ganz beléift, do gi reegelméisseg nei Impulser vun eise Service ëmgesat an ugeduecht. Nohaltegkeet ass do natierlech e grouse Sujet, do wäerte mir am Januar eis mat de Veräiner ronderëm déi Charte do zesummesetzen, sou wéi dat ofgemaach gouf, hei gëtt vill vum Budget opgefriess vun der Sécherheet an der Publicitéit, mä do komme mir och net dolaanscht. Nei Akzenter, d'nächst Joer wäerte mir e Sweet Festival organiséieren an och en

Hobbymaart, well mir do ganz vill kreativ Diddelengerinnen an Diddelenger hunn, déi eis dat gefrot hunn. Deen anere Programm, dat kënnt Dir am Prinzip och, d'Buergfest, de Kleesche wäert och d'nächst Joer erëm op Diddeleng kommen, den Alternative Maart, Eat, Beat and Culture, d'Ennerstëtzung vum Benevolat, deen, wéi mir gesot hunn, wäert weidergemaach ginn a mir hoffen op e flotte Summer, Spill a Spaass. Dann, aner Eventer a Fester, och do hunn si hir Fangere mat am Spill, ech denken do un Inauguratiounen, do hëllefen si eis och ëmmer ganz vill an si sinn am permanente Kontakt mat eise Veräiner an Associatiounen.

Éier ech elo ofschléissen, wëll ech dat nach eemol opgräife ronderëm den SES, well ech do eis Gemeng verrieden. Mir hunn et gesot, 1,9 Euro de Kubikmeter dat huet de Buergermeeschter eis ugekënnegt, do si mir ofhängeg vum SEBES. De SEBES an d'Salairë maachen 90% vum Budget vum SES aus, dat ass e Budget, dee wuel diskutéiert gouf, well et awer enger Rei vun Erklärungen bedarf, och firwat et zu där Hausse komm ass, also do ware flott a spannend Diskussiounen, woubäi de Budget awer herno unanime ugeholl gouf. E banaalt Beispill fir ze weisen, wéi schnell dat awer an deem Beräich geet, de SEBES huet am Kader vum Stroum vun engem Joer op dat anert vun 2 op 7 Milliounen missen erhéijen, well de Stroumpräis eben explodéiert ass, dat si 5 Milliounen just op deem. Weiderhin ass et natierlech wichteg, dass de Reseau qualitativ héich bleift an d'Sécherheet och, do mussen natierlech Kooperatiounen gesicht ginn, ënnert anerem investéiere mir an dee Reseau, beziungsweis an Aktivkuelefiltere mat 250 000 Euro, dat geet also relativ séier an d'Dausenden eran. Wat heescht dat fir de Bierger? Wann een elo d'Beispill vun engem Stot vu véier Persounen hält, dann ass déi Hausse, dat kascht dann 80 Euro d'Joer ongeféier. Do kann ee soen, dat ass net vill an awer ass dat eng weider Drëps an déi Richtung, wou d'Leit mussen méi bezuelen. Mä, wéi gesot, mir kommen do net dolaanscht, et ass och unanime ugeholl ginn an et geet och an déi Richtung weider.

Och an anere Ressorten erkennt een hei eng gewësse Kontinuitéit, déi ugefaangen huet mat der Schäferotserklärung am Ufank vun dëser Mandatsperiod. Joer fir Joer sinn déi Projeten ëmgesat ginn an dat no aktuellste Gegebenheeten a Besoine vun eise Diddeleng ugepasst ginn, fir da beschtméiglech ëmgesat ze gi mat eise Services. An engem gesonde Rhythmus hu mir eis weiderentwéckelt ouni eis Stärken a Liewensqualitéit opzeginn. Diddeleng ass weiderhin eng lieweg, dynamesch an attraktiv Stad, wou ee gären dra wunnt an sech gären ophält. Méi wéi eppes fir jiddereen ass hei dobäi wou een sech wuel fülle kann, ofschalte kann, sech amüséiere kann, sozial Kontakter knäppe kann, matenee matschaffen, matdenken, Sport a Kultur sinn op engem héijen Niveau fir jiddereen zougänglech, Traditionen a Fester ginn ugebueden an dat an engem ganz flotten Ambiente. Deemno ass et ëmmer erëm derwäert op Diddeleng ze kommen oder hei ze bleiwen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Loris Spina fir d'Presentatioun vu sengem Deel. Ech ginn d'Wuert weider un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci Här Buergermeeschter, ech ginn dann traditionsgeméis mat mengen zwee gréisste Ressorten, dat ass dat Soziaalt an et ass den Natur- an Ëmweltschutz. Ech fänke mat deem Sozialen un, Affaires sociales, dat gëlt, de Bierger a schwierige Liewenssituatiounen ze hëllefen, sou wéi hir Ënnerstëtzung, gehéiert zu deene soziale Komponente vun der LSAP-Politik gehéiert.

D'Aarmutsbekämpfung stellt eng weider Prioritéit vun eis duer. Solidaritéit hei zu Diddeleng ka keen eidelt Wuert sinn. D'Gemeng Diddeleng wäert weiderhin am soziale Beräich hir Verantwortung droen an och iwwerhuelen. Hei zu Diddeleng hu mir am soziale Beräich, 6 Pilieren, dat ass den Office social, eise Service d'Emploi, eise CIGL, eise Service à l'égalité des chances et la non-discrimination, eis Cellule Logement an eise Service Logement. Aarmut hei zu Lëtzebuerg, ass alles eng Saach vun Definitioun, de Risiko hei ass an de leschte jore konstant gewuess a läit elo bei +/- 19% vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung. Besonnesch säit 2011 ass e besonneschen Trend no uewen ze mierke gewiescht a besonnesch spëtstens elo dëst Joer mam Ukrainkrich a mat de steigenden Energiepräisser lafen d'Leit ëmmer méi Gefor fir an d'Aarmut ofzerëtzen. 2011 waren et nach 13,6% vun der Bevëlkerung betrëff, haut leie mer bei +/- 20%. Wou et ännert ass ze wëssen, mä et ass schwierig eng exakt Definitioun ze maachen. De Begrëff Aarmut léist sech nëmme subjektiv deiten, do versteet also all Mënsch eppes anescht ënnert dem Term Aarmut. Et muss ee wëssen, dass d'Aarmut jee no Gesellschaftsform, Sozialroll a Geschlecht funktionéiert. Ouni déi staatlech Zouschëss, also déi sougenannt sozial Transferten, wéi zum Beispill d'Allocation familiale oder d'Allocation de vie chère, Chômagegeld an esou weider wiere méi Leit hei zu Lëtzebuerg vun der Aarmut betrëff. Aarbechtslosegkeet, deiere Loyer, Unfall, Scheedung, Faillite, alles dat sinn Ursaache fir dass Leit ënnert anerem bei eis an den Office social musse kommen.

Da kommen ech zu eiser Maison sociale, wou effektiv den Office social doheem ass, awer och eis Leit vum ONIS, déi do schaffen. Iwwer den Office social wëll ech haut de Moien net an den Detail agoen. Dir wësst, mir hunn de Mëtteg um Ordre du jour nach eemol de Budget an den Aktivitéitsbericht, do gitt Dir all déi Zuele gewuer, déi Dir musst wëssen. Ech wëll just hei op dëser Plaz profitéieren an drop hiweisen, dass all eis Leit an der Maison sociale net nëmme duerch dëst Joer, mä och dat Joer virdru musse permanent vill schaffen, konzentréiert schaffen an - wéi gesot - si sinn déi Leit, déi mussen deenen aneren ënnert d'Äerm gräifen, fir dass se aus dem Misär erauskommen. Zu der Maison sociale gehéieren awer och eise Service Logement an eis Cellule Logement GLS, Dir wësst, déi Situatioun op deem sougenannte



fräie Wunnungsmaart ass bekannt. Fir vill Leit sinn A d'Loyeren ze héich an B d'Unzuel vun de Wunnengen, déi se kënnen kafen oder lounen, ass geréng. Heigéint mécht Diddeleng am Kader vu senger Méiglechkeeten eng aktiv Wunnungsbaupolitik. Ech wëll drun erënneren, dass mir net méi spët wéi am November, d'Aweigung vun neie Logementer an der Rue du Commerce haten, dat waren 10 Chambre-meubléeën an 2 Appartementer. Ech erënneren drun, dass mir am Fréijoer 2023 wäerten op Lenkeschleé mat 5 Maison-unifamiliale fäerdeg ginn an et ass scho gesot ginn, an der Rue Nic Bodry, wou mir 4 Maison-unifamiliale mat Logement-intégrée wäerte bauen, mat 2 Maison-bifamilialen, déi do wäerte fäerdeg ginn. Also, am ganze ginn do 12 Wunnunitéite geschaf. Ech erënneren och un de Lotissement am Quartier A Bëlleg, wou mir wäerten 20 Wunnunitéite kafen, dat wieren 3 Maison-unifamilialen, plus 17 Appartementer. Et ass och scho gesot ginn, ouni elo an den Detail ze goen, mir sinn a Verhandlung mat engem Kaf vun zwee Haiser vu Privatleit, wou ech awer elo net wëll soen, wou genau dat ass. Dat ass eng Saach vu Verhandlungen, mä do entstoen am ganzen 10 bis 11 Unitéite, déi dann do zousätzlech dobäi kommen.

Dann erënneren ech un eis Cellule de contrôle vum Logement, déi ënnert anerem déi berüümt-berüchtigt Kaffiszëmmere kontrolléiere ginn, fir dass do och alles esou ass wéi et soll sinn. Do maache mir eis net ëmmer vill Kollege bei de Propriétaires, jiddefalls ass et ganz ganz noutwennig, dass eis Leit do reegelméisseg kontrolléiere ginn, fir dass do d'Qualitéit héich bleift. Da wëll ech op déi gutt Zesummenaarbecht agoe mat all eise Partner, dat ass AIS, Croix Rouge, Jugend- an Drogenhëllef, Service surendetement, Profamilia, den Cent Buttek an och de Fréisenger Kleederschaf. Fir dass alles klappt mat der Solidaritéit a mam Zesummeliewen hu mir erfollegräich Zesummenaarbecht säit Joren duerch d'Aide familiale, dat ass eng Ënnerstëtzung am Stot, zum Beispill wann ee krank ass, Subventiounen beim Kaf vum Schoulmaterial, eise Plan d'action Canicule, Tealalarm, Weltbuttek, Label Fairtrade fir d'Gemeng, Entwécklungshëllef, well d'Solidaritéit hei zu Diddeleng hält net op eiser Grenz op, ech denken do un „Diddeleng hëllef“ alles dat si Partner, mat deene mir zesummeschaffen an - wéi gesot - dat Thema Solidaritéit an Zesummeliewe gëtt an deem Domaine groussgeschriwwen. Ech wëll awer och aner Solidaritéitsaktiounen ernimmen, wéi mam SPAD déi Kasstratiounscampagne fir Muppen a Kazen, déi am Bud-

get erëmfanne sinn a selbstverständlech ass en ganz décke Batz de Neibau vum Asyl virgesinn, wou nächst Joer wäert a Betrib goen. Dann och fir Natur an Ëmwelt, d'Fleegestation fir wëll Déiere, déi ginn och vun eis ënnerstëtzt.

Da ginn et nach vill Klenggekeeten, déi am Budget net erausstinn an awer fir déi Organisatiounen, wou mir hëllefen, ganz wichteg sinn. Ech huele just zwee Beispiller, wat mir eréischt ganz kuerz haten, dat ass den Cent Buttek, do hutt Dir am leschte Blietchen eng ganz Sait Annonce, déi mir bezuelt hu fir déi Asbl, dat ass „Kleinvieh macht auch Mist“ awer jiddefalls fir eis ass et net vill awer fir eng Asbl ass dat en deieren Invest fir esou eng Sait ze bezuelen a mir als Gemeng hunn dat iwwerholl. An dat zweet ass, an dat mécht d'Saach da méi dramatesch Société Kolping, déi aalt Gezei asammelt, ware scho virun 2 Joer un eis erugetrueden, fir dass mir fir si déi giel Tute géinge verdeelen an net méi spéit wéi dëst Joer hu mir dat erëm gemaach an och d'Annonce bezuelt, well et kumt en neie Moment dobäi, oft fanne se keng Entrepreneure méi oder aner Leit, déi mat engem Camion hannendru fuere fir kënnen déi giel Tuten anzesammelen. Do hu mir als Gemeng dann zwee Camionen zur Verfügung gestallt, plus sechs Aarbechter, déi da samschdes geschafft hunn. Alles dat si Klenggekeeten, et ënnersträicht awer vun eiser Gemeng aus, datt Zesummeliwen a Solidaritéit, dass dat bei eis awer keng eidel Wieder sinn an - wéi gesot - och wann dat am Budget net dramatesch zu Buch schléit, awer fir déi Associatiounen ass dat en décke Batz.

Aarbecht a Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet bréngt Diddeleng op eng ganz al Traditioun zeréck. D'Gemeng Diddeleng ass nach ëmmer déi eenzeg, déi e Service d'Emploi ubitt. Zu dësem Service d'Emploi, deen ass 1994 als Pilotprojet gegrënnt ginn a säit deem gëtt hei bei der Féierung vun den Aarbechtslosen eng ganz virbildlech Aarbecht geleescht. Sait 1997 huet d'Gemeng effektiv och offiziell den Service d'Emploi, eng Ulafstell fir Leit op der Sich no Aarbecht, ageleet. Am Service d'Emploi schaffen dräi Mataarbechter à plein temps, hei ginn dann d'Leit bei hirer Aarbechtssich begleitet. D'Aarbecht vum Service d'Emploi gëtt net méi kleng, ech ginn se just eemol kuerz un, A Betreuer a Beroder vun de Leit, déi eng Aarbecht sichen a B maachen si d'Betreuer vun eiser Initiative sociale dat klengt an zwee Sätz no relativ wéineg mä wann ee weess, dass d'Stärkt vun dem Service dat Individuell ass, dass mir Leit do vun A- Z begleeten dat hält ganz vill Zäit an Usproch an och vill Energie an si maachen do eng herrlech Aarbecht an dréitens d'Zesummenaarbecht mat all eise Partner, de Lycée Nic Biever, de Service a l'égalité des chances, den Office social, de Service Ensemble, d'Maison des Jeunes an de Projet Outreach, d'ADEM, d'Chambre des Salariés, eise City Manager an och d'Entreprises, déi hire Site op der Gemeng Diddeleng hunn, alles dat si Partner, déi intensiv a gutt zesummeschaffen.

Da kommen ech op eise CIGL ze schwätzen den ass nach ëmmer d'Haaptzil fir d'Aarbecht also d'Leit an eng Aarbecht eranzebréngen, also eng Perspektiv ze ginn, do kréien se A. bei eis eng Aarbechtsplaz ugebueden a B. Weiterbildungsméiglechkeeten, fir op den éischten Aarbechtsmarché erëm zeréckzekommen. Duerch den CIGL kréien déi Diddelenger Bierger och eng Verbesserung vun hirer Liewensqualitéit duerch Déngschtleeschunge wéi zum Beispill eisen Coup de main an och eise Recycler. Weider Aarbechten, déi de CIGL fir Diddeleng iwwerhëlt, dat sinn Entrepreneuraarbechten op verschidde Sitten am Kader vum Espace vert, wéi d'Cité jardinière de Mäerchepark, de Buerfousswee am Park Le'h de Kanner Wanderwee am Park Le'h, de Butschebuerger Schoulgaart, um Deich, d'Schoulgäert an der Rue des Champs, am Angeldall an hannert der Butschebuerger Schoul an och de Fauchage tardif vun November bis Mäerz an der Zone industrielle Riedgen a Wolser an neierdängs d'Zesummenaarbecht mam STEP am Kader vum Secondhand Shop.

Chancëgläichheet a Solidaritéit ass hei schonn ëmmer en Thema bei eis an der LSAP gewiescht mir wëllen déi do bis elo gefouert Politik a Chancëgläichheet an Integratioun consequent weiderféieren. Mir si bei der Schafung vum Service à l'égalité des chances et à la non-discrimination nei Weeër gaangen. D'Leit kréien hei konkret Hëllef ugebueden fir eng Léisung fir hir Problemer ze fannen zum Beispill Zougang zum Aarbechtsmarché awer och den Ofbau vun haislecher Gewalt. Weider Missiounen vun deem Service à l'égalité des chances sinn d'Chancëgläichheet fir Fraen a Männer op lokalem Plang ze promovéieren an eiser Gesellschaft soll et grondleeënd Viraussetzung sinn, dass d'Fraen a Männer d'selwecht behandelt ginn, gläichwäerteg ugesinn a gläichgestallt bedeelegt sinn. D'Aktivitéiten an deem Service sinn ënnert anere eng Funktioun ze hu par rapport zu der Gemeengepolitik, d'Ausschaffe vun engem Programm op der Grondlag vun der europäescher Charte, fir Chancëgläichheet an der Verwaltung a Betriber ze garantéieren, d'Chancëgläichheet och fir Bierger a Biergerinnen ze garantéieren a fir dat hinne méi nozebréngen, maachen se permanent Sensibilisierungscampagnen, zum Beispill Konferenzen, Workshops a Formatiounen gi vun hinnen organiséiert.

Ech kommen dann op d'Energie an Ëmwelt ze schwätzen, Dir wësst Ëmweltschutz ass net nëmmen Natur a Landschaftsschutz, Ëmwelt an Naturschutz ass eng partnerlech Zesummenaarbecht vu Gemengen zesumme mat der Wirtschaft an de Bierger. Op lokalem Plang sinn d'Gemenge gefuerdert, selbstverständlech eng Virreiderroll ze spillen. Als Klimaschutzgemeng an och als Besëtzer vun engem vun den Naturschutzgebidder Haardt huet Diddeleng d'Vepflichtung nohalte mat sengen natierleche Ressourcen ëmzegoen, d'Aarteivfalt ze schützen an domadder och Ëmwelt- an Naturschutzpolitik aktiv ze bedriewen. Diddeleng ass a bleift eng Stad mat héijer Liewensqualitéit. D'Gemeng muss sech consequent hirer ekologescher Verantwortung stellen an et gëlt,

global ze denken a lokal ze handelen. Ëmweltschutz geet bei jidderengem vun eis un.

Ech géif dann e kleng Resumé maache vum Joer 2022, wat ganz kloer am Zeeche stoung vun zwee Klimapaktauditen, de Bäitritt zum Naturpakt, den Ofschloss vun eise Nohaltegkeetsmasterplang an d'Validéierung vun eise Covenant of Mayors Dossier. Klimapakt: Dir wësst, mir haten den 31. Januar 2022 deen éischten Audit am Klimapakt 2.0 mat engem neie Musterkatalog an eng nei Bewäertung, mir si mat 61,6% zertifizéiert ginn an de 27. Oktober 2022 hate mir den zweeten Audit an do si mir mat 70,1% zertifizéiert ginn. Dat heescht, Dir gesitt, mir hunn zougeluecht, dat weist, dass op deem Dossier seriö geschafft gëtt. Am Zesammenhang mam Klimapakt sinn 2022 vum Schäfferot wichteg Decisiounen geholl ginn, fir dass mir déi 70% konnten erreechen, dat sinn alles administrativ Decisiounen, Deliberatiounen, déi musse geholl gi fir weiderzeschaffen. Dat wier zum Beispill d'Decisioun, all eis nei Gebaier dem Nohaltegkeetslabel DGNB zouuerdnen ze loossen, d'Absichtserklärung zu ëmwelt- a klimarelevante Weiderbildung fir d'Personal an der Gemeindeverwaltung. D'Recommandatioun, dass vun den concernéierte Gemengen an de Planenden de Leitfaden „Gutes Licht im Aussenraum“ consultéiert gëtt, d'Averständnis fir kënnen e Klimadag ze organiséieren, d'Deliberatioun, dass all déi wichteg Decisiounen vu kommunale Strategien op Projeten dem Klimapakt ënnerzuginn, d'Decisioun fir Fotovoltaik op den Dächer vun de Gemengegebaier weider auszubauen. Fir deen zweeten Audit war et och wichteg, dass de Gemengerot fir den 30. September 2022 dat neit Klimaleitbild gestëmmt huet. Dëst Leitbild gouf vum Service écologique Virentwurf, doropshi mam Climateam weider ausgeschafft an och enger Befroung duerch de Biergerpanel ënnerzunn.

Naturpakt: De 7. Abrëll 2022 hate mir déi éischt Reunion mat eise Naturpaktberoder vum SICO-NA an den 1. Dezember hate mir och eng Reunion mat eiser Ëmweltkommissioun, déi bekanntlech eist Naturpakt-Team ass an do wäerte mir d'nächst Joer kënnen konkret weiderschaffen.

Den Energieverbrauch an de kommunale Gebaier an d'Präisdierecht wou d'Gemeng am September an am Oktober eng Rei vu Mesurë kommunizéiert, déi geholl gi fir um Niveau vun de Gemengegebaier an der Stroossebelichtung Energie anzespueren. De Masterplang, respektiv de Covenant of Mayors, den Nohaltegkeetsmasterplang konnt 2022 fäerdeg gestallt ginn a gouf den 18 Juli dem Gemengerot an enger informeller Reunion virgestallt an am Gemengerot vum 30. September als Klimaaktiounsplang gestëmmt. Den Nohaltegkeetsmasterplang huet a senger 1. Versioun 136 Moosname fir eis Klimaleitziiler ze erreechen. Den Nohaltegkeetsmasterplang gëtt all Joer engem Monitoring ënnerzunn a ka permanent ugezunn an erwidert ginn. Den Nohaltegkeetsmasterplang ass vum Covenant of Mayors och als C-Cup ugeholl ginn an d'Stad Diddeleng ass déi eenzeg vun 13 Gemengen am Covenant of Mayors,

déi all Bedingungen ëmgesat hunn, well mir och eng Risiko-Iwwerleeung agereecht hunn. De Klimaaktiounsplang ass mat aacht vun néng Méiglechkeete validéiert ginn an de leschte Punkt, deen nach opsteet, ass eng Bestandsopnam vun der Energiearmut. Och de Covenant of Mayors gëtt all zwee Joer engem Audit ënnerzunn.

Nachhaltigkeit macht Schule: Dir wësst, dass de Projet „Energiesparen macht Schule“, no 10 Joer ausgelaf ass an ass d'lescht Joer, respektiv dëst Joer duerch d'Campagne „Nachhaltige Schule“ mat der Energie Agence ersat ginn. Dëst Joer hu scho véier Schoulen deelgeholl, dat ass Lenkeschléi, Deich, Strutzbiereg a Butschebuereg. D'Campagne ass positiv vun der Schoul opgeholl ginn an och de Feedback vun den Elteren, deenen hir Kanner participéiert hunn, war ganz positiv.

Stroossebelichtung: An deem Beräich hu mir 2021 111 nei Maste mat 111 LED-Stroosseluuchten installéiert.

Klimabündnis: Diddeleng ënnerstëtzt säit 2019 an deem Kader och vun der Nord-Süd Kooperatioun am Klimabündnis de Projet Masipak op de Philippinen, deen d'Ëegeversuerung vun de lokale Räisbaueren, d'Ernährungssécherheet, d'Biodiversitéit vun Räissaatgut an d'Upassen un de Klimawandel fërdert. D'Energieberodung an den Haushalter am Kader vun der Klima-Agence, Infopoint, mat de STEP-Gemenge goufen zu Diddeleng vu Januar bis Oktober dëst Joer 87 Berodungen duerchgeholl. Wann ee bedenkt, d'lescht Joer waren et am ganze Joer 56, et gesäit een, dass do d'Tendenz steigend ass, déi Berodunge gi bei de Leit doheem duerchgezunn. Solar- an Thermographiekadaster: Deen ass 12 049 mol dëst Joer - Stand 17. November - consultéiert ginn, och do ass den Trend no uewen ze verzechnen.

Subventiounen fir all Energiealternativ: Stand November 2022 hu mir 346 Demandë vu Bierger erakritt, déi vun de Subventiounen am Energieberäich wëlle profitéieren a mir hunn am Budget vun 110 000 Euro op 125 000 Euro missen héijen, fir bis zum Schluss vum Joer all déi Subventiounen kënnen ausbezuelen. De Gemengerot huet a senger Sitzung vum 29. Abrëll d'Subventiounsreglement ugepasst an och eng Subventioun fir d'Reparatur vun elektreschen Haushaltsgeräte agefouert.

Loftqualitéit: Am Kader vum Klimapakt ginn zwou Miessungen zesumme mat der Ëmweltwoch weidergefouert, dës Miessunge ginn op fënnf Plazen ofgehalen, dat ass an der Rue du Commerce, um Rond-point Lëtzebuereger- Bierenger Strooss a Shared Space, op der Kräizung Rue du Centenaire-Rue de la Libération an an der Butschebuereger Strooss. D'Auswärtunge fir 2022 sinn nach net komplett ofgeschloss, et kann een awer elo scho sécher dovunner ausgoen, dass de Joresgrenzwäert net iwwerschratt wäert ginn.

Offallwirtschaft: Fir dat opgeschlosse Joer 2022 louch eisen internen Taux de recyclage bei 56,61% knapp 1 Prozent méi héich wéi 2020 an de Käschen-deckungsgrad vun eise Offallwirtschaftsbetrieb läit am opgeschlossene Joer 2022 bei 74%.

Superdreckskecht fir Betriber: 2022 sinn d'Maison relais Ribeschpont an d'Schoul Lenkeschlei als weider Gebaier zertifizéiert ginn. Am Kader vun der Offallvermeidung kruten 209 Kanner aus dem Cycle 1.1 fir de Schoulufank eng Schmierekécht aus nowuessenden an ökologesch ofbaubare Rohstoffe an e qualitativ héichwäertege Bidon fir hiert Waasser ze fëllen.

D'Ëmweltkommissioun ass 2022 fënnefmol zesumme komm.

De Floumaart de 14. Mai 2022 konnt nees stattfannen a gouf als éischt Green Event vun der Gemeng organiséiert, do ware 67 Stänn present. Faires Frühstück: Den 2. Juli 2022 konnt dat erëm organiséiert ginn a fir deen Event hate mir de Green Label kritt an dat war e Succès, et waren iwwer 400 Leit, déi dee Moie passéiert sinn. Fairtrade-Gemeng: Och do hu mir den 1. – 15. Mee 2022 matgemaach, 11 Restaurants oder Bäckereien hu matgemaach an e Menu mat fairen Ingredienten ugebueden.

Anti-Littering: 2022 sinn och weider Anti-Littering Campagnë gefouert ginn, de Schwéierpunkt louch dës Kéier op den Zigarettestëmp mat enger Aktioun ronderëm dëst Thema op der Journée de la Famille an op der Journée commerciale de 4. Juli 2022.

Pacte Antigaspi: Am Kader vum Pacte Antigaspi mat dem Wirtschaftsministère an dem Syndicat Syvicol huet d'Gemeng dëst Joer bei der Aktioun „Giert Band“ matgemaach. De Service Jardinage huet an eise Bongerten déi Beem, déi vill Friichte gedroen hunn, mat engem giele Band markéiert an den Opruff un d'Bierger, dass se kënnen an de Gemegebongerten Uebst plécke goen, ass iwwer déi sozial Netzwierker kommunizéiert ginn an huet groussen Uklang bei de Bierger fonnt.

Den Nationalen Dag vum Bam: An Zesummenaarbecht mam Service Jardinage an de Grénge Scouten am November 2022 sinn - wéi gesot - am Bongert an der Rue Mont St. Jean Uebstbeem ugeplanz ginn. Dës Weideren hunn ewéi ëmmer de Veräin Soroptimist Minett der Gemeng de Bam vum Joer, eng Routbuch, geschenkt déi bei der Butschebuerger Schoul geplanzt gouf. Am Park Le'h huet eng symbolesch Planzaktioun stattfonnt, déi während engem Joer vum Dag vum Bam bis zum nächste Dag vum Bam geet, fir neigebuerer Kanner. Deenen Elteren, déi matgaange sinn, gouf en Äppelbeemchen offréiert, deen se konnte bei sech doheim selwer planzen, déi Aktioun wäert och d'nächst Joer weidergefouert ginn. Bampatenschaften: Am Moment hu mir 214 Beem vun 180 Bampate parainéiert. Iwwer dës Aktioun ass och vill an der Press bericht ginn, woubäi eise Service och vun anere Gemenge kontaktéiert ginn ass fir dass déi dat och géife bei sech aféieren. Déi interesséiert

Bampate konnte vun engem Staudepad profitéieren, se vun der Gemeng kritt hunn als Merci fir hiert Engagement. Iwwer 100 Bampaten hu vun där Offer konnte profitéieren.

Naturschutz: De SICONA huet verschidde Aarbechten am Biotopschutz, Heckeschneiden, déi am Kader vun der Membership am Syndicat duerchgefouert ginn. Dës Weidere sinn eng ganz Rei vu schouleschen Aktivitéite vum SICONA duerchgefouert ginn, grad wéi all Joer d'Aktioun „Nature for People“.

Dann eisen Heckekadaster: Opgrond vun deem Heckekadaster ass de SICONA dann all Joer aktiv, an do gëtt den Heckeschnëtt dann och vun hinnen organiséiert.

Jardin communautaire: D'Stad Diddeleng engagéiert sech weider fir d'Animatioun vum Jardin communautaire ze suergen, dëst Joer gouf e ganz interessante Projet vun den engagéierte Bierger ëmgasat: eng al Roulotte gouf an eng Zär ëmgebaut. Leider hu mer ëmmer erëm de Problem bei deem Site mam Vandalismus, mä bon, mir kucken, dass mir awer dat bescht draus maachen.

D'Routinenaarbechte vun eise Grénge Haus wëll ech awer och hei nach eemol ernimme wat och relativ vill Aarbecht ass, et ass net nëmme d'Berodung vun de Bierger fir an de Genoss vu Subventionen ze kommen, och d'Berodung vun de Bierger an Offalfroen, d'Opstelle vum Offalkalenner, Reklamatiounen weinst dem Kaméidi, Ausschaffe vun Energie- a Klimatipps fir eis Belegschaft, Kommodo-Inkommodo Dossieren, Gestiou an Archivage vun de Kommodo-Inkommodo Dossieren, respektiv Mataarbecht a verschiddene Kommissiounen an Aarbechtsgruppen.

Ëmweltkommissioun, Bautekommissioun, de SUMP-Aarbechtsgrupp, MyEnergie, Infopoint mam STEP, Step Concept Technique Recyclage, Cellule de coordination Neischmelz, de Pro-Sud, Natura2000, déi al Sitte vun der Minière, Minett UNESCO Biosphere, Klimateam, Groupe de travail Bruit, alles dat si Saachen, wou se matschaffen a wou se och vill Zäit domadder verbréngen. Den Ausbléck op 2023, de Klimapakt bleift en Haaptthema vun eis a mir wäerte probéieren, dass mir dëst Joer eis kënnen um Gold Level orientéieren. Fir dat Zil z'erreechen ass awer nach net ganz kloer definéiert, well mir vun der Klima-Agence nach keng Informatiounen kruten a wéi enger Gréisstenuerdnung déi nei Upassungen müssen am Katalog virgeholl ginn. Sollten d'Upassungen keng ze grouss Envergure hunn, da kann d'Stad Diddeleng de Gold Audit maachen a kucken ob mir mat ville klengen Mesuren déi 8 Prozent kréien, déi néideg si fir an de Puffer vum Gold Level ze kommen.

De Kontrakt mat der Firma ECOS fir d'Ofdecke vu verschiddenen Déngschtleeschungen am Kader vum Klimapakt wäert weiderlafen, dozou gehéieren de Monitoring vum Nohaltegkeetsmasterplang, Etüde fir d'PV-Anlagen, zäitopwendeg Erfassung vum Ener-

gieverbrauch, Ëmweltcoach, Berodung vu kommunale Servicer bei Neibau a Sanéierungsprojeten, Schoulung wat d'Kontrôle vun de Baugeneemegungen an de Baustellen ugeet, Energieberodung fir d'Gemeng an och sporadesch Kontroll vu Baugeneemegungen a Baukontroll.

Den Naturpakt: Ech hunn et gesot, bis Enn Mäerz 2023 mussen mir deen éischten Naturpakt-Audit gemaach hunn, dofir gëtt de Budget e bëssen erhéicht fir déi éischt Moossname fir den Naturpakt-Beroder a fir eis Virstellunge kënnen ëmzesetzen. Dozou gehéiert och e Gréngflächemanagementplang. 2023 soll och e Gemengereglement ausgeschafft ginn, dat d'Uleeë vun Naturgäert an de Réckgang vu Steegäert wäert subventionéieren.

Loftqualitéit: Am Kader vum Klimapakt ginn Analyse vum Offall weidergefouert, d'Resultater ginn och dofir reegelméisseg op eiser Internetsite vun der Stad publik gemaach. Wéi gesot, 2023 hu mir déi fënnef Miessungen, déi ech genannt hunn, weidergefouert.

Kommunal Gebaier, iwwer d'Gestioun vun der Energieberodung am Kader vum Klimapakt wou mir weiderhin eisen Energieverbrauch vun de kommunale Gebaier an och am Virbau optimiséieren. D'Ëmstelle vun eise Computeren op Smart geet weider wat d'Erfaassung vun den Donnée vereinfacht wäert. Wéi och scho gesot gouf, den 9. Januar 2023 ginn eis Veräiner a Clibb iwwer d'Charta informéiert an opgeruff, déi Charte ze ënnerschreiwen an sech dofir ze engagéieren, dass an den Infrastrukturen, déi hinne vun der Gemeng zur Verfügung gestallt ginn, och den Ressourcëverbrauch, Wäermt, Stroom a Waasser opgepasst gëtt a probéiert gëtt, och dat ze reduzéieren. Fir d'Energiekris huet d'Gemeng Enn 2022 eng ganz nei Rei vu Mesuren ëmgesat fir um Niveau vun de Gemengegebaier an der Stroossebeliichtung Energie ze spueren. Dat weist, dass, wann ee wëll kann ee ganz effizient Energie spueren an dat soll och eis uspornen doriwwer no ze denken am Energiespue-re konsequent weiderzefueren, och wann déi sëlleg momentan Krisen zu engem Enn solle kommen.

De Solar- an Thermokadaster gëtt och aktualiséiert 2023 an dat mat den Date vun 2022. Erneierbar Energien, Fotovoltaik: Op all eisen neie Bauprojekte ginn d'office PV-Anlage mat ageplangt. 2022 gouf eng nei Analys vun de kommunale Gebaier gemaach, op déi nach keng PV-Anlag installéiert ass an duerch d'Evolution vun der Technik an deenen ëmmer méi liichte PV-Panneaue konnten 12 Gebaier identifizéiert ginn, op deenen et méiglech ass fir PV z'installéieren. Am PPF ass da virgesinn, iwwer déi nächst Jore weider PV-Anlagen op deene Gebaier ze installéieren, do ass d'Joer de Stade Meyer, d'Etüd an d'Installation, de Centre sportif René Hartmann an d'Gemengenhaas selwer. Fir eisen Engagement am Nohaltegkeetsmasterplang an am Covenant of Mayors nozekommen an d'Eegeprotektioun vun erneierbaren Energie ze steigern, sinn déi Gebaier och an eiser Budget virgesinn.

Holzpellets ass och e Projet fir eist eegent Holz aus de Gemengebëscher bei enger Lëtzebuerger Firma zu Pellets opbereeden ze loossen. Dat ka leider net verfollegt ginn, do huet de Fierschter a senger Interventioun ernimmt, dass e versicht, de Bësch virsichteg ze bewirtschaften an net ze vill ofzeholzen, fir dem Klimawandeleffekt net méi séier ausgesat ze sinn. Dee gréissten Deel vum geschloenen Holz gëtt un d'Bierger verkaf.

Stroossebeliichtung: 2023 gëtt d'Emrüste vun der Stroossebeliichtung op LED-Technik kontinuéierlech weidergefouert. Mat 60 nei Masten a 60 neie Luchten.

Nohaltegkeet macht Schule: 2023 geet dës Campagne weider gefouert an de Schoule Gaffelt, Brill an och Ribeschpont.

Klimabündnis gëtt nach weiderhin ënnerstëtzt, d'Offallwirtschaft, wéi am leschte Gemengerot den 11. September ass dat neit Offallreglement gestëmmt ginn an trëtt elo den 1. Januar 2023 a Kraaft. De System vum Erfaasse vum Vidange a vum Gewicht ass iwwer dat ganz Joer getest ginn an déi Tester sinn och ganz zefriddestellend verlaaf. Et gëtt mat enger gutt konzipéierter an iwwersichtlecher Broschür doriwwer informéiert, déi mir och wäerten Ufank Januar als en Toutes-boîtes un déi Diddelenger Bierger verdeelen. De Käschendeckungsgrad vun eiser Offallwirtschaft vun 2021 louch bei 74%, mir müssen dat natierlech am A behalen a kucken, dass mir dee kënnen steigern.

D'Gréngt Haus huet eis 2013 eis Offallwirtschaft iwwerschaafft an eis verschidde Léisunge virgeschloen déi sech och aus dem Nohaltegen eraus ginn an d'Konzept iwwerholl. Fir do dem Bewäertungskatalog vum Klimapakt gerecht ze ginn, heescht et elo Ressourcëkonzept.

Och de Superdrecks-këscht-Label fir Betriber gëtt weidergefouert, 25 Gebaier a Schoule sinn zertifizéiert an si ginn all Joer kontrolléiert an de Label gëtt all 2 Joer nei verginn. Dat heescht, mir kënnen eis net op eise Meritten ausrouen, mä mir mussen permanent weiderschaffen, fir dass mir de Label och kënnen behalen. De Pacte Antigaspi ass e Volet, dee besonnesch d'Maison relais vun der Gemeng betrëfft a gëtt gekuckt wat an dem Beräich kann ëmgesat ginn. De Projet Gwelt Band gëtt mam PRO-SUD zesumme mam Projet Tutti-Frutti nei opgeluecht an 2023 sinn d'Gemengebongerten do wou et Sënn mécht eng Signalisation kréien an d'Bierger solle verstärkt informéiert ginn, dass se do kënnen hiert Uebst plécke goen.

De Floumaart ass och ëmgeplangt op der Gemeengeplaz an deen ass den 13. Mai 2023. Faires Frühstück ebenfalls ass um Programm den 1. Juli 2023. D'Green Events, ech hunn et scho gesot, säit 2022 huet d'Stad Diddeleng mam Floumaart, Faires Frühstück a mam Acoustic Picnics organiséiert an den 1.

Klimadaag ass ënnert dem Label, bei deem mir eis engagéieren, ofgelaf. 2024 solle Manifestatiounen, déi d'Gemeng selwer organiséiert, wa méiglech ënnert engem vun deenen zwee Labelen oflafen. De Service écologique wäert dofir déi Gemengeservicer ënnert Eegeregie herstellen.

Bampatenschaften, och déi ginn 2023 weider gefouert, den Dag vum Bam, dee mir säit 1997 maachen, gëtt och weidergefouert an 2023 de Bongert hannernt dem Spidol och, mir musse just um Programm kucken, dass mir dee mat enger Scoutenekipp kënnen amenagéieren. Naturschutz SICONA, verschidde Projeten am Beräich Naturschutz an Aarteschutz, Habitaten, Heckeschnatt, Ënnerhalt vu Biotope mat der Schoul an der Maison relais ginn ënnert dem Kader natierlech weidergefouert. Och de Jardin communautaire Neischmelz, deen do entstanen ass, leeft weider. Subventiounen fir Energiealternative ginn och selbstverständlech weidergefouert.

Och d'Collecte des eaux de pluie, d'Gemeng ënnertstëtzt weiderhin d'Initiatioun vu Reen a Waasseranlagen, och wann dat am Moment bei de Leit kee grousst Thema schéngt ze sinn, well mir hunn dëst Joer keng Demande kritt.

Dann de Masterplang, den Nohaltegkeetsmasterplang, dee gëtt 2023 an d'Ëmsetzungsphas, de Monitoring vum Nohaltegkeetsmasterplang vun der Firma Ecos iwwer de Budget vum Klimapakt gemaach. Den Aktionsplang fir de Covenant of Mayors mat der Risikoanalyse vun de Klimawandel Effekter ass mat 8 vun 9 Punkte validéiert ginn an de Punkt den opsteet wéi ech scho sot ass d'Bestandsopnam vun der Energiearmut an do musse mir nach Informatiounen kréie vum Covenant of Mayors an do kënnen mir den dann nächst Joer och op de Leescht huelen. Dat a kuerze Wieder, wat alles am Kader vun Natur an Ëmwelt um Programm steet.

Da kommen ech zu de Senioren, eis eeler Leit. Diddeleng huet e gudden Ambiente, dass eis eeler Bierger sech hei kënnen wuel villen an och hiert Liewen an der Gemeinschaft an der Anatomie kënnen weiderféieren. Diddeleng bitt fir déi eeler Matbierger en Doheem.

En altersgerecht Liewe kënnen ze garantéieren ass e Muss, dat ass a bleift eent vun eisen Ziler. Diddeleng verfuegt iwwer all déi Mesuren. D'Seniorengeneratioun hëlt eng wichteg Plaz an den Diddelenger Gesellschaft an. Da kommen ech op eist Flaggstéck vun der Seniorepolitik, dat ass de Club Senior, de Schwaarze Wee also Diddeleng Senioren Asbl, déi feieren d'nächst Joer - also 2023 - hir 20 Joer Bestoen, also 19 Joer laang ass de Club Senior aus der Diddelenger Gemeng net méi ewechzededen. Wann een sech wëll mat Gläichgesënnten treffen, nei Erfarungen sammeln, Servicer erweideren, aktiv um sozialen a kulturelle Liewen deel huelen, Geselligkeet genéissen, dann ass de Club Senior déi richteg Plaz. Weider Offere fir eeler Leit, déi mir an der Gemeng hunn ass de Senior Plus, Dir wësst an Zesummenaarbecht mat der Stëftung Hëllef Doheem bidd d'Gemeng de

Service Senior Plus un. D'Zil ass et, de Leit ab 60 Joer hir Autonomie ze stäerken an d'Gefill vum Elengsinn ze verhënnern. De Senior Plus gëtt Rotschléi a fachkundeg Ënnerstëtzung fir Senioren, déi mat sozialen oder gesondheetleche Problemer konfrontéiert sinn, mobil ageschränkt sinn oder eleng sinn oder soss perséinlech Schwierigkeeten hunn.

De Flexbus, Dir kennt en alleguerten, fir jiddereen ab 60 Joer gratis um Gebitt vun der Stad Diddeleng kënnen sichen ze kommen an lech dohinner ze féieren, wou Dir wëllt. De Repas sur roues, eng Dëngschtleeschung, déi säit 1974 ugebuede gëtt awer net nëmme fir eeler Leit mä och fir Leit déi en Handicap hunn oder krank sinn déi eng gewëssen Zäit net méi kënnen selwer kachen. Den Telealarm, eng Dëngschtleeschung déi et hei an der Gemeng säit 1991 gëtt, hei hu mir zwee Ubidder, Help a Sécher doheem. De CIGL, nach en Acteur, ech hunn et scho gesot, de Service de proximité, de Coup de Main an de Recycler an dann, nei, jonk Leit hëllef eelere Leit, mat eppes eens ze ginn, also eis Handy- an Internetstuff, wou d'lescht Joer mir vum Ministère de la Famille e Präis kritt hunn. D'Zil ass et, eeler Leit um Wee vun der Autonomie an dem Benotze vun informatischem Material an och am Ëmgang mam sécheren Internet ze begleeten. Hei gëtt eng Zesummenaarbecht vum Club Senior, Projet Ensemble an Lycée Nic Bieber ausgefouert an et ass all Kéier voll ausgebucht. Weider Ziler vun der Stad Diddeleng sinn eist Altersheim, de Foyer du Jour vun der Croix Rouge, de Foyer du jour vun der ALA an och déi geriatresch Abteilung vum CHEM. Net ze vergiessen, eise Fitnessparcours am Schnauzelach, sou wéi eis Veräiner, déi an deem Domaine aktiv sinn a wou mir permanent finanziell an och logistesche Hëllef ubidden. Och net ze vergiessen, mir hunn dëst Joer déi lescht Tranche ausbezuelet fir eis anzekafen um Goldknapp, vun der ALA, mat enger Wunneenheet.

D'Hygiène an d'Propretéit: Mir wësse et, an eiser Stad mat der positiver Entwécklung vun eiser Bevëlkerung stellen sech och ëmmer méi an nei Erausforderungen an Ufuerderungen fir eis Gemeng. Nei Ufuerderungen punkto Propretéit an Hygiène: Ëffentlech Plazen a Parkanlagen, Trëttoiren a Stroosse mussen an engem propperen an akzeptabelen Zoustand gehale ginn. Jiddereen, d'Gemeng an eis Bierger sollten zu enger propperer Stad bäidroen. Eis Gemengeservicer hu verstärkt fir d'Propretéit an eiser Gemeng ze garantéieren. Eis dräi Campagnen, déi mir ugefaangen hunn, fuere mir weider, „De richtige Reflex fir eng propper Stad“ STEP. D'Stad Diddeleng, dat hunn ech scho gesot, huet all Dag plus minus 35 Leit hei um Gebitt vun der Stad Diddeleng schaffen, fir dass Diddeleng propper bleift. Weider Investitiounen sinn am Budget virgesinn, fir ëffentlech Toiletten, wéi och fir Muppentoiletten. All Bierger soll matmaachen an bestreift sinn, fir an enger propperer a liewensfrouer Stad ze liewen.

Gas, Waasser a Kanalisatioun, och do eng konsequent Weiderféierung vun eisem Ofwaasser- a Kanal-

wiesen am Sënn vun engem konkreten Ëmweltschutz a Preventioun vun Ëmweltschutz an och eist Ofwaasserssystem gëtt permanent erneiert an ausgebaut. Et ka schonn eemol hei gesot ginn, et ass alles net esou optesch ze gesinn fir d'BiergerInnen an d'Bierger, et kascht awer Milliounen vu Gelder, well meeschtens alles ënnert dem Buedem ass. Wéi gesot, et muss alles gemaach ginn, och wann dat keen Eyecatcher ass, mä wéi gesot, d'Gemeng Diddeleng scheit net déi Investitiounen, wann et ëm Gas, Waasser a Kanalisatiounsnetz geet.

Nach e puer Wieder zu eise Syndikater, de SICONA, gegrënnt 1989, Diddeleng ass säit 2001 Member an am ganze si mir dann zu 21 Membergemengen a mir hunn och do de Budget vun de Projekte par rapport zu 2021 erhéicht. De STEP, do hate mir virun e puer Méint en informelle Gemengerot, wou Dir alles gewuer gi sidd, deen ass 1979 gegrënnt ginn, Beetebuerg, Rëmeleng, Réiser, Käl an Diddeleng sinn déi 5 Gemengen, déi de STEP bilden.

An dann, ugeschloss un d'Kläranlag sinn och eis franséisch Partnergemengen Tressange, Ottange, Escherange a Volmerange-les-Mines, dat ass eng Kläranlag, déi 2005 erneiert ginn ass, fir 95 000 Awunner ass se konzipéiert an - wéi gesot - am informelle Gemengerot hu mir lech informéiert iwwer d'Zukunft vum STEP, do ass d'Kläranlag renovéiert a vergréissert ginn respektiv en Ausbau a mir hunn do eng 4. Stuf agebaut, do wäerten an den nächste Jore relativ vill Ausgaben op eis duerkommen.

De Recyclingpark zu Téiteng gëtt moderniséiert a vergréissert, do hu mir de Kaf vun Terrainen envisagéiert an d'Arbed huet der Gemeng Käl dee ganzen Terrain verkaf a mir als STEP wäerten do och en Deel kréie fir eise Recyclingpark kënnen ze vergréisseren. STEP Diddeleng, och do ass eng Vergréisserung geplangt an do ginn och éischt Iddie fir en Neibau, mä do ass et nach ze frei fir driwwer ze schwätzen, op alle Fall de Site, sou wéi en do ass, ass net méi ganz glécklech.

Minett-Kompost, nach e Syndikat, wou ech dobäi sinn, gegrënnt 1994, Diddeleng ass do vun Ufank u Member gewiescht. Aktuell sinn elo 2022 21 Gemengen do Member, dat heescht plus minus 250 000 Awunner, a wéi gesot, dëst Joer ab dem 1. Januar 2023 kréie mir en neie Member, dat ass d'Stad Lëtzebuerg, sou dass mir do wäerte grouss wuessen. Do muss een och soen, d'Kompostanlag gouf vergréissert an erneiert an och d'Verfare gouf optiméiert, et ass eng ganz modern Anlag an do ass de Budget stabil, es sei denn, wann een d'Energiepräisser kuckt, do musse mir natierlech wéi all aner och e bësse méi an de Budget asetzen.

Sidor, och e Syndicat, wou ech dobäi sinn, säit 1971 gegrënnt, 34 Membergemenge an och d'Sidor ass eng héichwäerteg Verbrennungsanlag an och do ass den Tonnagepräis d'selwecht wéi d'lescht Joer an och do ass de Budget am Equiliber, mee och do muss een



awer kucke fir do um Site kënnen déi néideg Moderniséierung virzehuelen. Dat war kuerz alles vu meng Ressourcen an ech waarden dann op de Freide fir d'Suite vun den Demarchen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid fir d'Presentatioun vu senger Ressourcen an ech ginn d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE RIES DI BARTOLOMEO (LSAP): Merci villmools, Här Buergermeeschter, ech probéieren dann elo op meng Ressourcen anzegoen ech wäert och net ze vill iwwer Chiffere schwätzen, well ech d'Tendenz hunn, Leit mat Zifferen zouzeschëdden, ech probéieren einfach op allgemeng Saache vu meng Ressourcen an ze goen. Ech fänken u mat der Crèche, ech fänken ëmmer mat deene ganz Klengen un. Ech mengen, och do gesitt Dir am Ordinären, dass d'Chifferen an d'Luucht ginn, well mir d'Crèche Italien voll besat hunn awer och duerch dat Gebai wat mir weider hunn duerch Energiepräisser déi an d'Luucht ginn an och Material an alles wat mir brauchen doduerch geet den Ordinären och an d'Luucht.

Mir hunn d'Crèche Italien elo praktesch ganz besat, mir hu just nach Plaze fir Urgencen, wéi mir dat och ëmmer hei festgehalten hunn, ech wëll awer eemol ganz kloer hei soen, och wa mir net genuch Crècheplazen hunn, sou hu mir awer an deene leschte Joren 115 Plazen als Gemeng geschaf. Dat heescht, mir hunn also niewent deenen 2 Crèche, déi mir iwwerholl hunn, hu mir eng selwer gebaut a mir wäerten och do net stoe bleiwen, mä weiderfuere. Insgesamt, wat ee kann allgemeng zu de Crèche soen, ass, et gesäit een allgemeng, dass d'Plazen an deene Gruppe vun 3-4 Joer do geet Zuel erof vun de Kanner, dat kënnt awer doduerch, dass mir eigentlech am Precoco ganz vill nei Plazen an der Ganztagsbetreuung geschaf hunn an och do hu mir an de leschten 3 Joer, ware mir op 32 Plaze mir sinn elo op 96 eropgaangen, dat heescht d'Leit gräifen do op dat zeréck wat mir ubidden. Dann déi Froen, déi wäerte kommen, Bëschcrèche Italien, wéi gesäit et do aus mat deem Projet? Mir hunn elo en éischt Joer hannert eis an ech kann dozou soen, dass et e Grupp ass, dee wierklech e Bëschprojet ass, dat sinn awer méi grouss, well ech muss och soen, och wann d'Haardt no dobäi ass, ass et relativ schwéier fir mat klenger Kanner bis ganz erop, dofir ass et dee grouss Grupp, den do erop an de Bësch geet, dat maachen se konsequent. Déi

Kleng, déi ginn och eraus, mä do ass et méi schwéier, well wann een, dee knapps goe kann, wann dee bis iwwer d'Strooss ass, dann ass dee scho midd, mä si probéieren, mat engem Bollerwagen do och vill Projeten ze maachen an der Natur. Natierlech maachen se och Projeten, wéi Chrëschtbeemercher hunn se gemaach, do schaffen se vill mat Naturmaterial, wat se sammeln, an och mat recycléiertem Material, awer virun allem ass do d'Zesummenaarbecht mat den Elteren immens grouss, dat heescht, si maachen do vill Projete mat hinnen zesummen. Bëschcrèche, jo, et ass an der Rei mä et ass natierlech vill méi einfach wann sou eng Crèche dann och am Bësch läit. Hei ass de Projet drop, ech sinn do och ganz frou driwwer, si hunn dat och ganz gutt gemaach mä nach am Bësch ass et méi einfach fir mat deene ganz klengen.

Dann zu de Crèchen, wat mir nach maachen, mir loosse se mat Wifi ausstatten, sou wéi mir eis Schoulgebaier och ausrüsten. Wat mir gemierkt hunn iwwer de Summer, mir mussen eng Klimaanlag maachen am Minettsdepp an op der Nuddelsfabrik, well do d'Hëtzt an Temperaturen dëse Summer extrem héich waren. Nach eppes, wat Dir fannt am Budget dat ass de Bausseberäich vun de Minettsdepp, dee maache mir nei, net ganz nei mä mir adaptéieren den Zichelchen, dee mir zu Butschebuerg recuperéiert hunn, dee wäert elo an d'Enceinte vum Minettsdepp kommen a mir wäerten och do nach en altersgerecht Spill dobäisetzen. Am Extraordinaire fannt Dir d'Crèche Italien mat der leschter Tranche an da si mir do fäerdeg.

Dann zu der Maison relais, wann ech kucken, d'Maison relais aleng mam Ordinär geet 2023 mat 15,6 Milliounen Euro par rapport zu 2022 mat nach 13,9 Milliounen Euro 1,7 Milliounen Euro an d'Luucht. Elo kann ee soen, jo, dat ass net esou vill an awer, eleng d'Personal vun de Maison relaisen, dat ass 1,4 Milliounen Euro, d'Indextranché plus dat Personal wat mir méi hunn. Da wëll ech soen, och wa mir 75% erëmkreie vun de Personalkäschten, bezilt d'Gemeng Diddeleng eleng fir Personal 2,5 Milliounen Euro, dat ass awer en enormen Invest. Hei wëll ech soen, dass och do bei de Maison relaisen, bei de Betreuungsplazen, do si mir an 2 Joer ëm 390 Plazen an d'Luucht gaangen, wat enorm vill ass, ech mengen duerch de Bau vun der Lenkeschléi awer och d'Maison relais am Ribeschpont an d'Maison relais an Italien ass dat awer eng Zuel, déi sech weise léist an dass mir konsequent och do schaffen. Zu den Zuele vu Kanner, déi an der Maison relais sinn, 2022 sinn 1256 Kanner ageschriwwen, dat sinn der 67 méi wéi 2021.

Dass d'lessen elo fir näischt ass, hat eigentlech relativ wéineg Impakt bei eis an de Maison relaisen, villäicht kënnt dat nach awer de Moment ass dat net esou. Dann, net nëmmen d'Personal selwer um Terrain geet an d'Luucht, mir hunn och eis Administratioun, mä wéi och eis Direktioun, do ginn och ëmmer méi Leit gebraucht.

Mir hu jo d'Direktioun ganz erneiert an elo hu mir d'lescht Joer - an doriwwer sinn ech immens frou - e Responsabele à l'inclusion bäikritt, dat ass eppes wat

aussergewöhnlech ass, well normalerweis war et bis elo ëmmer esou: jo, an der Schoul hu mir esou Leit awer an der Maison relais hu mir keng esou Leit, déi dofir responsabel sinn. Mat der Madamm Tomasini hu mir e gudde Choix gemaach, si brieft eis Leit um Terrain, si probéiert hinnen ze hëllefen awer si huet och déi néideg Kontakter, esou dass mir, wat d'Inklusioun ubelaangt, elo wierklech gutt sinn an eise Maison relaisen an do dru schaffe mir weider. Och eise Responsable pédagogique, deen ass ersat ginn an och deen ass ganz nei, soe mir mol esou, mä dee mécht vill Aarbecht an dee muss sech och elo geschwënn ageschafft hunn. Dann, an der Administratioun, do hu mir sechs Leit, dat sinn der och eng ganz Partie.

Maison relais, einfach vun den Zuelen hier, wéi vill Leit do schaffen, mir hunn 180 Leit am CDI, mir hunn der och am CDD, do ass et awer esou, dass déi auslafen, well mir déi eigentlech méi während der Kris gebraucht hunn, well do vill Leit krank waren. Mir hunn 11 Apprentien a 50 Leit an engem Pool des remplacements, dat heescht wann een ausfällt oder krank ass, hu mir ëmmer ee fir d'Replacement ze maachen. Formatiounen, dat ass ganz wichteg, dass mir och do dat konsequent weiderféieren, 60 Leit hunn en Éischt-Hëllef-Cours gemaach d'lescht Joer. 200 Leit hunn de Cours Hygiène a Sécurité alimentaire gemaach an in-house Formatiounen maache mir och méttlerweil a virun allem, wat d'Elterenaarbecht ubelaangt an Teambuilding, et ass net ëmmer esou einfach wann op Sitten heiansdo Leit zesummekommen, do muss een heiansdo e bëssen dru schaffen, fir dass déi och gutt funktionéieren. D'Restauratioun, déi geet an d'Luucht, d'Wuere gi méi deier, dat wësse mir alles, mir hunn awer eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat der Médecine scolaire wat d'Restauratioun ubelaangt, awer och mat der Diététicienne vum Prestataire.

Dat eenzegt wat Dir erëmfannt dëst Joer, dat ass de Cahier de charges, dee muss nei opgestallt ginn, do huele mir eis eng Consultante vun dobaussen, well dat ganz wichteg ass, et ass en Terrain, wou ee méi spezialiséiert Leit muss drop hunn. Dann, Groupe-de-travaillen, mir maachen d'Kollaboratioun mat de Schoulen, do probéiere mir ëmmer méi ze festegen. Mir hunn ee Groupe de travail an der Gaffelt, dat heescht fir d'Kollaboratioun mam Fondamental an och fir d'gemeinsam Notzung vu Säll, déi ass ugelaft, déi gëtt och begleet. Dann hu mir awer och an der Gaffelt an der Lenkeschléi a Strutzbiérg PLK-Teamen och do schaffe mir zesumme mat der Schoul fir dee Projet gemeinsam duerchzeféieren.

Am Extraordinären, mir kafen e Minibus well awer eis schonn an d'Jore komm sinn an do ass et och esou, dass d'Waldschoul fir hire Projet e Minibus brauch, sou dass mir hinnen deen dann och kënnen zur Verfügung stellen. Dann eppes wat am Budget net bei der Maison relais steet, mä wat trotzdeem och d'Maison relais betrëfft, dat ass d'Schoul an d'Maison relais zu Balzeng, déi fannt Dir och erëm, déi steet mat 560 000 Euro am Budget an dat wäert och e gemeinsame

Projet ginn, do wëlle mir och der Schoulkommissioun deen Aarbechtsgrupp virstellen, dat wier da fir am Januar. Da fueren ech weider a komme bei den Enseignement, ech wëll do e puer Chifferen erauszéien aus dem ordinäre Budget, well dat eppes ass, déi gesäit een ëmmer do stoen, mä eigentlech weess een net ëmmer den Detail dozou. Dir wësst, dass mir ganz vill a konsequent an eis Schoule Suen investéieren, fir dass se och mat der Informatik gutt do stinn, do ass ee Chiffer, deen ech wëll eraushiewen, dat ass Educdesign mat 65 000 Euro. Wat maache si fir déi 65 000 Euro, ma éischtens maachen si d'Gestioun vun eise I-Pads wat iwwer 500 Stéck sinn, si këmmen sech ëm Computeren, Laptops och fir Léierpersonal a Schoulen, fir déi ze konfiguréieren oder wann eemol eppes net klappt, si maachen Updates awer och Infrastruktuurarbechten, si hu gutt matgeschafft bei der Gaffelt a beim Strutzbierg an si këmmen sech och ëm den DIMI, dat ass e Messengerdängscht, wou d'Personal ka geséichert matenee kommunizéieren.

Dann, Matériel scolaire, d'Bicher gi méi deier, dat ass ganz kloer, et ass näischt wat net méi deier gëtt. Eppes wat och an d'Luucht geet, sinn déi Travaux d'entretien, déi gi vun 80 000 op 125 000 Euro erop, et ass esou, dass mir méi Gebaier hunn, mä och dass d'Material, wat mir an de Schoule gebrauchen, net méi bëlleg gëtt.

Dann eppes, wat mir an d'Luucht gesat hunn, do wëll ech drop zeréckkommen, wat den Här Buergermeeschter gesot huet, mir sinn amgaangen ze kucke mat Co-labor, mir hunn d'Uebst eropgesat, net nëmme well d'Uebst insgesamt méi deier gëtt, mä awer och fir kënne Biuebst ze kafen. Ech mengen, Co-labor bitt dat un an do wiere mir awer ganz frou wa mir do géifen eng Zesummenaarbecht kréie mat Co-labor an och kéinte Biuebst an eise Schoule verdeelen. Cité jardinière a Mäerchebësch, dat si Projeten, déi ginn et säit laangem, déi sinn och net méi ewechzedenen. D'Cité jardinière war e bësse méi schwéier, well d'Personal, also eng Damm, déi mir do haten, déi ass net méi do, mir kréien awer elo eng aner Damm dohinner, déi wäert de ganzen Dag do sinn, déi wäert och hëllefen, déi Zär ze ënnerhalen, doriwwer si mir och ganz frou an da wäert vill vu Co-labor pedagogesch Aktivitéiten ugebuede ginn. Dat heescht, eis Maison relaise wäerten an Zukunft an de Vakanzen an d'Cité jardinière goe kënnen oder an de Mäerchebësch, wou mir dann Aktivitéiten ubidde mat Co-labor zesummen, wa mir do mat hinnen eens ginn.

Dann am extraordinäre Budget, ech mengen, mir spueren net, et ass net wéi wa mir géifen am Beräich Kanner oder Enseignement spueren, och wann eigentlech ee Posten net ënnert dem Enseignement steet an zum Dossier dee mir kruten, un éischter Stell ass awer d'Schwämm um Strutzbierg am Budget mat 8 Milliounen Euro, dat ass net näischt, mir hätten awer gär, dass eis Kanner alleguerde kënne mat schwamme goen, dofir ass och dat en Invest, deen extrem wichteg ass.

Da ginn ech op Projeten an, déi amgaange sinn, mä ech fannen se awer wichteg, dat ass d'Remise en état vun der Gaffelt, déi Enveloppe thermique, dat sinn 3,4 Milliounen Euro, de Brill, déi Mise en conformité kascht enorm vill Suen, och déi sti mat 2,3 Milliounen Euro, mä och 60 000 Euro fir eis Klasse-säll fäerdegzemaachen. Dann d'Containeren, déi am Brill fir spëtstens d'Fréijoer wäerten déi och do sinn, och dat sinn 3,3 Milliounen Euro. An dann ass de Wifi, wou mir déi zweet Phas maachen, mir hunn do d'lescht Joer de Strutzbierg an d'Gaffelt gemaach, do wäerte mir elo den Deich, Waldschoul, Italien an och Precoc Brill maachen, déi wäerten ausgerüst gi mat WIFI, soudass och déi Schoulen d'Méiglechkeet hunn, fir op e Réseau zeréckzegräifen an dann och zu Balzeng an deem kleng Gebai wat elo nach do ass do wäerte mir eng kleng Interventioun maache mat enger Fritzbox fir, dass si och kënne schaffen. Dann den Naturschoulhaff am Ribeschpont steet och mat dran, dee gëtt och am Fréijoer fäerdeg an dann, do gesäit een am Fong wéi konsequent mir dat viruféieren, wat mir déi lescht Jore gemaach hunn, déi Projete fir d'nächst Joren, ech hunn dat elo grad scho gesot, d'Schoul Balzeng mat enger Maison relais, do stinn Etüden dran, dat ass eppes wat ganz wichteg ass. Da steet eng Etüd dra fir den Deich, do wësse mir ganz kloer, dass mir Raim brauchen an do steet eng Etüd dran, fir dann den Ausbau 2024 unzegoen.

Neischmelz, och do hu mir Etüden dran, fir de Complexe scolaire, dat heescht, mir fänken elo matzäiten un, fir dass mir herno net der Saach hannendru lafen. D'Etüd fir de Schoulhaff Strutzbierg, wann elo dee ganze Chantier ronderëm d'Schwämm an d'Strooss fäerdeg ass, wollte mir och um Strutzbierg de Schoulhaff neimaachen an d'nächst Joer hu mir och de Schoulhaff am Wolkeschdall, dee mir maachen. Dat sinn alles Saachen, déi mir dra stoen hunn, déi mir weiderféieren, ech wëll awer soen, dass mir, an den Här Buergermeeschter huet et virdu gesot, mir baue keng Dramschlässer, mir baue Saache konsequent, mir maache Politik an déi richteg Richtung an et ginn hei net Gebaier gebaut, wou een - wéi aner Gemengen - 47 000 000 Euro Käschten huet, mir maachen ëmmer elementar gutt Saachen a konsequent. Mir probéieren natierlech och, déi informatesch Entwécklung weiderzeféieren.

Da komme mir an e Beräich, dee mir ganz wichteg ass, ech mengen, dass dat déi sinn déi am meeschte gelidden hunn ënnert der Covidkris, si waren, also wéi ech 18 Joer hat an et hätt ee gesot lo bleifs du mol zwee Joer doheem, dann hätt ech och Schwieregkeete gehat. Ech schwätze vun de Jonken, dat ass fir mech e ganz wichtigen Deel vun eiser Gesellschaft, déi fänken un erëm méi lieweg ze ginn, déi kommen nees méi eraus, mir gesinn dat all Dag am Jugendhaus, ech menge mir hunn do de Moment - an dat ass einfach ganz flott - erëm zwëschent 60 an 70 Jonker, déi all Dag bei eis kommen. Dat heescht, dat war ganz erofgaangen mir sinn elo erëm do ukomm wou mir virdu waren an et ass eng ganz nei Clientèle an dat kënnt doduerch, well mir ëmmer d'Maison Relais

dohinner schécken an do mierkt een, dass se - wann se an der Maison relais kommen - och herno weider kommen, wann se bis am Lycée sinn.

De Budget 2023 geet natierlech licht an d'Luucht wéi bei allen anere Posten, ech wëll einfach Zuele vum Jugendsommer huelen an do gesäit een, dass mir erëm an eng Normalitéit zeréckkommen, mir hate 400 Inscriptiounen am Jugendsommer, dovunner 22 verschidden Aktivitéiten, dat ass relativ vill. Mir hatten den éischten Dag, wéi mir d'Aschreiwunge gemaach hunn, ware verschidden Aktivitéite komplett voll. Fussballsturnéier hu mir gemaach, do waren och 200 Jonker, déi matgemaach hunn, och dat ass relativ vill. Dann hu mir d'lescht Joer decidéiert, dass mir verschidde Rencontré maachen, dat heescht, mir hunn eng Rencontre am Haus a mir hunn eng Rencontre dobaussen, wou zwee vun eise Leit erausginn op den Terrain an dann am Quartier och do Aktivitéiten ubidden. Do waren am ganzen 41 Aktivitéiten, déi ugebuede gi sinn an der Rencontre Outdoor an do waren iwwer 200 Jonker, déi participéiert hunn. Dat ass ganz gutt ukomm, dat Erausgoen an net nëmmen am Haus waarden, dass Jonker kommen.

An dann zwee Projeten, déi ech hei wëll eraushiewen, wou se ganz vill zesummegeschafft hunn, wou se gestärkt erausgaange sinn, dat war natierlech d'Renovatioun vun de Container op Neischmelz, déi hunn se an der Vakanz gemaach an d'Caravanne vum Haus, och do hunn déi Jonk mat dru geschafft. En anere Projet, dee ganz gutt ukënnt a wou och d'Lycéesklassen dohinner ginn, dat ass natierlech eis fräi Konschtmauer op Neischmelz, do wäerte mir och elo 2023 eng Ausstellung driwwer maachen, do gi ganz vill Jonker hin, dat ass eppes wou wichteg ass dat huet net all Gemeng, dass ee fräi spraye ka goen an dat huet och gutt geklappt. Den Outreach hat 23 Jonker a Betreierung dat lescht Joer, dat heescht et ass ëm eng Aarbecht gaangen, Schoul, Famill, och Drogen oder Logement all déi Saache sinn do dru komm, et si 84 verschidden Demarché gemaach gi mat deenen 23 Leit, och dat ass eppes, wat ganz vill ass. Mir hunn eng ganz gutt Zesummenaarbecht mat der Maison relais, mir waren och dëst Joer zesumme mat hinnen an d'Ausland an den Europa Park, och dat huet gutt geklappt. De Lycée, ech denken, do ass d'Jugendhaus net méi ewechzededenken och do leeft eng ganz gutt Collaboratioun. Planning familial, den D-Kollektiv, den SNJ, den Ensemble an de PIJ, och dat sinn alles Kontakter, déi si hunn. Wat awer ganz nei ass, dat ass de Kontakt zu den Elteren, et si ganz vill Elteren, déi iwwer e Kontakt an d'Jugendhaus erakommen an och mat den Educateuren um Terrain schwätzen, dat ass nei soss, war et éischter, mir bleiwe virun der Dier.

Wat mir dann nach gemaach hunn, mir maachen net nëmmen, mir ginn an d'Schwämm oder esou, mir hunn och Themen, wou méi schwierig sinn, wou eis Educateuren an d'KZ op Natzweiler waren, do hunn se awer an der Woch éier se gefuer sinn, déi Jonk drop preparéiert wat do géif kommen, si hunn se opgekläert.

Also, och dat war e ganz wichtegen a flotte Projet. Am Februar ginn se da mat de Jonken op Berlin an och déi Aktivitéit ass schonn ausgebucht. Mir hunn an de leschte Jore ganz gutt Aarbecht geleescht bei deene Jonken, mir wäerten dat och weider maachen, mir mussen se ënnerstëtzen, si brauchen déi Hëllef och elo an et gesäit een, dass mir hei gutt Aarbecht maachen zu Diddeleng bei de Jonken, well de Ministère méttlerweil eis Leit als Beroder a Kooperatiounspartner hält fir e Moosnamekatalog auszeschaffen fir Jugendservicer an dat zesumme mat der Uni.lu. Do ass ëmmer ee vun eise Leit mat dobäi och Virtrag zu der Jugendaarbecht gi beim SNJ vun eise Leit gehalen an ech mengen, wann Treffte si vun den opsichende Jugendaarbechter, och do huelen se eis Diddelenger Leit mat dobäi an do gesäit een, wéi gutt mir sinn, soss géifen se net op eis zeréckgräifen. E lescht Wuert, an dat freet mech enorm, mir hu viru gutt dräi Woche Wunnengen um Strutzbiereg, Logements sociaux, ageweit an do wäerten déi Jonk do sinn, déi déi et méi schwierig hunn, déi villäicht an enger Léier sinn, mä do wäert och den Här Zuang drop agoen, de René Manderscheid ass drop agaan, mä ech denken, dass dat e grouse Message ass, dee mir deene Jonke matginn.

Dann, Famill, do fuere mir viru mat de Projeten, déi mir souwisou all déi lescht Jore gemaach hunn, de Buerfousswee, de Lauschterwee, do brauch ech net méi driwwer ze schwätzen, de Kannerwanderwee do wäert den Här Zuang drop agoen, do ginn nach Saachen nei gemaach d'nächst Joer. Dat eenzegt wat mir net fäerdeg kruten, wat ech awer wollt realiséieren. dat war de Projet Tiny Forest, do ass déi Plaz, déi mir erausgesicht hunn, déi ass verworf ginn, well et awer net gutt war fir do esou ee Projet ze maachen, mir wäerten awer weider sichen. De Familljendag gehéiert dozou, méttlerweil ass dee vun eise Fester net méi ewechzededenken, nei an och méi konsequent, dat ass déi Journée du Droit de l'enfant, déi mir haten, déi wäerte mir och nächst Joer maachen.

D'Babysittercoursë lafen erëm, do hate mir Formatiounen am Lëtzebuergeschen an am Franséischen. Dann eppes wat mech immens freet a wat déi lescht Joren net méi hei war, dat sinn d'Bébeesmassagécoursen, déi mir an der Balzenger Schoul haten, déi sinn och erëm hei zu Diddeleng an zwar an der Crèche hei an Italien. Ech mengen, dat bitt sech un. Dann, dat sinn alles Saachen, déi mécht de Service Jeunesse Famille, déi Persoun, wou mir do hunn, déi Persoun geet awer och iwwer Weideres doriwwer eraus, déi huet d'Internetstuff elo ugefaangen, dat hate mir presentéiert, wou déi jonk deenen eelere Leit bäibréngen, wéi ginn ech mat engem I-Pad ëm. Mir waren do, de René Manderscheid an ech, dat war e richteg emotionale Moment, well awer déi eeler Persounen sech gefreet hu fir den Apparat do auszepaken. Also, wéi gesot, e flotte Projet.

Dann, den Diddelenger Bus, dee mir hunn, dee war 27. Mol gebucht, vun der Eltereschoul, vu Gesond Diddeleng, dem Jugendhaus an och vum Lycée, also

och dat ass eppes wat vill gebraucht gëtt. An de Service BabyPlus, och si sinn erëm ganz ënnerwee, si hate 40 Visitten, si haten dann och nach 16 Zoomen an 30 Telefongespräicher an do ass et virun allem drëm gaangen, dass Leit vill Angscht hunn an dat fänken si gutt op an si hunn dat gutt ënnerstëtzt. Eltereschoul, do kann ech lech leider keng Renseignement ginn, net well ech dat net wëll, mä et ass esou, dass d'Eltereschoul elo dem Ministère ënners-teet an net méi eis a mir dann och net méi wéi all Joer e Bilan kréien, mä si dat dann dem Ministère viruginn.

Projeten, déi 2023 ulafen an dat ass eppes wat wichteg ass, Dir wësst, dass eise Service Jeunesse Famille eigentlech e Pilotprojet war, deen an der Entwécklung war, wou mir gekuckt hunn, wéi komme mir um Terrain virun, mir si gutt virukomm mat deem Service, sou dass mir dann ab Ufank d'nächst Joer eng Permanence fir Familljen ubidden, wann se Hëllef oder Renseignement brauchen. Mir wäerten, mir sinn eis nach net ganz eens iwwer wéini, d'Ouverture maachen, ech mengen dat ass e wichtigen Usprich-partner fir Leit, déi hei zu Diddeleng wunnen.

Dann, dat gehéiert zu der Famill, am Wolkeschdall, dat fannt Dir am Budget erëm, dat ass eis Spillplaz, wou se amgaange sinn, dat soll jo awer net nëmme Spillplaz sinn, mä och en Treff fir Famillen, fir dass Leit sech do kënnen treffen. Dofir gouf dat jo och esou amenagéiert, och dat steet am Budget an da kommen ech nach eemol op den Här Manderscheid, frou si mir natierlech och, dass mir ganz vill Haiser mëttlerweil als Gemeng kafe fir Famille mat Kanner, och dat ass ganz wichteg.

Dee leschte Message, deen ech wëll ginn, de leschte Ressort, dat ass d'Informatik. Ech fänken do u mam SIGI, ech wëll awer elo net ganz déif op de SIGI agoen, ech wëll just soen, dass do d'Participatioun un de SIGI d'selwecht bleift an net an d'Luucht geet. Méi detailléiert Message oder Informatiounen ginn ech lech gären, wann Dir Froen hutt. De Moment ass et esou, dass mir an der Weiterentwécklung si vum SIGINOVA a probéieren esou gutt wéi méiglech d'Gemengen ze ënnerstëtzen. Kontakter wäerten elo opgeholl ginn, och mat de verschidde Gemengen, do bleift dann d'Participatioun d'selwecht. Fir an de Schoulen, Gafelt a Strutzbiërg si fäerdeg. Mir hunn, an dat ass eigentlech eppes wat ech wëll soen, eis Informatiker hunn do gutt Aarbecht geleescht iwwer d'Summerméint, mir hunn den Strutzbiërg aleng mat 24 Säll mat engem Smartboard ausgestatt, Antennen opgemaach an och nach alles installéiert. Si hunn awer och niewebäi an der Vakanz 31 Säll an der Gafelt mat deene selwechte Smartboarden an Antennen installéiert a konfiguréiert. De Réseau ass natierlech ganz nei erneiert ginn a konfiguréiert ginn an da lo kënnst Crèche Italien, Schoul Italien, Ribeschpont, och do gëtt de Réseau erneiert an alles dat selwecht, dat sinn 300 000 Euro dat ass net näischt an da wollt ech nach kuerz Nouveaux Médias, ech wollt do eigentlech ufanks des Joers eng Reunioun maache fir déi Kommissioun emol zesummen ze ruffen dat ass



ganz schwéier an der Informatik mat enger Kommissioun mä fir eben alles ze soen, wat mir nach an de Schoulen hunn a wat mir gemaach hunn.

CityApp, do geet d'Kolleegein Claudia Dall'Agnol nach drop an, do ass et esou, ech wëll dat just weiderginn, mir hunn op der City App 229 Message verschéckt, mir hunn 504 Report Réckmeldunge kritt, dat ass net wéineg. D'Leit hunn sech dorunner gewinnt, dat fonctionéiert ganz gutt a mir hunn och op der App 285 Geschäfte a Restaurante presentéiert iwwer dat ganz Joer a Useren hu mir der 5628. Wat nei kënnst an der Informatik wat mir probéieren ze realiséieren dat sinn Inscriptiounen vun de Cours de langues an och vun der Info Informatik a mir hunn d'Formulaire vun de Subsidien, dass och déi kënnen Online ausgefëllt ginn. Cours informatiques, déi lafe gutt, déi sinn ugelaft, mir haten elo vu September bis Dezember 15 Coursen an et wäerten der nach eemol 35 d'nächst Joer stattfannen, och dat ass wéi gewinnt normal. Zum Schluss wëll ech, well et déi leschte Kéier ass wou ech dat beim Budget ka soen, eigentlech de Leit merci soen, mat deenen ech um Terrain ganz gutt all déi Jore geschafft hunn. Merci fir déi Viraarbecht, déi si geleescht hunn, Merci fir déi vill Aarbecht, déi si nach weider wäerte leeschten an ech géif soen, déi konsequent Politik, déi mir hei gemaach hunn, déi kënnst eis zegutt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, wat seng Prioritéiten ugeet. Ech géif d'Wuert weiderginn un d'Claudia Dall'Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Dir Damen an Dir Hären, no der kuerzer Paus, et ass scho ganz vill gesot ginn, dofir probéieren ech esou kuerz wéi méiglech op meng Ressorten anzegoen, ouni lech mat Zifferen ze erschloen, Dir fannt dat alles am Budgetsdokument erëm, ech schlësse mech all de Mercien un, déi un de Pascale Poull a säi Service gaange si fir d'Virbereedung an e ganz décke Merci virun allem un déi Servicer mat deenen ech am Alldag am meeschten zesumme schaffen. Fänke mir u beim Verkéier, mir hunn dëst Joer, dat wësst Dir jo, 30 Horodateuren opgestallt sou, dass mir am Total elo 213 Parkauern hunn an si sinn alleguerte Contactless, respektiv mat Kaart. Mir hu virun 4 Joer de System OPnGO, deen heescht elo Indigo Neo, agefouert, dat ass wou Dir kënnst via Smartphone App Äre Parkings-ticket huelen, mir hunn do eisen ënnerierdesche Par-

king ugeschloss an dëst Joer hate mir op den 31. Oktober 38 056 Transaktiounen, wat der 10 400 méi sinn ewéi d'lescht Joer dee selwechten Datum. Dat - mengen ech - huet da jo e gudden Erfolleg a gouf gutt ugeholl, dat wäert dann och weidergefouert ginn. Vignetten, Zäitraum 1. Dezember 2021 bis den 30. November 2022 hu mir ausgestallt déi éischt Vignette fir en Haushalt, 616 Stéck an eng zweet fir en Haushalt 2538 Stéck. Eis Agente waren natierlech och vill am Asaz, si hu ronn 13 700 Protokoller opgeschriwwen an 730 Camionnetten. De Minister Bausch war dëst Joer hei zu Diddeleng fir säi Plan national de mobilité 2035 virzestellen hie koom dofir extra op Diddeleng fir de Biergerinnen a Bierger hei Ried an Äntwert ze stoen.

Ëffentlechen Transport, mir hunn dëst Joer nach eemol 2 Bushaisercher nei gesat, beim Centre sportif an beim PAP A Bëlleg mat Solarpanneae fir hiren eegene Stroum ze maachen a begréngt, 2023 kommen och nach Haisercher dobäi, bis elo geplangt an der Rue de l'Etang an op der Place Givenich an Direktioun Zentrum, dat sinn déi geplangten, et kann natierlech awer och ëmmer dat eent oder anert dobäikommen an och wann ee vun lech e Virschlag huet, einfach uruffen an de Service de la Circulation a wann den Trétoire dat op där Plaz hiergëtt, da wäert do keng Méi gescheit ginn, fir dat ze maachen.

CFL bidde weider hire Carsharing, de Flex un, och hei zu Diddeleng maache mir dat schonn zanter ronn 5 Joer. E puer Zuelen: 2021 an 2022 goufen zu Diddeleng ronn 6 500 Faarte gemaach an am Total plus minus 72 000 Km mat deenen Autoen zeréckgeluecht.

Elo ass et awer esou, dass d'CFL de Gemengen ab 2023 d'Autoen net méi Gratis zur Verfügung stelle mä mir mussen elo 700 Euro pro Auto am Mount bezuelen an dem Präis ass alles mat dran, de Bensinn, den Diesel, d'Elektresch, d'Assurance, den Entretien extern an intern, Kontrollstaatioun, alles wat bei engem Auto sou ufält an als Contrepartie kréie mir dann eppes zeréck wann den Auto benotzt gëtt, nämlech 3,95 Euro pro Stonn, dat ass wéi gesot näischt wat extra ass fir Diddeleng, dat gëllt fir jiddereen, dee Flexautoen op sengem Terrain stoen huet.

Zum TICE, dee bestellt fir d'Joer 2023 och erëm nei Busser, 5 Stéck a 10 Meter Elektro, 4 mol 18 Meter Bussen dat sinn Ziharmonika déi mat Gas fueren an 8 Standardbussen, 12 Meter Bussen am Hydrogen. Wat elo scho virdrun ugeklungen ass, dass alles méi deier gëtt, dat gëllt natierlech och fir den TICE, Personalkäschten, spréich méi Personal mä och déi Index Tranchen 2 oder 3 fir d'nächst Joer déi kéinten nach falen déi mussen jo och mat berechent ginn an dann natierlech, dat ass e Verkéiersbetrib, Sprit a Gaspräisser, do brauch ech net driwwer ze schwätzen. Da wësst Dir och, dass mir als TICE eng Konventioun mam Transportministère hunn, zanter 2014, elo ass et awer esou, dass de Staat drun denkt, déi ze änneren. Mir sinn a Verhandlung mat hinnen, well se

eis e Montant genannt hunn, deen ënnert deem läit, wat mir bis elo ëmmer kritt hunn. Wéi gesot, fir de Budget 2023, deen och unanime am TICE-Comité gestëmmt gouf den 10. November, do ginn et elo keng Ännerungen, well mir an der Konventioun vun 2014 nach ëmmer sinn. Déi misst och 6 Méint am Viraus gekënnegt ginn. Mir ware schonn um Ministère a mir kucken elo zäitno, wéi et soll weider goen, well alles wat fir déi Joren no 2023 gëllt, dat kann ech elo leider nach net soen, dat eenzeg wat ech ka soen ass, dass den aktuellen TICE-Büro natierlech och den TICE-Comité, dorunner ass an dass deen nächsten TICE- Büro a -Comité, deen elo no den nächste Walen erausgeet, sech och nach wäert musse mat deem Thema befaassen a weiderfueren. Wéi gesot, 2023 ass elo mol ofgeséichert an da mussen mir kucken, wat an de Verhandlungen an den nächste Méint erauskënnt, da wësse mir och méi.

De Flexbus, den Här Manderscheid war drop agaan, dee gëtt weider gutt benotzt, bis den 30. 11. hunn 5200 Diddelenger iwwer 60 Joer dëse Service benotzt, wat bedeit, dass eng ronn 30 000 Km mat deem Bus zeréckgeluecht gi sinn.

Da fuere mir och eng nei Linn, an déi awer net vum TICE gefuer gëtt, mä vun enger privater Entreprise, mir hunn den TICE natierlech gefrot, si hunn awer am Moment weder Material nach Personal fir déi Linn ze assurieren, dat verhënnert natierlech net, dass si an Zukunft déi Linn eemol kënne fueren. Datumer vum Aféieren, et ass geplangt an den éischte Méint 2023, déi Linn vum Quartier Rue des Champs unzeschleissen, well eis Analysen, also de Service de Circulation zesumme mat Komobile erausfonnt huet, dass do an deene Quartieren en Nachholbedarf besteet. Dat heescht, dass Leit dacks méi wäit wéi déi 300 Meter op den nächsten Arrêt musse goen a virun allem op verschidde Plazen och nach de Bierg erop, fir iwwerhaupt kënnen op en Arrêt ze komme vum ëffentlechen Transport. D'Linne goufen an allen Detailler an der Verkéierskommissioun déi lescht Woch virgestallt, dofir just elo puer kleng Detailler, et kommen eng Partie nei Arrête bäi an der Weier an an der Schortgenstrooss an et ginn eng Partie bestoend Arrêten gefuer fir d'Leit an den Zentrum ze féieren, mä och op Plaze wéi d'Gare, wou se da kënnen op den Zuch an op aner Buslinnen ëmklammen. Zweek Arrêten, déi awer erausgehewe sinn, dat ass, dass de Bus och bei der Schoul Butschebuerg hält a mir domadder hoffentlech och e puer mander Elterntaxien hunn an beim Stade Meyer, wou och eng Hellewull Jonker op den Training ginn an och do hoffe mir, dass déi mam Bus fueren amplaz datt mam eegenen Auto dohinner gefuer gëtt.

2019 hu mir ugefaangen, eis Foussgängersträifen allegueren op de Leescht ze huelen, fir dass se all sécher a richtig belicht sinn an si sollen och all behënnertegerecht sinn an de Virschléi déi d'staatlech Verkéierskommissioun, Ponts et Chaussées, mä awer och ADAPTH-gerecht ginn a mir wäerten dann och 2023 weiderfueren. Am Ganzen hu mir der 139

zu Diddeleng a bei der 1. Phas vun der Mise en conformité vun 2019- 2022 sinn der dovunner schonn 52 konform gemaach ginn. Eng ganz Partie vun de Foussgängeriwergäng ginn natierlech am Kader vun anere gestëmmte Projete mat amenagéiert an da bleiwen eng Partie ze amenagéieren, déi dann iwwer déi zweet Phas wäerten ofgedeckt ginn an och do wäerten eng Partie Zebrastreifen natierlech mat anere Projeten, déi mir wäerte realiséieren, mat gemaach ginn. Dann hutt Dir warscheinlech matkritt, dass eis rout Luuchten op eiser Haaptkräizung op eise Kierfecht e puermol ausgefall waren, well d'Steuerung defekt war dat net well d'Luuchte futti sinn, mä dat war ëmmer op en Accident zeréckzeféieren, déi Luuchte sinn awer relativ al an d'Ersatzstécker si relativ rar a fir ze verhënneren, dass se eemol guer net méi ginn, wäerten déi Luuchte komplett ersat ginn.

Zanter 2019 si mir amgaangen, de Vëlo méi genau ze analyséieren an och de Réseau an nei Routen ze entwéckelen an ze zeechnen. Zanter deem - dat wësst Dir - ass vill geschitt, mir hu bal all Kéier eppes um Ordre du jour, de Marquage, d'Beschëlderung a mir wäerten 2023 natierlech weiderfueren. Mir hunn do 2022 eis haaptsächlech op déi Signalisatioun konzentriert, dat si Schëlter, wou Distanzen opgehaange ginn, Weeër goufen um Buedem markéiert an op den Haaptachse goufe Querunge mat roudere Faarf ënnerleucht an déi gréissten Ännerung vum Vëlosnetz ass natierlech d'Rue du Parc zwëschent der Rue Jean Berchem an dem Lycée, d'rue du Parc zwëschent der Rue Dominique Lang an der Rue Pasteur, krute mir endlech dat op 30 km pro Stonn reduzéiert. De Belag krut deelweis och eng aner Faarf, fir d'Automobilisten och op déi nei Gegebenheeten hinzewiesen an et goufen Insele gesat fir d'Breet vun der Fierbunn ze verengen, sou, dass keng zwee Autoe sech kräize kënnen.

Wat ass 2023 um Programm? Ma de Vëloswee an der Route de Luxembourg soll bis d'Rue Jean Simon weidergefouert ginn, fir eng besser Verbindung och un d'national Vëlospist vu Beetebuerg op Diddeleng ze garantéieren. Hei hu mir endlech och déi néideg Autorisatiounen zesummen, dat huet wéi ëmmer e bësse geschleeft, esou dass mir dat 2023 kënnen ugoen. Mir hunn dëst Joer och mat der Etüd ugefaangen an der Rue Madame Mayrich de St. Hubert, fir do eng definitiv Vëlospist kënnen ze bauen, well déi während de Vëlosummere gutt ukoum, den Avant-projet ass ausgeschafft ginn, mir hunn an der Verkéierskommissioun deen eng éischt Kéier virgestallt.

Vëlosiwwerféierungen an der Rue Abbé Lemire, op d'N31 hu mir och Autorisatiounen endlech zesummen a kënnen domadder ufänken d'nächst Joer an der Route de Zoufftgen, respektiv Kräizbiereg ass et e bësse méi komplizéiert well mir hei mussen nach puer Emprise bei Privatleit siche goen, fir dass mir och genuch Plaz hu fir de Vëlo. Also, esoubal dat gereegelt ass, kann een do och ufänken. Esch 2022, zesumme mam Office régional du tourisme, Süden, wäert och d'nächst Joer hire Vëloswee duerch déi

ganz Südgemengen opmaachen, de Minett Cycle Tour, an deen Tour geet natierlech och duerch eis Gemeng. Mir haten dëst Joer och erëm beim Vëlosummer mat gemaach, déi Circulaire mat den Detailer fir 2023 ass och elo vum Ministère komm, mir wäerten do och matmaachen, de Service Circulation wäert hei och nach eemol Récksprouch mat Vëlo Diddeleng huelen, d'Verkéierskommissioun wäert driwwer kucken a mir wäerte wéi ëmmer hei am Gemengerot e Verkéiersreglement driwwer stëmmen. Ënnert anerem wëlle mir och versichen, den Family-Tour permanent ze halen, dat ass mat der Gemeng Beetebuerg, dat ass deen Tour, deen d'lescht Joer och scho während dem Vëlosummer proposéiert gouf. Dann, de Schäfferot an eis Servicer vun der Circulatioun awer och vum Transport public, déi sinn a reegelméissegem Kontakt an Austausch mat der Vëlosinitiatiiv Diddeleng. Ech mengen, Dir wësst, dass een zesumme besser weiderkënn, wann si eis kënnen direkt op Problemer hiweisen a mir och kënnen direkt reagéieren, wann dat méiglech ass an awer och hinne soen, firwat een dat eent oder anert net esou séier realiséiert kritt, wéi si sech dat wënschen a wéi villäicht mir eis dat heibannen dacks wënschen.

Dann huet eise Service Circulation och dëst Joer gekuckt fir nach iwwerall op ëffentleche Plazen a Gebaier Vëlosstänneren ze maachen, wou se gefeelt hunn, fir dass mir och do konnten norüsten, et sinn der ënnert anerem bäikomm bei der Crèche Italien, um VEWA, Boutique Marianne an natierlech och provisoerescher während dem Chantier Shared Space, ech zielen se elo net alleguerten op wann nach Plazen do sinn, wou et Sënn mécht, der ze installéieren, da rüste mir do natierlech gären no, och do einfach en Uruff bei de Service Circulation an da kucken si dat gäre mat lech.

Mir hunn d'lescht Joer eis Vëlosfléckstatioun installéiert, wou Dir da selwer kënnt kleng Reparaturen un Äre Vëloe maachen an zwar bei der Haardt, beim Verkéiersgaart an am Mayrisch-Park. Dat wësst Dir jo, dass mir och eis Vëloszielstatioun stoen hunn, bis den 1.12.2022 sinn do 82 596 Vëloe laanscht gefuer a gezielt ginn, dat ass eng Steigerung vun 22% par rapport zum Joer virdrun. Vum Verkéiersgaart op Neischmelz gëtt och vill profitéiert. Niewent eise Schoulklasse sinn och aner Schoulen heihinner übe komm fir hir Coupe scolaire, déi muss elo awer wéinst dem Ufank vum Chantier Neischmelz verréckelt ginn an ech mengen, do ass den Här Buergermeeschter jo schonn drop agaangen. Vël'OK: eis 20 nei Vëloe sinn dëst Joer och a Betrib geholl ginn, mir hunn awer dëst Joer keng nei Statioun gebaut fir 2023 hu mir wëlles, besteeënd Statiounen, déi grouse Succès hunn, auszebauen, respektiv Statiounen ze reparéieren, well se an d'Jore komm sinn. 2023 gëtt dann och d'Statioun bei der Bierenger Gare an de neie Quartier verréckelt a mir riichten dann eng nei Statioun zu Biereng gären op. Et ass schwéier Abonnente vum Joer 2022 mat den Zuelen 2021 ze vergläichen, well de CIGL huet seng Condition-generalen ugepasst an eng Konditioun war, dass se Karteiläiche

gestrach hunn. All Mënsch, deen en Abo hat an awer an de leschten 3 Joer net dovunner profitéiert huet, dee gouf erausgeholl, sou, dass d'Chifferen net ze vergläiche sinn. Wat awer vu Chifferen ech lech nenne kann, ass, dass am Süden 12 nei Statiounen dobäi komm sinn an och 241 nei Véloen. Déi nei Véloen hunn awer gréisstendeels al Véloen ersat, dat war och hei zu Diddeleng de Fall. Aktuell sinn 631 där Véloen am Süden ënnerwee an nach eppes fir d'Statistikfrënn, d'Evolution vum den Emprunten am ganze Süden: Vun 2016 u si mir vun 77 000 Emprunten eropgaangen op 215 700. Dat ass d'Zuel op den 1. Dezember elo. Dir gesitt, dass vill Nofro fir de Vël'OK besteet.

Den Nightrider gëtt zesumme mam PRO-SUD weidergefouert, den Nightrider Bus, dee Leit gratis zeréck op Diddeleng bréngt freides a samschdes, wäert och weider gefouert ginn. Och eise Mobilitéitsdag huet stattfonnt an och dee féiere mir weider. Ech wéilt awer ausdrécklech deene Leit Merci soen, déi dëst Joer dobäi waren. Déi, déi dobäi waren, wëssen, dass et fir September e kalen Dag war mat ganz vill Wand a mir konnte leider net ganz vill Leit deen Dag hannert dem Uewen erauslackelen an trotzdem stoungen déi Leit op de Stänn bis zum Schluss, dofir deenen en décke Merci an dann hoffe mir, dass 2023 dann d'Sonn um Rendez-vous ass an, dass et da gutt waarm ass.

Eise Projet, oder besser gesot Leitlinn, Sustainable Urban Mobility Plan (SUMP), Nohaltegekeetsplang fir d'Mobilitéit an enger Gemeng, deen hu mir och weider gedriwwen a wäerten deen 2023 dann och kënnen ofschléissen. Nodeems mir e Leitbild hunn, hu mir Mesuren ausgeschafft fir eng nohalteg Mobilitéit, aktuell si mir dobäi, alles zesummenzeschreiwen, fir, dass den Aarbechtsgrupp kann iwwer d'Feierdeeg alles kontrolléieren a mir den Dossier ufanks 2023 kënnen finaliséieren an och publizéieren. An och op dëser Plaz wëll ech de Vertrieeder vun de verschidde Parteien aus dem Gemengerot Merci soe fir hir konstruktiv Mataarbecht an dee villen Input, deen se ginn hunn an - wéi gesot - et war nach net déi lescht Sitzung vum SUMP, mä mir wäerte kënnen d'nächst Joer ofschléissen. Mir haten do jo och eis Awunner agebonnen, well am Kader vum Biergerpanel eng ganz Partie Froen hei zu der Mobilitéit an Diddeleng gestallt gi sinn an déi Äntwerte wäerten och an eise SUMP mat afléissen. Fir de Verkéier ze berouegen, hu mir hei am Gemengerot jo och eng Partie Tempo 30er an 20er Zone gestëmmt an déi och ëmgesat a mir hunn och eng Partie Berliner Kissen an deenen Zonen installéiert fir, dass manner séier an de Quartiere gefuer gëtt.

Mir sinn dann och amgaangen, eng Etüd ze maachen, wat néideg ass fir an der Gaffelter Strooss, fir dat Stéck bei der Schoul vun der Kräizung Rue Gaffelt a Rue Sainte Barbe, fir do an der Rue de la Vallée kënnen an eng Zon 30 ëmzeänneren. Mir hunn do e positive Preavis vum Aarbechtsgrupp Tempo 30 op Staatsstroosse kritt, hunn et déi lescht Woch eng éischt Kéier der Verkéierskommission virgestallt a

wäerten dann elo den Dossier weider ausschaffen, dee mir dann herno vun der Ponts et Chaussées validéiere musse loosson. Dir wësst, mir hu kee grousse Afloss op d'Kontroll vun der gefuerener Vitesse op de Stroossen, dofir hu mir op sëllege Punkte Vitesseanzeigen opgestallt fir de Chauffeure matzedeele, wéi séier se fueren. Aktuell hu mir der 17 zu Diddeleng stoen an et kommen der nach 2023 bäi, zum Beispill, an ech zielen se net all op, an der Rue des Fleurs, Rue de l'Indépendance, Route de Budersberg, Rue Aline Mayrisch an och eng Partie al Modeller ginn ersat. Mir gesinn eng Extension vum eise Foussgängerleitwee vir, mir wäerte Panneauen op Neischmelz opriichten, domadder maache mir dann de Site méi op fir Foussgänger a kucken och op verschidde Panneae musse gewiesselt ginn, well se schonn e puer Joer um Bockel hunn.

Dann, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries sot et, eis City-App, déi gëtt och ëm de Volet Mobilitéit ausgebaut, dat heescht, all eis Horodateuren, déi georeferenzéiert an digital ugewise ginn, fir, dass ee mat der App deen nooste Wee fënnt zu senger Parkplaz. Zousätzlech verlinke mir och d'App mat Indigo Neo, deem alen OPnGO also, mir weisen d'Chargy-Bornen un an d'Flexautoen, eis Vélospiste ginn digitaliséiert an ugewisen a fir den Awunner ze weisen, wou Chantiere sinn a wou gespaart ass, loosse mir och eis Chantieren drop uweisen.

Da kéim ech zu der Voirie a wann ech Voirie soen, da wësst Dir, dass do meeschtens gebuddelt gëtt an dat ass fir eng gutt Saach, mä bis déi gutt Saach zum Virschäi kënnt, wësst Dir, sinn déi meescht Awunner dacks generft vum Chantier. Wa mir awer wëlle jidderee mat séierem Internet, Gas, Waasser a Stroum versuergen, da komme mir och net do laanscht fir dat Netz à jour ze halen, well, wéi Dir wësst, d'Leitungen ëmmer nëmmen eng begrenzte Liewensdauer hunn. Dofir hu mir fir dat nächst Joer - wéi och déi vergaange Joren - erëm déi néideg Montanten am Budget fir an enger Partie Stroossen net nëmmen ënnerierdesch, mä och dat wat d'Leit gesinn, nämlech dat ze erneieren an och eng Partie Raelagen hu mir virgesinn. D'Josiane Di Bartolomeo-Ries sot et, eis Servicer si ganz einfach duerch d'City App an d'Fonction „Report it“ ze ereeche, dat heescht, wann d'Leit dobaussen eppes feststellen, wat net gutt ass oder soll gefléckt ginn, da kënnen se dat nach op der Plaz mat enger Smartphone-Foto maachen an dat eraschécken.

Dann nach e puer méi allgemeng Remarques, well wann ech hei vill iwwer Verkéier a Voirie schwätzen, dann heescht dat och mol Verkéiersbehënnerungen, de Chantier, an ech mengen, mir wëssen allegueren, dass dat stéiert, ech mengen awer net, dass mir dofir sollen ophale mat bauen, renovéieren oder erneieren. Well wa mir einfach alles esou si loosson - well et héiert ee jo oft „Fréier war alles besser“ - wa mir dat esou géife si loosson, da verkënnt alles an da géif et zu dauerhafte Problemer kommen. Ech mengen, dat wëll keen heibannen an och net eis Biergerinnen a

Bierger wa mir éierlech sinn. Verännerunge sinn eben noutwendeg fir Verbesserungen erbäizeruffen. Dofir si fir 2023 och erëm eng Partie Raclagë geplangt, elo mol an der Sidney-Thomas Strooss, d'Vélospist an der Rue Sidney Thomas, an der Rue Henri Bessemer, an der Route de Burange zwëschent dem Rond-point Q8 an der Barrière. Dann hu mir natierlech och eng Partie Stroossebauprojeten, d'Route de Boudersberg, d'Rue Mont Saint Jean, mat der Ponts et Chaussées, de Buergermeeschter ass drop agaangen, d'Rue des Ecoles, d'Rue de l'Indépendance, ech mengen, lauter Projeten, déi Dir kennt well se schonn hei am Gemengerot virgestallt goufen.

Dann eriwwer zum SISEC, de Crematoire, dat heescht d'Gebai muss ausgebaut ginn an dat heescht, dass all Gemeng am SISEC och muss dozou bäidroen a fir 2023 läit den Accord vun eiser Gemeng bei méi wéi 171 000 Euro.

Dann d'Museksschoul, Dir wësst, dass mir eng ganz aktiv regional Museksschoul hunn, déi an hirem Alldag um Dill ware fir ronn 1400 Kanner, Jugendlecher an och Adulten e qualitativ héichwäertge Museksunterrecht kënnen unzibidden. Dir wäert entschëllegen, dass ech hei net an d'Detailer ginn, well mir haten eréischt den 11. November also de leschte Gemengerot déi definitiv Schoulorganisatioun hei gestëmmt an eisen Direkter war och do fir lech op all Är Froen eng Äntwert ze ginn an en ass natierlech och bereet, gären heihinner ze kommen, wann et néideg ass. Dofir just e puer Bemierkungen, ech mengen, wann ech soen, mir hu méi Schülerinnen a Schüler, dann heescht dat natierlech generell méi Ausgaben, wat d'Instrumenter ugeet, déi mir geréieren an natierlech och den Entretien dovunner ze assuréieren. Dann ass erausgehiewen, dass mir am Mee de 14. European Youth Music Festival Remix 2022 hei zu Lëtzebuerg haten a während engem Weekend hu Jonker aus allen europäesche Länner zesumme mat ronn 1500 Schüler aus Lëtzebuerg de Süde vun eise Land zum musikaleschen Zentrum vun Europa gemaach.

An natierlech war do och eis Diddelenger Musekschoul bei dësem Projet, dee vun der EMU war, den Europäeschen Dag vun de Museksschoulen dobäi, engersäits an dem se Concerten an Diddeleng organiséiert hunn an och auslännesch Partner empfangen hunn an domadder awer och eisen eegene Schülerinnen an Schüler d'Méiglechkeet gebueden hunn, um Festival aktiv ze participéieren a virun allem bei deene groussen Evenementer, wéi der Cérémonie d'ouverture oder um Festival am Fonds de gras kënnen dobäi ze sinn, dat war fir si all eng immens flott an eemoleg Erfahrung, mat vill Aarbecht verbonne fir eis Direktioun an eist ganz Personal, dofir en décke Merci nach eemol vun hei aus un si. Dëst Joer wäert dann e bësse méi „normaalt“ Joer si mat kengen esou groussen Evenementer wéi de Festival oder och den Anniversaire, mä mat ëmmer nach genuch ze dinn a ville méi kleng Manifestatiounen.

Zum Tourismus, mir organiséiere weider eis Visiteguidéeën a mir wäerten en Aktualiséierten Depliant nächst Joer punkto Tourismus maachen. Mir schaffe weider mam ORT Süden zesummen, dee ganz aktiv ass wat d'Kulturjoer ubelaangt an dorobber, dat kennt Dir lech denken, hunn si sech och dëst Joer konzentréiert an an deem Kader ass eis flott Iwwernechtungsméiglechkeet, de Floater, fir deen nach eemol ze ernimmen, deen e richtige Bijou ass. Dann huet den ORT Süden och nach e weidere Projet fir 2023 geplangt, den ORT Oldtimer Parcours duerch d'ganz Land, dee soll duerch ganz Diddeleng goen a gëtt mat enger separater Aktioun gekennzeechent. Méi Detailer kréie mir awer do eréischt. Zum Jumelage an Tourismus, do wäert och de Kommissiounspresident nach eppes dozou soen, dofir faassen ech mech kuerz, ausser, de Loris Spina huet et virdu scho gesot, no Covid war et ganz schwéier fir d'Leit erëm hannert dem Uewen erauszukréien an dat ass och beim Jumelage net anescht. Au contraire, et war ganz schwéier, de Kontakt hierzestellen. Trotzdem hu mir et fäerdeg bruecht, eng Rencontre hierzestellen an deen neie Schäfferot vu Feltre huet sech elo bei eis gemellt fir eventuell eng Rencontre op politischem Niveau ze organiséieren. Mir wënschen eis, dass eis Clibb a Partnergemengen zesummekommen an deen een oder anere Projet och zesummen uginnt. D'Gemeng an och déi zoustänneg Kommissioun seet bestëmmt net Neen, fir se doranner ze ënnerstëtzen.

Zum Jumelage ass et net wäit bei d'Integratioun, mir hunn d'Chance, dass mir bei eis an der Gemeng iwwer 100 Nationalitéiten hunn, mir ënnerstëtzen dofir och eis Integratiounskommissioun weiderhin bei hire Manifestatiounen, si hunn sech fir 2023 vill fir geholl mä och do iwwerloossen ech dat der Kommissiounspresidentin fir de Réckbléck an Ausbléck ze maachen. Dir wësst awer, dass mir ëmmer ganz aktiv si fir eis auslännesch Biergerinnen a Bierger dozou ze kréien, fir sech op d'Walléschten ze setzen, d'nächst Joer hu mir e Waljoer, dofir hu mir och dëst Joer schonn eng Broschür erausbruecht, déi op der Fête de la Culture scho verdeelt gouf a mir wäerten hei nach ganz villen maachen, mä wéi gesot, dorobber wäert d'Presidentin vun der Kommissioun agoen an am Numm vum Schäfferot wëll ech all deene Leit, déi sech hei engagéiere fir eis auslännesch Bierger a Biergerinnen dozou ze kréie fir sech anzuschreiwen elo schonn e grouse Merci soen. Zum Volet Integratioun gehéieren och eis Sproochecoursen, déi mir och wäerte weiderféieren, mir haten d'lescht Schouljoer ronn 419 Participanten an de Cours fir Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. Niewent eisen eegene Coursen, dat wësst Dir, bidde mir och nach Italieenesch un an och déi ënnerstëtze mir weiderhin. Mir hunn och zanter dem leschte Joer eng Konventioun mat der Nopeschgemeng Käl-Téiteng, déi mir hei gestëmmt hunn an dat klappt ganz gutt well, wéi Dir wësst, bauen déi souguer hir Coursen aus. Mä hunn dëst Joer och d'Indemnitéite vun de Chargéen eropgesat gehat a mir bidden iwwer de Service Ensemble och eise Café des Langues un an domadder

fuere mir weider. De Service Ensemble bitt och eng Rei aner Saachen un, déi Dir alleguere kennt, ech zielen se dofir net op. Sportscoursen, Permanence sociale, Infoversammlung, Atelier créatif, si hunn e groussen Deel zu eiser Charta fir d'Zesummeliwe bäigedroen an natierlech wäerten se dee vilfältege Programm weiderféieren an Dir wësst, dass se sech ëmmer am Laf vum Joer nei Saachen afale loossen. Dann ass och ze betounen, dass d'Ina zanter dem 1.12. erëm do ass an deen neie Mi-temps-Posten och mëttlerweil besat ass. Ech kéim zum Schluss, ech soen et all Joers hei bei de Budgetsdebatten, dass mir als Schäfferot e Budget presentéieren, dee fir déi Prinzipie steet, fir déi meng Partei, LSAP Sozialisten, steet an déi mir och perséinlech als Sozialistin um Häerz leien, nämlech Fräiheet, Solidaritéit a Gerechtegkeet a Sécherheet an dat ass dëst Joer net anescht. Dofir kann ech dee Saz erëm nach eemol widderhuelen an ech weess, dass e gudden Deel heibannen dat genau esou gesäit. Domadder wier ech beim Enn ukomm an ech soe merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Claudia Dall'Agnol fir d'Presentatioun wat säin Deel ugeet. Ech mengen, d'Kollegen an d'Kolleginnen aus dem Gemengerot hunn en Iwwerbléck kritt iwwer de Budget 2023 an, wéi gesot, ab nächster Woch dann déi jeeweileg Stellungname vun de Conseillere. Dann hätte mir dëse Punkt vum Ordre du jour effektiv ofgeschloss an ech géif da proposéieren, dass mir op de Rescht vum Ordre du jour weiderginn.

2.2. Modifikatioun vum Gemengereglement iwwer d'Ausgläichszoulag fir kommunal Steieren

2.3. Approbatioun vum Gemengereglement iwwer kommunal Energiebäihëllef

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Mir bleiwe bei de Gemegefinanzen an do sinn direkt zwee Punkten, déi ee kann zesammen huelen, engersäits dat neit Gemengereglement vun der Allocation compensatoire pour taxes communales, Allocation de vie chère, respektiv d'Energieprimm, déi mir wëllen do bäileeën, an do géif ech dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, firwat proposéiere mir lech déi Adaptatiounen, respektiv eng nei Primm? Dir wësst, am Kader vun der aktueller Energiekris an domadder verbonnen déi Präisdeierecht vun den Energiepräisser hate mir am September schonn hei am Gemengerot iwwer déi Situatioun geschwat, mir waren als Schäfferot confrontéiert mat där enger oder anerer Fro un de Schäfferot zu deem Sujet an de Schäfferot war der Meenung, dass mir do och eppes géifen ënnerhuelen an do si mir op de Wee gaangen, dass mir eis Allocation de vie chère, wou déi Primm wou de Staat gëtt, do hu mir aktuell 45% als Gemeng bäigeluecht, do ware mir der Meenung, dass mir dem Gemengerot proposéieren, dass mir déi Primm ëm

5% erhéijen, dat heescht, an Zukunft géif et da 50% vun deem Montant gi vun der Primm, déi de Staat de Leit bezilt a mir waren och der Meenung, dass mir sollten déi nei Allocation communale énergie, déu nei Energieprimm, och zu Diddeleng aféieren. Et ass esou, dass mir wëlles haten, dann de Leit, déi déi Energieprimm zegutt hunn, dass d'Diddelenger Gemeng bei deem Montant dann, wou se vum Staat kréien, géif 5% nach eemol drop leeën. Dat war d'Propos, déi mir lech wollten als Schäfferot maachen an ech sinn iwwerzeegt, dass Dir mat eis op dëse Wee wäert goen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid fir déi doten Erklärungen, d'Diskussioun ass op.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, merci fir d'Wuert, effektiv war dat ugekënnegt ginn op Froen hin, wou och déi Lénk gestallt hunn den 30. September am Gemengerot a mir begréissen dat. Alles dat wat een am Sënn vum Soziale mécht an de Leit entgéintkënn mat hire Chargen, ass eng gutt Saach an et ass scho laang net méi evident fir ganz vill Leit, dat wäerte mir spéider nach bei deem Punkt gesinn. 5% ass elo net ganz vill, mä egal, et ass eng Erhéijung vu 45 op 50% an dat ass ëmmer besser wéi näischt, natierlech wäerte mir dat mat stëmmen. Ech hu just 2-3 Froen, am Artikel 2 steet „au moment de la demande“, virdru war dat anescht, do stoung do, dass den 1. Januar hätt ee misse Resident sinn, wann een déi Demande stellt. Also, am Reglement virdru stoung, den 1. Januar misst ee Resident sinn an dann hätt een Urecht op déi Allocation compensatoire an hei steet elo „au moment de la demande“, déi gëtt jo an der Reegel am Joer gemaach, dofir fanne mir dat ganz gutt, wann dat esou kloer ass. Am Artikel 4 steet „au plus tard“ den 31. Mäerz, bezitt sech dat dann op déi Allocation vum Joer virdrun? D'Leit rechen déi jo méi spéit am Joer an, sou bis September oder dëst Joer esouguer Oktober, wou een se konnt areeche. Dat ass einfach eng Verständnesfro vum Reglement, op wat den 31. Mäerz sech bezitt, ech huelen un op déi Demande vum Joer virdrun. Wann d'Leit se am Hierscht erareeche, dann hätten se hei Zäit bis den 31. Mäerz fir se unzufroen. Da meng lescht kleng Fro: D'Entrée en vigueur ass den 1. Januar 2023, zielt dat da fir d'Allocation de vie chère vum Joer 2023 oder zielt dat fir déi wou d'Leit fir 2022 ugefrot hunn? Do ass jo den 31. Mäerz nach mat dran.

Dat ass eng Verständnesfro a mir géifen et gutt fannen, wann et och fir 2022 scho géif zielen, dat wier déi Primm, wou d'Leit elo géife kréie vum Staat an dann d'Bedelegung vun der Gemeng an dat bezitt sech dann och op d'Allocation énergie. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding, weider nach Froen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, och d'CSV dréit déi Decisioun hei mat. De Risque fir an d'Aarmut ze falen ass méi grouss ginn, den Här Manderscheid

hat dat gutt explizéiert a senger Presentatioun an och hei zu Diddeleng - do si mir eis all eens - d'Solidaritéit ass fir jidderee wichteg, sief et mat den ukrainesche Flüchtlingen, sief et mat den Asylanten an och Leit, déi an enger prekärer Situatioun sinn. Et ass och nach wichteg eemol ze erwänen, dass mir weiderhin eis Prime unique vun 100 Euro un d'Schüler dobäisetzen, dat heescht, all de Leit, déi e Recht hunn op eng Allocatioun, déi kréien och wann se e Student an der Famill hunn, deen am Lycée ass, da kréien se all Kéier 100 Euro dobäi fir Schoulmaterial an dat hate mir och virun e puer Joer esou decidéiert fir dat net mat der Strenz auszedeelen, mä dass mir dat effektiv och déi Sue prett hale fir déi Leit déi an der Necessitéit sinn. Meng Fro ass: Villäicht kann een eis kuerz soen, wéi vill Demandë sinn zum Beispill d'lescht Joer erakomm fir eng Allocatioun ze kréien?

Dann, zweetens, dat ass e wichtige Punkt, do hale mir ëmmer drop, dass eng gutt Publikatioun gemaach gëtt, also Publicitéit gemaach gëtt, dass d'Leit déi Demandë kënnen ufroen, dat muss een och an all de Sprooche maachen. Ech denken, wat och interessant ass, wann ee kuckt, wéi mir elo eis Bierger hei begrëissen, do si vill Leit, déi der Sprooch net mächtig waren, dass een dann och eemol eppes op Englesch soll maachen. Dat war eppes wat opgefall ass, dass vill Leit heibanne waren, wéi Bierger begrëisst gi sinn an d'Presentatioun op Lëtzebuergesch war a franséisch Iwwersetzungen, dass do vill Leit stoungen, déi näischt verstanen hunn. Do musse villäicht e bëssen ëmdenken, wann ee kuckt, wéi eis Populatioun, déi ganz melangéiert ass, wéi eng Sprooche fir mat deenen ze kommunizéiere mir musse benotze an och fir eis Publikatiounen. Dann ass och nach eng Fro, ech mengen, dat huelen ech un, dass dat esou geschitt, dass wa Leit virschwätzen am Office social, dass déi Clienten, déi an den Office social kommen, automatesch Recht hunn op esou eng Primm, dass déi déi Informatioun vum Office social och matgedeelt kréien.

Ech hunn dann eng Fro: Ech muss éierlech soen, ech weess net ganz richtig wat déi Prime d'énergie ass a wien déi zegutt huet, dat ass e bëssen onkloer, mir haten elo bei der Rechnung vum ENOVOS, do war deen Ziedel dobäi, dass een déi Demande ka maachen an ech hunn do d'Verständnesfro, zum Beispill d'Personal wat bei eis an der Praxis ugestallt ass, déi kréien och e Crédit énergie vu 84 Euro bei hiner Pai dobäi an et ass esou, de Patron bezilt déi a mir kréien dann duerno duerch eng Reduktioun vun eise Steieren, kréie mir déi Sue vum Staat nees erëm. Elo ass meng Fro, kann een, deen op säi Paiziedel déi 84 Euro de Mount kritt, dat ass jo e Crédit énergie, dee kritt net jiddereen, hunn déi Leit och e Recht op déi Prime d'énergie vum Staat? Well ech sinn dat vun eise Personal gefrot ginn, dat ass just eng Fro vun dobaussen, wou een net esou richtig matkritt huet, wien huet Recht op déi Prime d'énergie. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, also déi Gréng droen de Punkt 2.2 an de Punkt 2.3 och mat a genau wéi d'Madamm Erpelding hu mir eis d'Fro gestallt mat den Datumer, well d'Reglement fänkt den 1. Januar 2023 un an ass dat da réckwierkend op dee Montant, deen accordéiert gëtt vum Staat, ass dat da réckwierkend op 2022 fir déi 25% ze kréien?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci fir d'Wuert. D'Stéit mat modestem Akommes ënnerstëtzen, ass an dese schwierigen Zaiten mat héiger Inflatoun extrem wichteg. An dese schwierigen Zäite während der Covidkris a méi speziell duerch dee Krich an der Ukrain, säit Februar 2022, kum et zu extreme Präishaussen op allen Niveauen, Liewensmëttel an Energie an dofir sinn déi finanziell Ënnerstëtzenen ëmsou méi wichteg an néideg. Mir begrëissen dofir d'Eropsetze vum Taux de compensation de la taxe communale vun 45% - dat war 2014 - op 50%. Dës ginn op de Montant vun der Allocation de vie chère, déi de Fonds national de solidarité op de maximale Bruttogehälter pro Stot accordéiert, berechent. 2020 an 2021 haten 812 Stéit eng Demande gemaach, dës Joer sinn et bis gëschter 804 Demanden, spréich 801 153 Euro Allocation-compensatoires, déi bis elo ausbezuelt gi sinn. Do kommen nach 26 000 Euro fir 260 Kanner, déi an der Primärschoul sinn, déi Primm also fir déi 260 Kanner.

Ab haut géifen déi 5% Erhéijung also ronn 40 000 Euro ausmaachen. Da begrëisse mir och d'Aféierung vun der Allocation communale d'énergie. Am Mäerz 2022 huet de Staat eng Prime d'énergie agefouert vu minimum 200 a maximum 400 Euro, jee no Gréisst vum Stot an de Bruttogehaltsklassen. Stéit, déi am AVC-Status sinn, also d'Allocation de vie chère kréien, kréien automatesch eng Prime d'énergie. Bei Stéit, déi net méi eligibel si fir eng Allocation de vie chère, gëtt d'Demande iwwerpréift, op den Demandeur net awer eng Prime d'énergie zegutt huet, dat si Stéit, déi bis zu 25% iwwer dem Revenu éligible fir d'Allocation de vie chère leien. All Stot, deen eng Prime d'énergie kritt, kritt dann ab 2023 nach eemol 25% vum Montant vun der Gemeng dobäi. Eng theoretesch Héichrechnung op 2022. Mat ronn 800 Demanden an enger Moyenne vun 300 Euro Primm géif dat 60 000 Euro bedeuten. Wann een dann déi 40 000 Euro vu virdrun dobäi rechent mat de 60 000 Euro, da si mir elo schonn op 100 000 Euro, vu dass mir wëssen, dass awer d'nächst Joer d'Barëmen erëm an d'Luucht ginn, mir hunn Index hei an do, wësse mir, dass mir wäit iwwer 100 000 Euro d'nächst Joer méi drop leeën op den Taux vun der Taxe communale de l'allocation compensatoire. Wann ee kuckt wat Déiferdeng an Esch maachen, si mir déi, déi de Stéit mat moderatem Akommes am meeschten hëllefen.

Esch ginn effektiv och elo 50% vun der Allocation de vie chère, si ginn awer keng Prime d'énergie, Déif-

ferdeng mécht dat selwecht. Ervirzehiewen ass och, dass mir als Gemeng d'Leit an nächster Zäit wäerten iwwer en toutes boîtes informéieren, wéi een un déi Energieprimm an och d'Subvention Loyer an esou weider komme kënnen. Dat einfachst wier, dass den FLS eis, spréich dem Office social, eng Lëscht mat de Leit, déi an de Genoss vun deene Primme kéinte kommen, schécke géif, mä esou wäit si mir nach net. Ech soen ech lech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Zuang, soss weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall da ginn ech d'Wuert dem René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Den Här Zuang huet op alles geäntwert wat hei gefrot ginn ass, dat eenzegt wat een nach ka preziséieren ass, dass déi nei Primm, also déi 5%, déi 50% gëlle fir déi nei Demanden net réckwierkend.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech wollt och nach op en anere Punkt agoen, dat ass dat wat d'Madamm Kayser gesot huet mat de Sproochen. Mir hunn déi dräi Haaptsproochen, do-runner orientéiere mir eis och, natierlech mierke mir och mam Accueil vun den neie Bierger ass dat en neit Phänomen hei zu Diddeleng, dass mir déi englesch-sproocheg Communautéit hei zu Diddeleng, et huet verschidde Grënn, hunn awer och an Diskussioune gemierkt mat der englesch-sproocheger Communautéit, dass dat net onbedéngt d'Funktioon vum sozioekonomesche Status, deen se hunn, net direkt Beneficiairë si vun enger Allocation de vie chère. Ech maachen déi Ausso mol esou, natierlech hu mir awer, natierlech muss ee kucken, méi geziilt wann ee weess, dass déi Populatioun méi present ass, dass een da méi geziilt, dass ee soll all Kommunikatioun d'office op englesch maachen, dat mécht eng Stad Lëtzebuerg och net, wou awer déi englesch-sproocheg Communautéit vill méi present ass wéi hei zu Diddeleng, och en neie Phänomen, wou wäert duerch aner Aarbechtsgrënn sinn, Logementsgrënn, et lafen awer och Iwwerleeungen hei am Haus fir méi geziilt déi englesch-sproocheg Communautéit, wou och verschidder amgang sinn, franséisch ze léieren, dat just als Ergänzung zu der Fro, déi Dir gestallt hutt.

Voilà, dëst gesot géif ech proposéieren, dass mir zum Vott iwwerginn: Wien ass dofir fir dat iwwerschaffte Reglement vun der Allocation de vie chère? **Dat ass unanime**, villmools merci. An d'Reglement fir d'Energieprimm anzeféieren? **Dat ass unanime**, merci och, 25% wéi gesot.

2.4. Approbatioun vun notariellen Akte fir de Kaf vun Terrainen

2.4.1. Koppel Victor Yazdani a Jacqueline Yazdani, gebuere Madjzoub, Rue Pasteur:

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da ginn ech op deen nächste Punkt weider, dat si klas-

sesch Emprisen, do hu mir zwee Akte virleien, deen éischten Akt ass tëschent dem Här Yazdani an der Madamm Yazdani Madjzoub hei zu Diddeleng. Hei geet et ëm eng Emprise vun 0,19 Ar, dat ass eng Place, dat ass eng Utilité publique an dat ass an der Rue Pasteur, fir 133 Euro a mir maachen déi Acquisitioun vun där Parzell fir d'Integratioun an d'Voirie publique, dat ass e Stéck Trêtoire.

2.4.2. Madamm Simone Schammo, Rue Dicks

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An deen nächsten Akt, dat ass zwëschent der Madamm Schammo an der Stad Diddeleng, vertrueden duerch de Schäfferot, dat ass an der Rue Dicks, et sinn 1,28 Ar, fir de Präis vun 196 Euro, dat ass am Kader vun de Baugeneemegungen an dat ass eng Regulatioun an deem Sënn, dass dat och an d'Voirie publique ka goen. Dat sinn déi 2 Erklärungen zu den Akten. Ass de Gemengerot mat deenen zwee Akten averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

2.5. Approbatioun vun engem notarielle Kafvertrag mat der Firma Millenium Promotion S.A. iwwer de Kaf vun engem Terrain an der Rue du Chemin de Fer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir zu engem Acte de vente mat der Société Millenium Promotion S.A., déi hei vertrueden ass duerch den Här Baiocchi, hei si mir an der Rue du Chemin de Fer, hei ass en Terrain vu 7 Ar, wou mir eng Acquisitioun wëlle maache fir 105 000 Euro. Wann ee kuerz aspilt d' Parzell fir kënnen och d'Erklärung ze ginn, de Gemengerot an och d'Argumentatioun déi mir an den Akt dragesat hunn, geet et hei drëms fir d'Acquisitioun vun engem Terrain ze maachen, déi niewent dem Ministade ass an der Gaffelt a wou ee kéint am Kader vun enger Acquisitioun vun der Gaffelt méi zousätzleche Raum schafen, fir dat Kanner an och der Schoul kënnen zur Verfügung ze stellen. Dat heescht, dat si 7 Ar fir 105 000 Euro a mir hate jo schon eemol déi Acquisitioun gemaach, wou elo de Ministad ass, mä op der anerer Säit vun der Gaffelter Schoul, och Chemin de fer, wou mir och scho Propriétaire si vun enger Parzell, déi mir engem Privaten ofkaf haten, sou dass, wann esou Situatiounen an Opportunitéiten sech ubidden, dass mir do Terraine kafen, well mir wëssen, dass et den Ausbau am Bestand vun der Gaffelter Schoul ass, mä wann een do kann d'Acquisitioun maachen, hu mir och kee konkrete Projet, dat leeft elo einfach mol un, mä wann do effektiv d'Acquisitioun eng Reserv maachen, déi de Kanner kann och zur Verfügung stellen. Dat zu den Erklärungen, wat déi doten Acquisitioun ugeet, dofir hu mir och den Akt hei virleien. Si Froen dozou?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Dat ass jo och Bauterrain, wuelverstanen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Jo, mir géifen deen awer ëmklasséieren. De Moment sinn do 2 Haiser, do ass hanne Gaart, also kee Bauterrain, wuel verstanen, dat ass Gaart, mä dat géif

een dann, wann een déi Acquisitioun elo mécht am Kader vum PAP oder wann e Projet drop kënnt, géif een et ëmklasséieren an eng Bauzon, sou wéi och déi ganz Schoul an de Schoulhaff am PAG als Bâti klasséiert ass. Dat ass deen nächste Schratt.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Dat wat am rosa ass, ass dat och der Gemeng hiert?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Neen, dat ass net Gemeng, dat ass Crèche. Déi Acquisitioun, déi mir maachen, ass niewent dem Ministade, de Ministade hu mir realiséiert andeems mir do och eng Acquisitioun gemaach hunn, dofir hu mir deen do gemaach a mir hate viru knapp engem hallwe Joer de Fall am Gemengerot, wou mir och eng Acquisitioun gemaach haten, och an der Rue du Chemin de fer. Wann sech do Opportunitéiten erginn, da kafe mir déi. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools an d'Kanner och.

2.6. Approbatioun vun engem kommerzielle Bail de sous-location mat der Gesellschaft Biz s.à.r.l. vun Zolwer fir d'Geschäftslokal 1-6, Am Duerf.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op en nächste Projet, dat ass e Contrat de bail, dee mir als Stad Diddeleng maachen, dat heescht jo dann och Contrat de sous-location als Stad Diddeleng, mat der Gesellschaft Biz Sàrl, mam Här Thilges, den Här Schiff, den Här Meyer an den Här Wagner, déi sinn als Locataires opgefouert. Just pour rappel, dat hei ass e Geschäftslokal op der Plaz Am Duerf, wou den Här Konz an d'Madamm Meisch Propriétaire sinn a wou mir hei e Contrat de bail hunn, wou mir Locataire sinn, wou hei am Gemengerot waren, do waren bis elo ëmmer bis Enn des Joers Pop-up'en, de Moment ass de Kuddelmuddel dran do hate mir och hei de Kontrakt am Gemengerot an ech mengen elo ass et esou, dass ab Januar 2023 eppes anescht dohinner kënnt, éischter e Coffee Shop, also net en hollännesche Coffe Shop, mä e Coffee Shop mat Reecherei also Spezialitéite ronderëm de Kaffi, dat ass e Lokal vu 74 Meterkareeën, wou mir an d'Souslocatioun ginn, an ech mengen,

Dir konnt eraushéieren, et ass een an der Exploitation commerciale, dass et hei ëm Vente a Verkauf geet vun Accessoires, vu Kaffi, awer och Formatioun am Kader vum Kaffi, also alles wat sech als Barista kann ausginn. De Bail ass wéi gesot vun enger Durée vun 9 Joer ab dem 1. Januar, natierlech 3 mol 3, also all Kéier 3 mol 3 Joer et ass elo d'Méiglechkeeterauszegoen, fir de Souslocataire wéi och mir als Locataire, a wéi gesot, hei ass eppes wou vu Qualitéit ugebuede gëtt, wat och nohalteg ass, héich Qualitéit wéi gesot, voller Approchen, wat een och effektiv am Ausland ganz vill fënnt, eng Spezialitéit vum Kaffi, wou och op der Plaz kann degustéiert ginn, wou natierlech och Gäscht kënnen iwwer Clienten higoen an ech mengen, dass dat eppes ganz Flottes ass an eng flott Beräicherung ass, well et eng Spezialisatioun ass an deem dote Beräich.

Mir bezuelen hei jo 1 700 Euro Loyer de Propriétaires, dofir ass och hei, fir, dass dat eng nei Sociéité ass, déi sech fënnt an déi sech lancéiert, e bëssen eng Progressivitéit um Niveau vum Loyer. Dat heescht, dat éischt Joer déi 750 Euro fir eemol ofzekommen, dat zweet Joer 1 250 Euro an dat drëtt Joer 1 700 Euro. Mir hunn och virgesinn, do komme mir op de Maximum, mir hu virgesinn, e bëssen ofgeschwat mat de Souslocataires, dass eng Sous-souslocatioun stattfënnt, awer nëmme mam Accord vun der Gemeng, well si och hei Kontakter hu mat Schokelasproduzenten, fir och de Volet vum Schokelasverkauf mat eranzehuelen, och Lëtzebuerger Produktioun. Mir hunn natierlech d'Recht fir do Visitten ze maachen als Locataire, si mussen natierlech och eng Assurance hu mat der Garantie locative, eng Garantie an all déi classesch Voleten, déi een do muss hunn, ech mengen, dass dat heiten e Produit ass, deen sech an d'Economie circulaire areit an och Nohaltegkeet an och jonk, dynamesch Lëtzebuerger Geschäftsleit ënnerstëtzt ginn, déi sech probéieren ze lancéieren, déi sech also elo woen an de wirtschaftlech schwierigen Zäiten, wou Energie deier kascht a wou ee weess, esou eppes wéi dat heiten ze exploitéieren ass och energieopwänneg an net nëmme vu Ressource-humainen, awer och wat déi ganz Produktioun ugeet an ech mengen, dofir ass et flott, dass Jonker hei awer och de Prinzip vun „Trau dech“ ëmsetzen an Dir wësst, mir sinn als Stad Diddeleng ganz gär bereet, esou jonk Leit ze ënnerstëtzen an deene wëlle mir och eng Chance bidden.

Mir soen, dass dat doten e Projet ass, deen an de Käpp vun deenen heiten Associéeë gutt gräift, sou, dass mir prett sinn, am Januar och fir, dass d'Plaz Am Duerf, awer och Diddeleng generell, eng ganz flott Beräicherung ass fir kënnen verschidden Zorte Kaffi degustéieren ze goen. Dat zu der Erklärung wat dëse Contrat de bail ugeet. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, selbstverständlech fanne mir dat och cool wa jonk Leit sech zesummen dinn, fir eng nei Approche ze lancéieren, mir sinn och frou wann eise Lokal wat mir ugelount hunn, wann dat net eidel steet a mir wënschen deene Leit vill Chance, mir hunn hei just e Problem mat deem Kontrakt, éischters wat opfällt, ass, dass et e Contrat de bail de location ass an net de sous-location, do ass da meng Fro: Firwat ass dat esou, bei deenen anere war dat ëmmer e Contrat de bail de sous-location an do hu mir vum Souslocataire geschwat a mir schwätzen awer vum Locataire.

Dann, wat och opfällt dat ass, dass de Contrat de bail, dee mir mam Propriétaire gemaach hunn, dee leeft iwwer 9 Joer an dat vum éischte Juli 2022. Wann ech awer elo am Artikel 5 kucke vun der Durée, do wëlle mir elo e Kontrakt mat der neier Associatioun maachen, och iwwer 9 Joer, deen den 1. Januar 2023 ugeet, dat géif jo dann iwwer de Bail erausgoen, dee mir mam Propriétaire hunn. En plus steet an der leschter Zeil vum Artikel 5 „... le bail sera

renouvelé tacitement pour une durée de neuf années ...", kënne mir jo elo net schonn dra schreiwen, vu dass mir mam Propriétaire just en Akt hu fir 9 Joer, dofir ass dat schwiereg ze verstoen, firwat mir dat esou dra geschriwwen hunn. Dann, wat de Loyer ubelaangt, do déi Erhéijung, dat ass ze verstoe wa mir denken, dat dote leeft gutt, da bezuelen se 750 Euro am Ufank fir unzekommen, pro Mount, muss een elo soen, déi aner an eise Pop-up Storen hunn direkt 1 000 Euro pro Mount bezuelt. Do ass d'Fro: Firwat net och do 1 000 Euro? Dat wäert da mat hinne esou ausgehandelt gi sinn, domadder kënne mir liewen, mä dat zweet Joer 1250 Euro a virun allem am drëtten Joer 1 700 Euro, dat ass dat wat mir och dem Propriétaire u Loyer ginn, dann ass ëmmer d'Fro: Firwat mir dann do als Intermediaire nach do musse fonctionéieren, zumools wa mir wëllen e laang-fristeg Loyer op 9 Joer, dee mir net kënne op 9 Joer maachen den 1. Januar, vu dass mir jo den Akt net esou laang selwer hu mam Propriétaire.

Dann hunn ech awer - wat mech stutzeg gemaach huet - am Punkt 4, 2. Abschnitt stoen: „Le présent contrat de bail est conclu sous la condition suspensive que le locataire dispose de toutes les qualifications et autorisations prescrites pour l'exploitation de ce commerce." Do ass meng Fro: Sinn déi Autorisatiounen elo schonn do? A wann net, u wat happert et? Da kommen ech do nach eemol op dee Punkt, dat hate mir beim Kontrakt mat Album, dass wann een elo net kann den 1. Januar an dëser Situatioun de Buttek opmaachen, hu mir do net eng Klausel dran, dass een an engem gewëssen Delai soll de Buttek mussen opmaachen, beziéungsweis den 1. Januar muss den 1. Loyer bezuelen, dat war eppes wat mir ugeduecht hatten déi lescht Kéier, fir dass mir do net an den Huddel kommen, wéi mat deem anere Buttek, wou mir de Loyer net bezuelt kritt hunn obwuel mir dat esou uitgemaach hunn. Den Här Buergermeeschter war do jo och net esou amused driwwer.

Dann, bon, déi aner Fro hutt Dir scho gestallt, „Il est autorisé au locataire de procéder à une sous-location des lieux loués", bon, nach eemol do, dat heissen ass jo schonn e Souslocataire, da misst dat eng Sous-souslocation sinn, dat ass och eng Form, déi net richtig ass an do war meng Fro: Wat soll dann do dra kommen? Ech mengen, logesch ass, wann Dir sot Schokela, Schokela a Kaffi geet ganz gutt zesummen, ech mengen, dass dat eng gutt Adventure ass an ech mengen, dass do d'Leit de Succès wäerte fannen.

Wéi gesot, mir stellen den „Trau dech" innovative Projet guer net a Fro, mir fannen dat eng ganz gutt Saach, mä ech denken, hei dee Kontrakt, deem hält d'Strooss net ganz, virun allem well déi Duréen net kohärent si mat der Durée vum Contrat de bail, dee mir mam Propriétaire hunn. Dofir si mir eis amgaang z'iwwerleeën, wéi mir do solle virgoen, ob mir sollen de Kontrakt matstëmmen oder eis sollen enthalen wéinst Formfeeler. Mir gesinn eis herno nach eemol an enger anerer Diskussioun, wou mir och déi leschte Kéier en Denkfeeler festgestallt hunn, wou dat e bësse revi-

déiert ginn ass, wann ech un déi Konventioun denke mat Interactions. Voilà, dozou just eis Meenung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen?

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, d'Geschäftslokal op 1 bis 6 am Duerf beschäftegt eis déi lescht Gemengeréit ëmmer erëm, mir hate jo déi lescht Méint do Pop-Upen dran an deem Lokal an aktuell ass jo och nach de Kuddelmuddel dran, elo léisst sech da viraussichtlech fir déi nächst Joren e feste Locataire do nidder, wat dann e bësse manner Beweegung an den Dossier bréngt. Mir ënnerstëtzen zwar mat Iwwerzeegung Pop-Upe fir nei Betriber a Maartiddien eng Chance ze ginn an och fir wéineg Leerstand ze hunn, mä mir wëssen awer och, dass et wichteg ass, dass sech Betriber zu Diddeleng längerfristig kënne etabléieren. Wann sech e Betrib nidderléisst op enger bestëmmter Adress, baut en sech iwwer eng gewësse Period eng Clientèle op. Huet de Commerce Succès bei de Leit, da kommen se reegelméisseg erëm a bréngen e gewëssene Flow op déi Plaz, wou dann och déi Commerce méi Visibilitéit kréien an eng och méi grouss Clientèle.

Déi Betriber, déi sech selwer gutt droen, sinn ëmmer e stäerkend Element an enger kommerzieller Zon. Besseres wichteg ass dësen Aspekt och Am Duerf, do ass eng Plaz de rencontre geduecht an d'Société Biz Sàrl kann ee vun de richtige Bausteng sinn, fir dëser Iddi gerecht ze ginn. D'Plaz Am Duerf ass eng richtig schéi Plaz, et ass einfach flott, wann een driwwer geet an d'Terrasse si gutt besat a wann et elo och nach am Summer a Wanter do no frësch gereechtem Kaffi richt, zitt dat gären eng Rei weider Leit op déi Plaz. E gudde Kaffi ass eppes wat net wéineg Leit gären drénken an et beschränkt sech och net nëmme op de Verkaf vu Kaffi, mä et kann ee léieren, wéi ee selwer gudde Kaffi kann zauberen. Ech hat et selwer scho viru Jore probéiert an hat mech deementspreechend opgerüst an hunn et no enger kuerzer Zäit op eng Maschinn ëmgestallt, wou ech just muss e Knäppchen drécken an do wosst ech, Kaffi maachen ass einfach awer richtig gudde Kaffi maachen, dat ass eng Wëssenschaft fir sech a wa mir esou e Betrib op Diddeleng kréien, steet dat eisem Stadkär gutt zu Gesicht.

Wat Diddeleng bei der Affär nach gutt zu Gesicht steet, ass dene nohaltegen Aspekt, deem an eiser Gesellschaft ëmmer méi wichteg gëtt. Bei Biz Sàrl gëtt mat Transparenz, faire Salären, enger héijer Qualitéit a mat Nohaltegkeet geschafft, et wëll een och eng Rei nei Aromae produzéieren a vermaarten, mol kucken, wéi déi beim Konsument ukommen, mä wann een nei Weeër wëll goen, muss een och domadder rechnen, dass dat eent oder anert Experiment net esou gutt ukënnt. Wichteg ass, dass ee bereet ass bäizeléieren. BIZ Sàrl besteet aus véier Schoulkolleegen, all aus engem Joergang, déi mat verschid-

denem Erfahrungspotenzial ausgestattet sinn, woubäi dës Sàrl breet opgestallt ass. Mir hunn zwar keng Glaskugel, an déi mir kënne kucken, mä d'Konzept an den Engagement vun deene véier Hären an och hir Visioun, mir wëllen e Stéck Diddeleng ginn, huet op jiddwer Fall eng Chance verdéngt an dass se vun eis heibannen haut eng breet Zoustëmmung kréien.

Mir fänke mat engem ganz soziale Loyerspräis vu 750 Euro plus Chargen un, deen dann am zweete Joer op 1 250 Euro gehuewe gëtt an am drëtten op 1 700 Euro, wat am ënneschte Beräich vun den aktuelle Loyerspräisser a Commercë läit. Ech denken, mat dëse Loyere gi mir als Gemeng enger gudder Iddi eng Chance, dass se sech kann entwéckelen an net direkt am Keim erstéckt gëtt, éier se d'Chance huet ze fonctionéieren. Et kann ee bal soen, Diddeleng gëtt lues a lues zum Selbstversorger, mir hu gläich Diddelenger Béier, Diddelenger Kaffi hu mir schonn, da feelt eis just e Metzler, deen eis Diddelenger produzéiert, da brauche mir och gläich keng Leidelenger méi. Mir als LSAP stëmme mat Iwwerzeegung deem Bail hei zou. Ech soen lech villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Clement fir Är Zoustëmmung, wat deen heiten neie Projet ugeet.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Bon, mir fanne gutt wann do elo e jonke Business do erakënnt. Ech wollt näischt soen, mä elo ass schonn zweemol dat Wuert Nohaltegkeet gefall, ech hunn dann awer eng Fro: Dat steet net dran, ech weess och net op Dir mir do kënnt äntweren, mä gëtt dann elo och do - wa mir vun Nohaltegkeet schwätzen - e Bio-Kaffi a Fairtrade-Kaffi verkaf? Dat géif mech elo trotzdeem interesséieren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen? Dat kann ech mat den Informatiounen, déi ech kritt hunn affirmativ beäntwerten. Et ass an déi Richtung och vun hinnen aus, wou et goe soll. Da géif ech op eng Rei aner Punkten agoen. Virun allem mol Merci, dass Dir déi Ausrichtung vum Projet schonn emol begréisst. Ech mengen, dass mir hei juristesches net falsch leien, well wann ee kuckt, de Code civil oder wann ee kuckt iwwer eist Gesetz, also juristesches richteg ass de Contrat de bail. Mir maachen hei e Contrat de bail, juristesches e Contrat de bail, also ass mat der Ausféierung, wéi mir et hei maachen, éischters kee Formfeeler mä e klasschesse Contrat de bail tëschent zwee Partner, also an dem Sënn kee Formfeeler.

Dann, par rapport zu der Clause suspensive. D'Madamm Kayser huet monéiert, ob dat net esou wier. Eng Clause suspensive spillt ëmmer, dat ass mol meng Logik, déi ech hunn, en faveur vun der Gemeng. Wann do Konditiounen net erfëllt sinn, kann de Contrat de bail opgeléist ginn. Et ass jo an eiser Faveur, dat ass eng Sécuritéit, déi mir eis jo deementspreechend ginn. „Au plus tard dès le début du bail“, dat ass den 1. Januar 2023, do weess een, bei

den Assurancesaachen, do brauch een eng gewëssen Zäit, dat si mir jo och amgaangen ze maachen, a spëtstens am Januar 2023, wann de Contrat de bail uleeft, muss een deen och virleien hunn. En plus hu mir och eng klasschesse Dispositioun, also och hei kee Formfeeler, dat ass just fir eis ze schützen vis-à-vis vum Locataire, falls deen d'Konditiounen net géif erfëllen, dat ass eng Méiglechkeet iwwer d'Suspensioun vum Contrat de bail hei erauszekommen. Och dat ass näischt Ongewéinlech, ech mengen éischters, dass dat an eiser Faveur wäert sinn, falls déi Situatioun sech géif esou ofspillen.

Dann, par rapport zum Contrat de bail, mir sinn hei an enger Logik, mir vis-à-vis vum Här Konz an der Madamm Meisch, dat sinn dann 9 Joer 3 mol 3 all Kéier, hei ass dann och dee selwechte Prinzip, 9 Joer 3 mol 3, do ass absolut kee Problem, dass dat géif och driwwer goen, well deen ee Contrat de bail och am Juli 2022 ugefaangen huet an deen heiten am Januar 2023. Déi selwecht Fro kéint ech jo stellen, wa mir elo de Choix geholl hätten et ee Joer eidel stoen ze loossen - wat mir net gemaach hunn - an dann eréischt de Contrat de bail mat engem Souslocataire ze maachen. Och wann een esou Ausweeër huet wéi hei, no deenen dräi Joer ass et villäicht d'Sàrl déi selwer wëll Locataire gi vis-à-vis vum Propriétaire, dat ass eng ganz aner Situatioun an et kann och sinn, dass dat heiten - l'un n'empêche pas l'autre - dat heescht, ech gesinn och hei kee Formfeeler, dass dat juristesches komplett géif driwwer goen, well wann dat heiten negociéiert gëtt mam Propriétaire, wann de Propriétaire vun haut op muer géif decidéieren, eis de Contrat de bail ze kënnegen, do si mir an enger ganz anerer Situatioun, well hien déi wëllt dra setzen, dat heescht juristesches si mir hei absolut richteg, ech gesinn op alle Fall net de Formfeeler, sou wéi Dir en hei gesitt.

Dann awer, op deem anere Punkt, wou Dir drop agaan ge sidd, ech wëll och en Argument par rapport zu der Durée vun deene Joren, well och en Argument wou och, vu dass dat heiten eng Sàrl ass, déi sech situéiert huet, déi och op d'Bank gaangen ass fir eng Rei Garantien ze kréien, mat engem Contrat de bail, wou een en Engagement huet, wou och eng Faveur spillt, vis-à-vis vun hinnen, mat enger Garantie, wou mir hinne ginn an och zu engem Contrat de bail an deem wat se investéieren. Da war nach en anere Punkt ob een en Delai ëmmer soll dra setze wann een e Contrat de location mécht, dat hu mir schonn eemol hei ugeschwat, ech hunn lech och meng Meinung gesot, e Geschäftsmann an eng Geschäftsfrau kënnen net ëmmer steieren. An engem vun de leschte Gemenge ass den Här Clement, deen Erfahrung huet als Geschäftsmann um Terrain, op eng Rei Argumenter agaan, firwat dass een dat net soll maachen. Et ass och gutt wann ee Leit vum Terrain huet, déi soen, datt een eppes net soll maachen, well een net ëmmer all Parametere maîtresiere kann, wann een e Geschäft opmécht. Den Här Clement kann eemol, wann e wëllt, drop agoen, mä ech denken net, dass dat esou gang und gebe ass, dass een eng Date butoir

dra setzt a wann een déi net erfëllt, dass een engem da kënnegt oder Konsequenze sinn, well een u Parametere hânt, déi ee selwer net ka maîtriséieren, a wann een all déi Leit drop uschwätzt war et Parametere vu Liwwerketten, respektiv vun Elementer, déi net komm sinn, well dat un engem internationale Kontext gehaangen huet am Kader vun der Covidkris, dann de Message ginn, dass een eng Date butoir muss ginn, fir d'Geschäft kënnen opzemaachen, fir dann à la clé de Message ze ginn, wann dat net de Fall ass, da kënneg mir. Dat ass e komplett falsche Message vis-à-vis vun de Geschäftsleit, déi sech lancéieren, mä wann een der Meenung ass, dass een dat soll maachen, da kann een där Meenung sinn, mä ech mengen, dass d'Majoritéit net der Meenung ass, dass ee soll esou mat Geschäftsleit fueren. Ech mengen, ech hu probéiert op déi verschidde Froen anzegoen, ech begreissen einfach, dass d'Ausrichtung, déi mir hei huele par rapport zu de Leit, déi sech hei etabléieren, positiv opgehoill gëtt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hunn elo awer nach eng Detailfro well wou do steet „les conditions suspensives“ well dat extra hei dra steet, do ass elo meng Fro: Et ass absolut richtig, dass mir eis schützen als Locataire, wann déi Sàrl zum Beispill keng Méiglechkeet kritt fir sech ze constituéieren oder esou, dass mir da kënnen den Akt opléisen. Dofir ass meng Fro: Sinn et grouss Hürden oder méi kleng Hürden, dat ass ebe meng Fro, ass et eng Saach vun der Assurance oder sou well soss hu mir dat ni dra geschriwwen oder war et als Virsicht vun deene Saachen, déi mir virdrun haten? An, wéi gesot, mir sinn net der Meenung, dass mir eng Date butoir solle maachen, dat ass net géint déi Leit, wichtig ass de Kontext vun der Date butoir, wann déi Leit vun Ufank un hire Loyer bezuelen, dann ass dat och guer kee Problem, mä et war d'Diskussioun Date butoir an de Loyer war net bezuelt ginn.

An deem konkrete Fall ass meng Fro: Wéi grouss sinn déi Hürden nach, déi déi Associatioun bis den 1. Januar muss iwwerwonnen hunn an zweetens sinn ech net der Meenung, dass mir kënnen eng Durée de 9 ans dra schreiwe fir den 1. Januar 2023, wa mir selwer nëmmen en Akt hu vun 9 Joer vum 1. Juli 2022 un. Dat ass awer eng aner Zäitche. Ech hätt et méi einfach fonnt, wa mir gesot hätten, d'Limitt vun deem Datum 2022 dat geet bis 2031, well esou laang hu mir nëmmen dat Gebai gelount, net, dass op eemol de Souslocataire seet, majo, d'Gemeng huet eis dat gelount bis den 1. Januar 2032 an, verstitt Dir, dat ass jo awer eng juristesche, kokeleg Geschicht. Also esou gesinn ech dat. Et ass och kee Jurist heibanen, deen eis dat ka genau soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also, dat mat der Assurance dat ass absolut kee Problem, mir sinn amgaangen, dat ze kréien, et ass einfach eng Sécherheet, déi een an e classesche Contrat de bail dra setzt. Wou mir effektiv e Pop-Up hate fir ee Mount, do mécht dat kee Sënn, hei ass dat e bëssen anescht, et kënnt eng aner Exploitati-

oun dran, et kënnt eng Reecherei dran, dat heescht, do sinn och aner Assurancen, déi spille kënnen fir déi komplett aner Exploitatioun zu deem viregten. An dat mat deenen 3 mol 3, respektiv vu mir un zum Propriétaire, respektiv déi 3 mol 3 wou mir hu par rapport zu der Societéit Biz, ech gesinn dat net a Kontradiktioun. Et gëtt verlängert, et kann een en cours de route d'Conditounen änneren, et gi vill Parametere, wou mir haut nach guer net wëssen. Villäicht sëtze mir an engem Joer hei a mir léisen alles op well et net gegraff huet. Dat sinn alles Saachen, déi kënnen kommen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, ech wollt am Fong näischt soen, mä ech sinn e bësse rosen, dass ech dat selwer net gemierkt hunn, well ech sinn am Fong esou e Paragrafereider an en Textliesser, mä et huet een net ëmmer genuch Zäit. D'Fro stellt sech effektiv net wann een et en cours de route ännert, mä wat d'Madamm Kayser wëll soen, d'Fro stellt sech wann en cours de route vun 9 Joer näischt ännert, dat heescht wann an 8,5 Joer deen ee Kontrakt ausleeft an deen anere géif nach lafen. Do wësse mir net wat geschitt. Dat wier esouguer ideal wann e Geschäft sech géif installéieren a Fouss faassen an heibleiwen a gutt goen, awer déi Fro stellt sech effektiv.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Bis dohinner kann nach vill geschéien, do kënnen mir schon net méi Locataire sinn, do kënnen si Locataire sinn, do kann e Cas de figure sinn, dass dat heite frësch negociéiert gëtt, ech gesinn dat net esou problematesch, wéi hei Verschiddener et maachen. Dat heiten ass gepréift ginn iwwer eise City Manager. A ce stade kee Problem. Si sinn iwwerpréift ginn.

Da géif ech zum Vott iwwergoen: Wien ass dogéint? Wien enthält sech? CSV an déi Lénk an déi Gréng. Wien ass dofir? LSAP an eise onofhängege Member. Villmools Merci. A mir ginn lech Rendez-vous am Januar 2023.

2.7. Approbatioun vum kommerzielle Bail mat der Gesellschaft Munhowen S.A. iwwer de Betrib vum Restaurant-Brasserie “Amarcord” am Centre culturel régional “opderschmelz “ Diddeleng (CCRD) - Centre National de l'Audiovisuel (CNA).

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deen nächste Punkt, mir bleiwe beim Commerce, an do gi mir an d'Brasserie Amarcord er-iwwer, wou de 6. September dëst Joer de Christophe Lequi eis matgedeelt huet, dass hie säi Contrat de bail, deen e mat eis huet, wéilt kënnegen an do hu mir en neien Exploitant misse sichen, et ass jo e Contrat de bail, deen esou opgebaut ass, dee mir hu mat der Societéit Munhowen, mat Bofferding, also mir zesumme mam CNA mat der Societéit Munhowen déi de Contrat de bail huet mam Exploitant. Wéi mir dat gewuer goufen, si mir op de Wee gaange fir en Appel public ze maachen. Et muss ee wëssen, dass de Centre culturel opderschmelz 2007 opgaangen ass, net méi spéit wéi muer si mir um 15. Anniversaire

an 2008 ass de Christophe Lequi do Locataire ginn a vun do u war hien de beschtbekannte Restaurateur an Diddeleng mat der Brasserie Amarcord.

Et muss ee soen, dass mir d'Prozeduren an den Appel public do gemaach hunn, do sinn och eng Rei Visite gemaach ginn, ëm déi 14 Leit, déi effektiv interesséiert waren, wou eng obligatoresch Visite um Site war, do waren 2 Persounen, déi do waren an et ass just eng Persoun, déi den Dossier ofginn huet, den Här Cabeti mat der Madamm Pinto, an déi wäerten en neie Kontrakt maache mat hirer Societéit mat der Societéit Munhowen, mä de plang ass mol, dass mir mat der Societéit Munhowen dann och en neie Contrat de bail maachen, wou mir och adaptéiert hunn. Virop wëll ech awer hei op dëser Plaz – an ech géif soen, am Numm vun eis all – dem Christophe Lequi e grouse Merci soe fir d'Exploitation vum Amarcord, ganz flott huet hien dat gemaach an och dem Centre culturel e ganz flotte Stempel opgedroen iwwer säi Flair, seng Aart a Weis, et war e flotten Rendez-vous fir déi Jonk a manner jonker an duerch säi Wiesen a seng Aart a Weis ass een ëmmer dohinner gaangen, dofir vun eis alleguerten e grouse Merci un de Christophe fir säin Engagement.

Hie geet eis net verluer, et gi Saachen, déi hie wëlles huet hei an Diddeleng, mä de Contrat de bail, dee mir hei virleien hunn, ass wéi gesot mat der Stad Diddeleng. Do sinn e puer Punkten, op déi ech wollt agoen an deem Contrat de bail, wou mir probéiert hunn e puer Adaptatiounen ze maache par rapport zum initiale Contrat de bail. Dëse Contrat de bail leeft fir 9 Joer, och ab dem 1. Januar 2023, a mir hu bei dësem Kontrakt bäigefüügt, dass net nëmmen de Restaurant mat 200 Meterkareeën, mä dass och eng Terrass dobäi ass vu 60 Meterkareeën, dat war am initiale Kontrakt net festgehalten. Dann hu mir natierlech och derbäi geschriwwen, dass dëse Contrat de bail resiliéiert gëtt, wann d'Faillite vun där anerer Partei géif a Kraaft trieden. Natierlech gi mir eis och en Droit de visite, dat war virdrun net de Fall. Et gëtt méi präziséiert, dass déi Zäit auszemaachen ass fir en Droit de visite, awer och mol ouni Rendez-vous, wann Aarbechten och gemaach ginn. De Loyer ass hei fixéiert op 2 000 Euro, si huelen och 1 500 Euro Chargen, dann hu mir nach eemol preziséiert hei, wien wat och gehéiert, och dass d'Brauerei dee ganze Mobilier stellt am Kader vun der Exploitation, dat hu mir hei och dra gesat an, dass natierlech hei dierf iwwergeri ginn, Vestiaires, Cuisine, dass déi an engem gudden Zoustand ass, dat hu mir och preziséiert an natierlech, dass de Locataire an der Brauerei net iergendwellech Amenagementen ka maachen ouni dass dat am Virfeld vun eis déi néideg Autorisatiounen kritt huet.

An natierlech, dass déi ganz Maintenance vum Material vun der Kichen d'Brauerei zesumme mam Exploitant muss kucken ze droen, dass dat op alle Fall net un eis ass ze maachen, och de reegelméisseg Entretien an den Nettoyage maachen, d'Reparation-locativen, dass déi à charge sinn och vun der Braue-

rei an och natierlech - dat war en Deel vun der Ausschreibung vum Appel public, dee mir gemaach hunn an ass natierlech hei och mat erageholl well dat weist och d'Brauerei bënnt sech mat hirem Kontrakt mat hirem Exploitant - dass hei Produite vum Terroir, Production locale et régionale, Fairtrade-Produiten ugebuede ginn an dass traditionell alternativ Kiche soll ugebuede ginn, de Stil Restaurant Brasserie eben, och den Débit de boissons. Mir hunn awer och dra gesat, well dat war ni Deel vum Kontrakt, dat huet eis awer wichteg erschénkt well hei e komplett neie Contrat de bail ass an et sinn och Erfahrungswärter, déi een iwwer déi Jore gemaach huet säit 2008, dass natierlech och de Restaurant Brasserie op ass fir Manifestatiounen, déi d'Gemeng organiséiert, wann et Vernissagé sinn, Eventer sinn, Receptiounen, Concerten oder Konferenzen, also sou Saachen déi elo schonn de Fall waren, mä déi kommen elo do och mat eran.

Och gouf festgehalten, datt natierlech hei och den Direkter oder den Exploitant och flexibel an disponibel ass vis-à-vis vum Centre culturel opderschmelz awer och am CNA am Kader vun hiren Organisatiounen. Mir hu jo do eng Cohabitation an natierlech, wa mir och do esou Manifestatiounen hunn, dass mir dann net zousätzlech Locatiounen musse bezuelen. Ech hu probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen, déi mir hei agefouert hunn, respektiv déi de Patrick Bausch och preparéiert huet, well hien och mat eis dat heiten opgeschafft huet. D'Brauerei steet jo och hannert dësem Contrat de bail, wat hei de Choix vum Restaurateur ugeet, deen ab dem 1. Januar do den Zepter iwwerhëlt an och vun dëser Plaz aus, si sech wënschen, dass mir eng glécklech Hand fir d'Weiderféiere vun deem Traditiounslokal hei zu Diddeleng hunn. Ech mengen, ech hu probéiert, op all déi Punkten anzegoen, Dir hutt deen ale Kontrakt, Dir hutt de Courier och vum Christophe Lequi virleien, wou hie seng Intention manifestéiert, dat ass dat wat ech heizou wollt soen an d'Diskussion ass op.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, ech ginn eemol ganz kuerz heirop an, de Buergermeeschter huet alles gesot wat de Kontrakt ubelaangt an dat ass alles ganz kloer. De Punkt 2.7 hei um Ordre du jour ass eigentlech eng Formalitéit, an der Brasserie Amarcord, do ännert de Gestionnaire an dat muss duerch de Gemengerot goen, dat ass soss keng Formalitéit, dat ass de Christophe Lequi, deen op eegene Wonsch ophält an hie wëll d'Liewen e bësse méi lues ugoen. De Christophe huet den Amarcord säit 2008 iwwerholl, säitdeem sinn ongezielt Receptiounen, Familljefeieren, Betribsfeieren organiséiert ginn, dat esouwuel am Restaurant wéi och - wann hien d'Teschewand opgemaach huet - am Hall vum Centre culturel. Fe Christophe huet sech och ëm de Catering vun den nationalen an internationale Schauspiller a Museker an Dänzer gekëmmert, säit hien do opderschmelz an der Kiche stoung.

Vergiesse mir och net d'Personal aus deem Haus vun der Museksschoul, den CNA an dem Centre cultu-

rel, déi gär beim Christophe hire Menu du jour giess hunn. An esou munch Elteren hunn sech gär beim Christophe niddergelooss fir op hir Kanner no der Museksschoul ze waarden. De Christophe war eng Institutioun, fir hie war keen Dag ze laang a keng Stonn ze spéit, ëmmer hat hien e gutt Wuert parat oder e Witz. Hien an och säin immens léift Personal hunn den Amarcord zu deem gemaach wat et haut ass an dofir soe mir him haut en décke Merci. Obwuel hien elo am Amarcord d’Coupe weiderreecht, geet hien eis net ganz verluer, dofir freeë mir eis dann och fir hien deemnächst an der Buvette am Park erëmzugesinn an nach weider Projeten, déi nach hannendru sinn. Dem Christophe a senger léiwer Fra Murielle wënsche mir nëmmen dat bescht an der neier Ekip Bon chance.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech ka mech de Wieder vun der Madamm Kohn nëmmen uschlëssen, de Christophe, mat grousssem DE a mat engem kräischende A musse mir dat natierlech zur Kenntnis huelen, et ass, wéi gesot e bleift eis erhalen am Park an, wat hien och annoncéiert huet, fir villäicht nach e bësse Catering ze maachen, mä ech mengen, do sinn nach keng kloer Projeten, déi mir elo scho kënnen officialiséieren. Wéi gesot, en décke Merci fir hien, hien huet dee Restaurant mat Liewe gefällt, net nëmme kulinäresch eis verwinnt, mä och mat sengem Witz a sengem gudden Ambiente huet een sech ëmmer gutt gespuert bei him.

Zum Kontrakt wollt ech just soen, et sinn eng, zwou 2 Saachen, déi mir opgefall sinn. Wéi gesot, dass net einfach fir e Successeur ze fanne fir de Christophe, dat liest sech hei aus deem Kontrakt, e Restaurant, dee muss 7 op 7 Deeg op sinn, vu moies 8 bis owes jusqu’à la fermeture légale sans interruption an dann och nach wa mir Manifestatiounen ubidden, mir si gutt als Stad Diddeleng, wéi och den CNA, also do gehéiert schonn immens vill Courage dozou a wann een haut d’Leit héiert, Life-Work-Balance, wou fënnt ee Personal wat esou disponibel ass fir esou Saachen an Ugrëff ze huelen, dofir si mir schonn immens frou, dass mir och mam Raphael eng Ekip fonnt hunn, déi dat wëllen ugoen an déi och d’Äerm kënnen eropstréppen an an déi Richtung weidergoen. Mir fannen et och positiv, dass dat dra geholl ginn ass an de Kontrakt, dass Produits du terroir de production locale a régionale solle virun allem, also de préférence utiliséiert ginn an och Fairtrade-Produiten. Wat e bëssen nei ass a wou ech mech awer froen, op der leschter Säit do steet le “bailleur se réserve le droit d’installer une scène équipée dans la brasserie ou sur la Terrasse”.

Dat ass en neie Moment, war do eng Demande an dat wier flott, gewuer ze ginn op do schonn e konkrete Projet virgesinn ass an déi Richtung. Dann nach eng Fro am Punkt op der leschter Säit: „... pour la gestion de l’exploitation du restaurant-brasserie et de ses dépendances...“, wat mengt Dir do?

Do sinn esou Preparatiounsraim am Keller gewiescht,

sinn déi domadder gemengt? Dat war dat wat ech wollt nofroen. Wéi gesot, vill Courage gehéiert dozou fir déi Disponibilitéit an déi Flexibilitéit walten ze loos-sen, déi de Christophe un den Dag geluecht huet, dat ass mat de Jore gewuess an him war ni eng Stonn ze fréi oder ze spéit fir säi Restaurant opzemaachen an nach eemol villmools merci vu senger Säit an och eiser Säit och fir de Rafael an d’Sonja an déi ganz Mannschaft, an nach eemol Bon Courage, si hunn och dat néidegt Häerz an déi Empathie, si wäerten eis och esou verwinne, wéi de Christophe Lequi et gemaach huet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech fänke just mat enger theoretescher Fro un, ech hunn net den Duerchbléck. D’Gemeng mécht e Contrat de bail mat Munhowen, huet awer d’Matsproochrecht a sicht en Exploitant eraus. Ech verstinn net richteg firwat dat esou funktionéiert, villäicht ass dat esou üblech. Dat ass einfach just eng allgemeng Fro. Oder firwat maache mir net direkt de Kontrakt mat dem Exploitant oder, z.b. kéint Munhowen elo en aneren Exploitant huelen? Dat ass einfach nëmmen eng Verständnesfro. Da kann ech mech nëmmen de Wieder vun all menge VirriednerInnen uschlëssen, dass de Christophe ëmmer frëndlech, entgéintkommend, disponibel a flexibel war. Ech soen et dann als Privatpersoun, et ass gewosst, ech hu laang Joren do an deem Gebai geschafft an de Christophe war zäitweis do bal wéi mäi Privatkach an huet mir do preparéiert, wat ech wollt, wéini ech wollt, wann hien et net esouguer bis an de Büro bruecht huet. Also, dat huet hien net nëmme fir mech gemaach, mä och fir d’Artisten an all déi aner Leit, et war him näischt ze vill.

Ech kéint nach vill soen, mä et gouf scho ganz viles gesot, et ass schued, dass hien ophält mä bon, kee mécht eppes éiweg weider a wann ee weess wat hie geschafft huet a wéi vill hie selwer geschafft huet, dann huet hien et verdéngt, méi lues ze trieden. A sengem Bréif ernimmt hie säi Personal an ech hu mat him doriwwer geschwat, do wollt ech froen, wéi wäit do Oplagen, Contrainten oder Recommandatiounen sinn un deen neien Exploitant fir deelweis d’Personal mat ze iwwerhuelen? Do wollt ech just froen ob mir do en Afloss drop hunn oder op gewosst ass, ob deels d’Personal mat iwwerholl gëtt? Well soss wier et schued wann déi Leit, déi de Betrib kënnen, net kéinten do bleiwen. Dat ass just eng Fro ob dat gewosst ass. Ech mengen, et ass e groussen Challenge fir deen neien Exploitant, et ass net einfach, am Christophe seng Schrëtt eranzetrieden, mä bon, et muss een eng Chance ginn, jiddereen huet seng Aart a Weis an da loosse mer eis iwwerraschen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d’Wuert, och am Numm vun der Grénger Fraktioun wëlle

mir dem Här Lequy villmools merci soen, d'Madamm Kohn huet eng schéi Ried gehalen an do kënne mir eis nëmmen uschléissen. Och un dat wat d'Madamm Kayser an d'Madamm Erpelding gesot hunn, wann een och an de soziale Medië matkritt huet, wéi public ginn ass, dass hien ophält. Et huet ee gemengt, ganz Diddeleng ass traureg, et huet een och ëmmer déi Häerzlechkeet wann een do war, gespuert, an et war ëmmer eng flott Ambiance an eng gutt Laun, dat ganzt Personal war ëmmer ganz häerzlech an et ass ëmmer gutt ze iesse ginn do. Dann hunn ech vum lessen eng kleng Fro vum Kontrakt, dat soll jo och am Kader vun der Nohaltegkeet sinn, Präferenz op lokal a regional. Bio ass elo net dran, dat ass och schwierig am Restaurant, et wier awer och eemol gutt wa Bioproduite géifen ugebuede ginn, Fairtrade, da steet do traditionell an alternativ Platen. Alternativ, huelen ech un, ass vegetaresch a vegan, well dat ass jo awer haut scho bal üblech, dass iwwerall Vegetaresch ugebuede gëtt, ech wollt awer nach eemol nohaken. Et ass op all Dag, vu moies 8 Auer un, wat och gutt ass, vu, dass elo de Floater dobäi ass an da kënne d'Leit moies do Kaffi drénke goen a während all deene Kulturveranstaltungen ass och ëmmer op, Receptiounen an esou weider, dat ass jo alles gesot ginn, dat ass jo och wierklech flott. Mir wënschen dann och deem neie Gestionnaire eng glécklech Hand an nach eemol villmools Merci dem Christophe.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, nach weider Interventiounen?

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just e perséinleche Statement: Ech sinn och natierlech ganz getraff do well dat war ëmmer, wann ech era komm sinn, „Salut, tavernier!“ an hie sot dann „Salut, arracheur de dents!“, an dat wäert mir feele bei deem Neien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci lech alleguerde fir Är Stellungnamen a Merci un de Christophe, ech géing op verschidde Punkten villäicht agoen, ech géif generell soen, dass mir, wat dëse Kontrakt ugeet mat der Brauerei, respektiv dat wat am Kontrakt dra steet, respektiv wat d'Brauerei mam neien Exploitant mécht, dass dat eent zu eent par rapport zum aktuelle Fonctionnement ugeleent ass, well mir jo déi Erfahrungswäerter hu säit 2008 a mir eis net virstelle kéinten, do elo komplett no hanner ze goen, mat komplett aneren Auerzäiten, engem komplett anere Funktiounsorganismus a well mir do jo och wëssen, wat déi Virdeeler sinn, par rapport zu der Aarbechtsaart a -weis. Dat war jo och fir deen zoustännegen Exploitant kee Problem.

Par rapport zu den Dependancen, dat sinn effektiv déi Lokalitéiten, déi d'Madamm Kayser gefrot huet, dat sinn effektiv Preparatiounsraum, och do wou d'Frigoe stinn, dee ganzen Volet vun den Outilen, dat stoung am ale Kontrakt. Mat der Zeen, dat war deemools d'Iwwerleeung, eng Ouverture ze hunn, wann een och mol wéilt eppes Kulturelles am Amarcord maachen, dass et déi Méiglechkeet gëtt, wëssend zwar, dass dat ni gemaach gouf, mä voilà, dass een déi Ouver-

ture einfach léisst, dat ass keng Mussesaach mä et kann deementspriedend gemaach ginn.

Par rapport zu der Madamm Erpelding, par rapport zu der Struktur, hei huet een d'Gemeng mat der Brauerei an d'Brauerei mam Exploitant, dat ass och deemools esou gemaach ginn, et ass net nëmmen d'Gemeng Diddeleng, déi dat hei mécht, et ass zesumme mam Staat zu der Cohabitatioun an d'Gemeng a respektiv de Staat kënne natierlech matschwätzen, dat war och deemools esou, wien den Exploitant ass, well hei de Restaurateur net nëmme klassesch d'Exploitatioun mécht vum Restaurant, mä awer och op d'Gemeng zeréckgräift an och de Staat op hien zeréckgräift am Kader vun de Manifestatiounen, déi si maachen. An ech muss soen, duerch déi Erfahrungswäerter, déi mir an änleche Situatiounen hu mat der Brauerei, do ass ëmmer gesot ginn, Dir sidd déi, déi mam Restaurateur eens ginn, dofir musst Dir soen, wien Dir wëllt oder net wëllt. Hei war een, dee sech gemellt hat, mä mir haten awer schonn deemools 2008, wéi dat heiten och publik gemaach gouf, do waren e puer Leit, déi um Dësch souzen, mä schlussendlech ass et um Gemengerot, ze kucken, wien se huelen a wien se net huelen.

Souvill par rapport zu der zweeter Fro, déi Dir gestallt hutt, an d'Remarque, et sinn zwou Saachen an am Fong hidden ech mech ëmmer dofir wou d'Formatiounen also net d'Gemeng sech soll eraus halen, well et net de Ressort ass vun der Gemeng, dat ass ob den Exploitant an Zukunft d'Personal mat iwwerhëlt oder net. Hei wësse mir, dass hien et mécht, hien hätt et och kënne en anere Wee maachen, mä dass hien en Deal mécht tëschent dem zukünftigen Exploitant an dem aktuellen Exploitant, do huet d'Gemeng sech erauszehalen, sou wéi si sech och eraushalen, wéi och beim Fonds de commerce. Wat dat ugeet, do ass et och esou, dass deen neien an alen Exploitant sech eens gi sinn, dat si Saachen, déi si reng tëschent deenen zwee ze kucken an do huet d'Gemeng per se sech erauszehalen, well dat och iwwer aner Kontrakter leeft, déi largement de Kader vun der Gemeng juristesesch dépasséieren.

Mä gutt ass - mengen ech - hei ze soen, dass e Wee fonnt ginn ass, wou awer d'Personal mat iwwerholl ginn ass, wou awer och neit Personal wäert kommen, dat dréit ëmmer zu enger gewëssener Rou bäi an och natierlech, wann een sech nei lancéiert, kann een op Erfarungen zeréckgräifen, déi awer schonn do sinn, also ass et da méi en Avantage wéi en Desavantage.

Dann, par rapport zu de Froen vun der Madamm Heinen, mir hunn déi Optioun gelooss, wann een alternativ soll an déi Richtung goen, och vu vegane Produiten, dass een do d'Palett esou breet wéi méiglech mécht. Wat och passt zu deenen, déi dohinner kommen. Ech mengen, et ass dat wat ech lech kann äntweren op Är Froen, da géif ech de Gemengerot froen ob e mat deem Contrat de bail, wéi en hei virläit, averstanen ass. **Dat ass unanime.** Merci villmools.

2.8. Approbatioun vun enger zousätzlecher Konventioun mam Veräin "Diddelenger Haus fir Senioren" a.s.b.l.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Mir hunn nach eng Rei Punkten um Ordre du jour, mir komme gestärkt aus der Mëttespaus eraus, den nächste Punkt ass d'Konventioun zwëschent der Gemeng an der Associatioun Diddelenger Haus fir Senioren. An da ginn ech hei eisem Senioreschäffen d'Wuert, dem René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN):

Merci, den Text wou Dir am Dossier leien hutt, seet net vill aus, dofir muss ech elo e bësse méi wäit aushuelen, wann Dir erlaabt. Et ass Follgendes, Dir wësst, dass mir am Club Senior eng Chargée de direction hunn an déi Chargée de direction ass virun enger gewësener Zäit op eis duerkomm als Conseil d'administration fir aus privaten, perséinlechen, gesondheetlechen Ursaachen e bësse méi kuerz ze trëppelen. Do hu mir dann als Conseil festgehalen, dass si da just nach 30 Stonne schafft, si dunn op 24 erof reduzéiert huet als Chargée a virun e puer Wochen ass se nach eemol komm an huet gesot, si géif déi Charge esou wéi se se elo ausfëllt net méi maachen, manner maachen, aus perséinlechen, gesondheetlechen a private Grënn an dat huet sech verschlëmmert, si kann de Posten als Chargée net méi maachen an de Wonsch war dunn, e bësse méi kuerz ze trëppelen an zeréckzetrieden a par hasard hat eis Assistante sociale vum Club Senior och d'Plaz gewiesselt, fir eng nei Erausfuorderung ze sichen, sou dass déi Plaz als Assistante sociale am Club Senior vakant war an de Wonsch vun der Chargée war, dass si géif dann dee Posten als Assistante sociale weiderféieren, vu dass se awer nach e puer Joer muss schaffe goen.

Sou dass mir da confrontéiert ware mat engem neie Poste fir de Chargé auszeschreiwen, de Chargé, dat war ëmmer 40 Stonnen d'Woch, vun 30 op 24 Stonnen zeréckgeschrauft an elo ab 1. Dezember wëll hatt de Posten ausfëllen als Assistante sociale mat 20 Stonnen d'Woch, sou dass de Chargésposte gedeelt ass. Vu dass awer e Chargé à mi-temps net duergeet fir esou e Betrib wéi de Club Senior ze féieren, hu mir de Posten ausgeschriwwen viru Wochen, mat 30 Stonne pro Woch. Mir hunn och effektiv eng Damm fonnt, déi de Poste kann a wëll maachen, sou dass mir awer dann de Problem haten, 20 Stonnen Assistante sociale vum schoulesche Posten ewechzehuelen, et bleiwen nach 20 Stonnen iwwereg fir de Chargésposten a vu dass mir awer 30 Stonnen ausgeschriwwen hunn, war de Schäfferot ugetrueden ob d'Gemeng géif déi 10 supplémentär Stonnen iwwerhuelen, well d'Konventioun mam Ministère jo nëmme 40 Stonnen virgesäit an hei wiere mir bei 50 Stonne, theoretesch.

Ergo, mir hunn d'Gemeng da gefrot op si bereet wieren, déi Charge ze iwwerhuelen an de Schäfferot huet dat opgrond vun hire ville Verdéngschter als Chargée an der Vergaangenheet bejot an och mir als CA waren

der Meenung op Grund vun de Verdéngschter an och en bon père de famille, vu dass effektiv d'Chargée an deene Schwieregkeeten ass wou se ass an si awer trotzdeem ze ënnerstëtzen, hu mir als CA dat bewëllegt, sou dass mir hei de Gemengerot froen ob de Gemengerot dat och esou gesäit, dass mir dee Chargésposten, dee mat 40 Stonne konventionéiert ass, gespléckt hu mat 20 Stonne fir déi fréier Chargée als Assistante sociale.

Déi aktuell Chargée kritt de Rescht vun 20 Stonnen iwwer d'Konventioun an d'Gemeng mécht dee Geste mat deenen 10 Stonnen, fir dass se op déi 30 Stonne kënnt, déi se brauch fir am Club Senior ze schaffen. Dat elo mol, an do hoffen ech, dass et verständnisvoll eriwier komm ass, et ass net esou evident mä voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Gutt, merci dem René Manderscheid fir d'Erklärungen, wat déi Konventioun ugeet. Wa Froe sinn dann zéckt net.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Kann een net einfach froe fir déi Konventioun mam Staat ze héijen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

OK, soss nach Froen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):

Ech wollt froen, do war jo dann awer en Assistant-socialsposten, dee vakant ass, wéi vill Stonne waren dat dann?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):

Merci, ech hat mir dat e bëssen ugekuckt an ech sinn net eens gi mat der Konventioun, well déi ass vun 2022. Dat heescht, do gëtt all Joer eng nei Konventioun gemaach, ass dat esou?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, weider Stellungnamen?

WALTER BERETTINI (LSAP):

Merci, léif Gemengeconseilleren alleguer, ech hunn e kleng Virdeel, ech sinn och am CA, sou dass ech weess wourëms et geet. D'Erklärung huet den Här Manderscheid scho ginn, ech wollt profitéiere fir och eemol eis Gemengepapen a -mammen offiziell ze luewen. Also, esou Aktioun wéi 10 Aarbechtsstonne pro Woch als Gemeng ze iwwerhuelen, ass nach laang keng Selbstverständlechkeet. Dëse Geste weist och alt erëm eemol, dass mir als Gemeng eise sozialen Encadrement vun eise Matbierger eescht huelen, egal ob et jonker sinn, Kollegen, Leit, Leit, déi aleng stinn oder eben, wéi hei, Leit am drëtten Alter. De Mënsch ass e soziaalt Wiesen a mir brauchen, wann et eis soll gutt goen, vill a gutt Kontakter mat anere Leit. Besonnesch no der Covidkris mierkt een, dass et vill Leit net gutt geet. Besonnesch déi eeler Leit waren isoléiert an aleng an hunn dorënner gelidden. Dofir muss een sech besonn-

esch vill a gutt ëm si këmmen, dofir brauch een Zäit an awer och Personal. Et wier an eisen Ae falsch, hei ze spueren an sech dann net adequat ëm eis eeler Generatiounen ze këmmen. Jiddefalls steieren ech perséinlech Richtung Seniorenalter hin, sécherlech net no, mä de Wee an déi Richtung ass méi kuerz wéi deen, wou ech hannert mir hunn, a mir ass et net baang fir meng Zukunft an esou enger gudder Betreierung an enger sozial denkender Gemeng. Dat gesot, mir als LSAP Fraktioun droen dësen Investment voll a ganz a kënnen - sou wéi mir et Ufanks schonn erwänt hunn - deen honrabele Geste nëmme luewen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Berettini, sinn nach weider Remarquen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, ech hat nach eng Iwwerleeung gehat zu der Konventioun, do steet och, dass eng Konventioun gemaach ginn ass den 18. Januar, zwëscht der Associatioun Haus vun de Senioren an der Stad Diddeleng, déi krute mir awer och ni virdru virgestallt hei am Gemengerot, dofir wollt ech froen, firwat dat esou ass an dann - juste pour la petite histoire - ech mengen, dat geet net, dass de President ënnerschreift, an deen ass awer och den Ënnerschreiw bei Collège. Ass dat kee Problem? Dat wollt ech ebe froen. Voilà, dann ass dat jo richtig esou.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Gutt, da ginn ech nach puer Erklärungen iwwer d'Konventioun allgemeng, déi Konventioun do ass effektiv 2003 fir d'éischt gemaach ginn, déi reegelt jo och kloer d'Spillreegele vum Club Senior mam Ministère an der Gemeng, déi ass och ni méi an de Gemengerot komm. Mir haten se am Gemengerot am Ufank a vill Leit waren nach guer net hei um Dësch wéi mir déi Konventioun haten, déi eenzeg Konventioun déi mir haten, war de Buergermeeschter an d'Claudia Dall'Agnol an ech, dat war 2004, 2005, 2006 ëmmer erëm am Gemengerot, sou dass sech ni e Komma an e Punkt do geännert hunn. Do war de Wunsch vun deem deemolege Gemengerot, et gëtt keng Ursaach fir eppes an de Gemengerot ze huelen, an dat laang a breet ze diskutéieren, wann sech do näischt drun ännert. An haut ass déi éischte Kéier, wou sech awer eppes ännert mat deem Avenant hei.

All déi Jore bis 2022 huet déi Konventioun, déi war ëmmer integral d'selwecht, do huet kee Punkt a kee Komma geréckelt, dofir ass se ni an de Gemengerot komm, mä et ergëtt kee Sënn, ëmmer dat selwecht ze diskutéieren, dat ass d'Ursaach, dass do ni een am Gemengerot war. Dat war net fir eppes ze verstoppen, mä et war eng Saach vun Organisatioun a fir Zäit ze gewanne fir eng Diskussioun ze maache fir keng ze kréien. Et ass gesot ginn, Ministère - Personal, dat ass ëmmer e ganz feine Match, do gëtt

et e Schlëssel, eng Carcasse vu Personal a wann ee gären eppes hätt, muss een dat ëmmer schréftlech maachen, wat ganz kloer ass, mä no 12 Joer mam Ministère de la Famille gëtt et eng Plattform wou ee kann ënnert anerem d'Wënsch artikuléieren. Mir hu ganz ganz laang gekämpft fir Personal bäizekréien, dat ass bal net dran a mir hunn effektiv vum leschte Joer un, dëst Joer hu mir fir d'éischt eemol Personal bäikritt, sou dass mir do eng Educatrice diplômée bäikritt hunn.

Eng Assistante sociale war och ëmmer eng Fuerderung, e Wunsch vun eis, dat hu mir ni esou kritt. An da kommen ech op déi aner Fro, déi gestallt gouf, wéi mir d'Chargée vu 40 op 30 Stonne gesat hunn a vun 30 op 24 Stonne, hu mir déi Stonne geholl fir op eege Fauscht eng Assistante sociale anzustellen. Dat ass d'Ursaach, dass mir eng Assistantë sociale haten a wéi déi opgehalen huet mat schaffen, huet sech déi fréier Chargée, mat deene Stonne konnt se dann déi Assitanteplaz ausfüllen, déi mir awer net konventionéiert hunn, an deen neie Wunsch ass säit zwee Joer, dass mir eng Assistante sociale, e Posten à part kënnen schafen. Ob dat nach dëst Joer an Erfëllung geet, weess ech net, mä steter Tropfen höhlt den Stein, sou wéi mat der Educatrice si mir guter Dinge, vu dass elo eng nei Ekippe do ass, déi sech ëm de Club Senior bekëmmert, dass déi dann och an 2-3 Joer esou wäit sinn, fir eis de Posten ze geneemegen. Diddeleng ass net aleng an engem Club Senior, wou mir duerch d'ganz Land ginn a jiddereen huet Personalwënsch an do mussen och si kucken, wéi si mam Portefeuille eens ginn, fir déi Leit anzustellen. Voilà, ech hoffen, dass ech domadder alles beäntwert hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem René Manderscheid, dat schéngt de Fall ze sinn an da géif ech proposéieren, dass mir zum Vott iwwerginn, wat dës Konventioun ugeet: Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Wien ass dofir? **Dat ass unanime.** Merci.

2.9. Approbatioun vun enger neier Konventioun iwwer d'Zesummenaarbecht mat der Associatioun ouni Gewënnzweck "Inter-Actions"

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op den nächste Punkt iwwer, och dat ass eng Konventioun, do hate mir jo hei am leschte Gemengerot d'Verspriechen ginn, dass mir dorunner géife schaffen an dat hu mir och gemaach an dofir ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Majo, de Buergermeeschter sot et schonn, well mir an der leschter Gemengerotssëtzung virun engem Mount relativ vill Diskussiounen iwwer den Avenant zu eiser Konventioun haten, déi mir scho ganz laang hunn, säit 2009, mat Inter-Actions, hu mir eng nei Konventioun opgestallt, déi déi éischt an och den Avenant vun der leschter Kéier soll ersetzen an och all déi Ongereimtheeten, déi hei vun alle Bänken opgeworf gi sinn, aus der Welt schafen. Et ass eng Konventioun

ënnert Inter-Actions an der Stad Diddeleng, de Staat kënnt do net dra vir, kuerz, wat gouf do adaptéiert: D'Terminologie „Projet“ Ensemble ass ersat ginn duerch „Service“ Ensemble. Am Artikel 2 gouf d'Laufzeit vun der Konventioun geännert: Si leeft elo ab dem 01.01.2023 bis den 31.12.2023 fir 1 Joer mat stillschweigender Verlängerung allkéiers em 1 Joer wa keen se opseet, mindestens 6 Méint virum Schluss. Am Artikel 3, déi lescht 2 Abschnitter, ass präziséiert, dass déi Gehälter, déi d'Stad direkt bezilt, och nach iwwer e järelechen Dekont ofgerechent ginn. Am Artikel 6, déi Plattform, déi déi leschte Kéier opgeworf ginn ass, déi ass net méi dran, mä nach just eng Indicatioun, dass de Schäfferot sech mindestens eemol pro Joer mat Inter-Actions trëfft fir eben de Service ze surveilléieren, an ech brauch lech net ze soen, dass mir dat gemaach hunn an och wëlles hunn dat weider ze maachen. Am Artikel 7 den „Décompte de l'exercice écoulé“ an de Budget fir d'Joer ass virum 1. Oktober ze presentéieren. Ech hoffen, dass elo alles kloer ass, ech wëlt nach vun der Geleeënheet profitéiere fir Inter-Actions merci ze soen, déi ganz reaktiv waren, fir dat den nächste Gemeinderot dropzehuelen an och eisem Gemengesekretär, deen do net nëmmen de Mëttsmann war mä och de Schriftführer. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och dem Claudia fir déi doten Erklärungen an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir sinn natierlech net méi wéi zefridden, well mir déi Diskussioun och mat ugestiwwelt haten am November, mir hunn den Avenant net matgestëmmt an eis enthalten, well mir ebe fonnt hunn, dass do verschidde Saachen an der Konventioun net gepasst hunn, well d'Durée maximale vun der éischter Konventioun war op den 31.12.2011 festgesat ginn a mir wollten keen Avenant schafen op eng Konventioun, déi schonn ofgelaf war. Wéi gesot, mir sinn elo frou, dass dat richteg gemaach ginn ass an och, dass en Toiletage gemaach ginn ass vun der Spezialkonventioun an virun allem fanne mir et ganz flott, dass effektiv de Service Ensemble hei definéiert ginn ass an och seng Voleten. Dat fannen ech ganz flott, dass seng Aufgabebereicher passen, dat fanne mir och ganz positiv an, wéi gesot, mir sinn och voll a ganz zefridde mat der Aarbecht, déi si maachen, et sinn engagéiert Leit, déi eng gewëssen Dynamik ausstralen an an hire Quartieren och gutt ugeholl gi sinn. Et ass e super Service, ech hu just eng Fro: Et ass mir opgefall mat der éischter Konventioun, am Artikel 3, „la Ville s'engage à participer à 50% aux frais de gestion“. An der éischter Konventioun sti mir mat 75% dran an dat ass eben d'Fro: Firwat gouf dat geännert an, wéi gesot, soss ass hei näischt dozou ze soen, mir droen déi Poste mat, déi mir als Gemeng Diddeleng iwwerhuelen a mir sinn elo ganz zefridden a wäerten dat heite mat béiden Hänn ënnerschreiwen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, zu der Konventioun, heiansdo muss een e bësse raumen am Tirang fir, dass ee besser duerchkennt. U sech si mir ëmmer gutt gefuer a wäerten och an Zukunft dat maachen, dat war et jo elo net hei, ech mengen et ass méi iwwersichtlech zu deem wat eis virläit, ech wëll och kuerz op d'Aarbecht vum Service Ensemble, Quartier Dudelange - ech muss mech selwer dru winnen - oder wéi et am Volleksmond geheescht huet, de Projet Ensemble, agoen. Ech si Presidentin vun der Educatiounskommissioun an dofir schaffe mir ganz enk mat hinnen zesummen. Diddeleng huet iwwer 100 Nationalitéiten, mir hunn dat haut schonn héieren, e groussen Deel vun den Awunner sinn Net-Lëtzebuerger, déi hei wunnen an dëst ze soen, stellt eis viru vill Erausforderungen, deene mir eis awer gäre stellen. Dat sinn déi Valeuren, déi mir als LSAP hunn an dowéinst muss och sensibiliséiert ginn, informéiert ginn an och ugebuede ginn als Gemeng, wann een an der Verantwortung steet, besonnesch d'Sproochecoursen oder och nach de Café des Langues ass e wonnerbaart Instrument fir d'Integratioun méi einfach ze maachen, well wou vill matenee geschwat gëtt, do gëtt sech besser verstanen an och, wéi heescht et, et gouf mol gesot, wat een net kennt, dat jugéiert een a fir deem e bëssen entgéintzetrieden, gëlt et sech gutt kennenzeléieren.

Dofir, fir och seng Kultur a seng eege Kultur besser kënnen ze liewen ass et wichtig, interkulturell Fester, Rencontres ze organiséieren, sou, dass jiddereen sech hei zu Diddeleng doheem spiert. Dann och nach déi Informatiounscampagnë fir Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger fir si ebe méi no uneneenzebréngen, fir dass si alleguerten zesummen als mündeg Bierger hei zesumme liewen, ech mengen, säit kuerzem steet op eiser Charte vum Zesummeliewen um Agenda dat wat iwwerall an duerch all Schichte vun eiser Gemeng diskutéiert an ënnerschriwwen gëtt, ech héiere lénks a riets, dat geet och duerch Veräiner a gëtt och mat de Kanner a Jugendlechen an den Erwuesse diskutéiert an dat ass eng sou wichtig Initiativ, déi den Dialog ënnert all Awunner fërdert an domadder och den Alldag méi einfach mécht. De Projet Ensemble vun der ASBL Inter-Actions ass net méi ewechzeddenk vun Diddeleng. Si sinn e wichtige Partner an allen Domainen, déi ech elo grad opgezielt hunn an dann - wéi gesot - als Presidentin vun der Integratiounskommissioun kann ech hinnen net genuch merci soe fir hiren Engagement, hir Kreativitéit an och hir gutt Zesummenaarbecht, déi mir mat der Konventioun hunn an och mat der Gemeng a vun eis aus e léiwe Bonjour un d'Ina Tereziu, wat elo erëm do ass, de Cédric Czaika an déi ganz Ekipp a gréng Luucht vun der LSAP aus fir déi Konventioun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Kohn, weider Stellungnamen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, also obschonn déi lescht Kéier déi formell Problemer opgetruede ware mat der Konventioun, hate mir matgestëmmt, eben aus deem Grond wéi d'Madamm Kohn dat alles opgezielt huet, well mir wierklech voll a ganz hannert der Aarbecht sti vun Ensemble. Ech hu just eng Fro: Déi Konventioun ass net vun Inter-Actions ënnerschriwwen, just vun Diddeleng, ass déi komm oder kënnt déi eréischt?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, weider Froen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci, ech sinn haut am Bësch, ech hat net matkritt, dass eng Paus wier an elo hat ech net matkritt, dass déi um 13:30h schonn eriwuer wier. Ech entschëllege mech, gutt, ech sinn elo do, mir si bei der Konventioun Inter-Actions, ech ginn elo net méi drop an, deen Amendement hätt déi lescht Kéier net dierfe gestëmmt ginn, mä dat hat ech jo gesot. Ech hunn awer eng Fro dozou, do gëtt jo d'Approbatoun vum Ministère de l'Intérieur gefrot an hu mir déi schonn? Oder kréie mir déi? A wat ass wann de Ministère aus deene Grënn, wou ech déi lescht Kéier sot, dat net approuvéiert, wéi gesäit et da mat de Finanzen aus a wéi dat do gereegelt gëtt? Voilà, dann hunn ech just eng Fro: Ob et eng Ursaach gëtt fir d'Opdeelung vun der Verrechnung vun de Posten? Dat ass jo esou opgedeelt, dass eemol annerhallwe Posten an eemol en hallwe Poste ganz iwwerholl gëtt an ob et do eng Ursaach gëtt firwat dat esou ënnerdeelt ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding, nach weider Froen a Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Also d'Konventioun ënnerschriwwen ass ënnerwee, wann se net esou guer schonn am Sekretariat erakomm ass a vu, dass de Gemengerotdossier muss esou laang am Viraus eraus. Wat geschitt wann de Ministère de l'Intérieur déi elo net géif ënnerschreiwen, mir stëmme haut eng nei Konventioun mat där schafe mir souwiesou den Avenant of. Dann nach eemol op d'Madamm Kayser, si hat gefrot déi 75- 50 % dat war d'lescht Kéier schonn am Avenant eraus, et war esou, dass em d'Joer 2009, wéi mir déi Konventioun gestëmmt hunn, do ware 75% fir d'Gemeng ze bezuelen an de Ministère de la Famille iwwerhëlt elo awer déi 50%, esou, dass fir d'Gemeng nëmmen déi 50% ze bezuele bleiwen amplaz déi 75% an da kënnt dat mat de Posten, dat ass esou, dass d'Ina Tereziu, dat ass erëm do, ech sinn net sécher op ech d'lescht Kéier sot, et géif den 1. Januar ufänken amplaz den 1. Dezember, falls ech dat falsch sot wëll ech dat corrigéieren, ech sot dat de moien och scho beim Budget. Voilà, der Madamm Erpelding hir Fro huet sech erleedegt well de Ministère de l'Intérieur huet och säi Vu et approuvé de 24 ginn. De Patrick Bausch, eise Gemengesekretär, huet mir dat grad gewisen, mä domadder ass dat ofgeschafft well mir dat heite gestëmmt hunn. D'Ina Tereziu schafft 40 Stonne pro Woch an déi ginn

zu 50% finanziert vun eis als Gemeng an zu 50% vum Ministère de la Famille an de Cédric, dee schafft och 40 Stonnen d'Woch an dee gouf bis elo 50- 50 bezuelt an elo huele mir de Cédric zu 100% an dann ass den 50% Posten den ass fräi ginn an den huet Inter-Actions mëttlerweil och besat. Dat heescht zwee ganz Posten an een hallwe Posten, ee ganz vum Ministère an en hallwe vum Ministère an een hallef hallef. Domadder hunn ech se all genannt. An d'Nancy Colin nach fir eis Sproochecoursen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen da wollt de Loris nach eng Prezisioun maachen.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo ech wollt nach kuerz vum Moment profitéieren, well mir selwer als Schafferot reegelméisseg drop ugeschwat gi sinn an och hei ass e bësse Konfusioun wéi de komplizierten Ensemble Quartier Dudelange elo hir kënnt. Effektiv war et 2009 als Projet lancéiert ginn, dunn ass et en definitive Service draus ginn a well aner Gemenge sech dorunner Inspiréiert hunn an Inter-Actions erugefrot sinn an déi wollten och e Service Ensemble, dofir gëtt dann ëmmer d'Uertschaft hannendru geschriwwen, fir dass intern bei Inter-Actions dat méi kloer steet. Dat wollt ech nach derbäi fügen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Prezisioun, da gi mir zum Vote iwwer, wat eis nei Konventioun ugeet mat Interaktion. Wien ass dogéint? Wien enthält sech, wien ass dofir?
Dat ass unanime. Villmools Merci.

2.10. Approbatoun vun Devis fir d'Sanéierung vum sanitäre Réseau an d'energetesch Renovierung vun der Grimler-Hal am Centre Sportif René Hartmann

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op den nächste Punkt iwwer dat ass en Devis estimatif am René Hartmann. Eise Sportschäffen, de Loris Spina, huet d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, haaptsächlech nom lesse mécht hien et dann sou spannend, wien ass dofir, dogéint, ech gesinn, d'Leit kucke konfus, mä et ass gutt da passt Dir besser op, hei ass en Devis ze stëmme iwwer 730 000 Euro fir Aarbechten déi mir am Hartmann musse maachen am Kader vum Réseau sanitaire, awer och Verbesserungsarbeiten a punkto Energie. Wat gëtt hei gemaach? Déi Leitungen, un déi mir flécke ginn, sinn déi wou 1996 an der Grimlerhal geluecht goufen, engersäits gi Leitungen ersat, anerwäerts och Duschkäpp an och eis Lüftungsgeräte, ënnert anerem sinn se um Enn ukomm vun hirer Liewensdauer a fir dat wat ee misst ersetze ginn et keng Ersatzstécker méi, vu den Alter vun de Saachen, dofir ass et souwäit, dass mir déi Aarbechte musse virhuelen an dofir wier ech frou wann de Gemengerot eis géif gréng Luucht ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen, D'Diskussioun ass op.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also, ech wollt just am Fong well ënnert dem Punkt 2.10 steet Rénovation énergétique an do hunn ech geduecht et gëtt eppes gemaach fir Energie ze spueren, Dämmung oder sou mä wann ech kucken um Devis dat sinn awer net Saachen déi mat Energiespueren ze dinn hunn dofir wollt ech froen, Rénovation énergétique, do hunn ech mir eppes anescht virgestallt mä et ass awer elo kee Problem fir den Devis mat ze stëmmen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, mir hunn nach e bëssen e Problem well dat heiten ass awer an der Handballshal.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Nee nee. Dat hei si Leitungen vun 1996.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah ok, da kann ech mir mäin Otem scho bal spueren, well ech hu mir geduecht nondikass, dat hu mir scho ganz deier bezuelt an elo musse mir dat....

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ah ok, mir waren eis net méi eens, mir hu geduecht, et wier déi Sait vum Handball an do hu mir geduecht dat ka jo bal net sinn. Ok. Dann ass et awer en deieren Invest an déi Fro wou d'Monique gestallt huet, wat ass dann elo déi Rénovation énergétique? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, mir sinn elo hei bei engem Devis estimatif den vun engem Ingenieur gemaach ginn ass, wéi gi mir elo fir déi konkret Aarbechten unzesetzen, froe mir do 3 Entreprises oder huet d'Gemeng eng Entreprise mat där se méi oft schafft, vun där Dir wësst, dass de Präis agehale gëtt, ech wollt froen, wéi dat konkret ëmgesat gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo merci, ech hunn och just zwou kleng Froen, dat eent ass: Et gëtt opgedeelt, 100 000 Euro op de Budget vun 2023 an de Rescht op 2024, huet dat domadder ze dinn, dass si net ee konkreten Optrag kritt huet, dass dat elo sou laang dauert bis et gemaach gëtt? A meng zweet Fro, dat hunn ech esou verstanen, déi Reparaturkäsche vu 85 000 Euro, sinn dat déi Aarbechten, wou vun der Gemeng gemaach ginn, also vu Gemengeservicer, déi Ëmbau- a Reparaturkäschen? Ech wollt dat just froen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, si weider Remarquen? Dat ass net de Fall, da ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci fir all déi

Réckmeldungen a Froen, firwat ass et am Kader vun engem energeetesche Beräich unzesetzen? Dat ass well et Lüftungs- an Heizungsapparature sinn, an et fléisst automatesch an dee Kader mat eran. Effektiv, wéi gesot, et ass ëm de Volet ëm d'Basketshal well déi Leitunge vun 1996 mussen ersat ginn an dat verfält ënnert deem offizielle MarchésGesetz also de Marché publique. Hei gëtt herno eng Ausschreiwung gemaach, sou wéi dat bei esou Käsche Punkten néideg an noutwendeg ass. Déi aner Fro war iwwer déi verschidden, méi kleng Reparaturen, dat ass wa Saachen mussen opgerappt ginn oder eng Mauer muss opgerappt ginn, do kënnen eis Servicer dat herno selber zoumaachen, wou dann d'Materialkäschen hei mat eranfléissen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen, da gi mir zum Vote iwwer. Wien ass dogéint? Wien enthält sech? Wien ass dofir? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

2.11. Approbatioun vun Devis fir d'Mise en conformité vun der Cogeneratiounsanlage am Centre sportif René Hartmann

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, dat ass fir alert ze bleiwen, da gi mir op deen nächste Punkt iwwer, dat ass d'Mise en conformité vun der Cogeneratiounsanlage, do hu mir en Devis virleie fir d'Mise en conformité vun 68 000 Euro. Dat huet domadder ze dinn, dass d'Firma Cogénération S.A. déi ganz Exploitatioun mécht vun der Cogeneratiounsanlage am Centre sportif René Hartmann, mir hunn d'Decisioun geholl fir am Gemengerot driwwer ze diskutéieren, dass mir vum Gas fortkommen an op Pellets eriwerginn. Cogénération S.A. - pour rappel - déi jo net nëmmen de Centre sportif René Hartmann heizt mä och de Briller Quartier, de Lycée Nic Biever an och den CIPA, dat ass en Détendu, mir hunn en Devis virleie vun 68 000 Euro. Effektiv, et mussen dann och hei nei Dieren, nei Brandschutzdieren, agesat ginn, dat huet domadder ze dinn, dass dat virdrun effektiv iwwer Gas gelaaf ass a mir do e Brandschutz hu missen hu vu 60 Minutten, dat war mengen ech kee Problem.

Elo, wou et op Pellets eriwier geet, muss de Brandschutz op 90 Minutten erhéicht sinn, dat bréngt mat sech, dass een dann nei Diere muss maache fir déi Mise en conformité kënnen ze assuréieren. Dat hu mir dann och iwwer e Bureau d'études maache gelooss, fir déi duebel Feiertier, fir méi eng héich Brandschutzklass kënnen ze hunn, fir och deen néidege Compartimentage ze hu punkto Pellets. Dat ass en neie Moment, si war konform virdrun, elo si mir an deem Sënn net méi konform, well et Pellets sinn an dofir musse mir hei en Devis stëmmen loossen, fir dat kënnen ze installéieren, fir dat dann och ze maachen, fir do kënnen konform ze sinn, dofir dann och déi 68 000 Euro mat deem Devis estimatif, dat ass d'Erklärung dozou. Voilà, si Froen dozou? Jo Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci fir d'Wuert, mir hate jo och scho gesi bei de Budgete firwat déi Anlag eis awer vill méi deier gëtt wéi soss ugesat, d'Fraise ware vun 210 000 Euro, déi mir an deem Budget initial haten, eropgeklommen op 320 000 Euro. Et ass decidéiert ginn, vum Gas eriwwer op Pellets ze goen, Rumeuren oder wéi gesot et ass jo villäicht ugeduecht fir duerno awer erëm op Elektresch ëmzeklammern, wat ech esou héieren hunn, wësst Dir do eppes méi Konkretes? Well och mat de Pellets, dat ass net ëmmer esou ekologesch, op do an déi Richtung eppes ugeduecht ass? Elo kommen nach eemol 68 000 Euro dozou, wann dat esou virgesinn ass vun der ITM, do kënne mir eis net dogéint wieren, mä wéi gesot, d'Fro ass: Ass dat et elo oder kommen do nach aner Fraisen op eis duer, wann elo effektiv eventuell mir vu Pellets op Elektresch ëmklammern, da kënnt jo nach en Invest an déi Cogeneratiouns- anlag an dat wier net oninteressant och fir d'Leit am Brill ze wëssen, well si musse jo och déi Cogeneratiouns-fraise matdroen, wann do eng Deierecht kënnt. Hei ass och d'Fro, déi Dier, bezuele mir déi als Gemeng oder gëtt do och eng Participatioun vun den Utilisateuren gefrot? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci, soss weider Froen?

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci, ech wollt just nach eppes soen, well d'Madame Kayser gesot huet et wier net ganz ëmweltfrëndlech, mä ech mengen, mir sinn an enger Zäit, déi relativ onsécher an onstabel ass. Eppes ass awer sécher, dass mir musse méi onofhängeg ginn an dowéinst - mengen ech - ass iwwerall de politesche Wëllen do fir fort vum Gas, dat ass eppes wat och net onendlech do ass. Dat heescht, dass mir elo mol Richtung Nohaltegkeet ginn, dat heescht, eppes wou erneierbar ass, quitt, dass Pellets net d'Léisung fir ëmmer ass, mä et ass e Schratt an déi richteg Richtung an och Stroum hierzestellen ass net ëmmer ëmweltfrëndlech, et gëtt keng perfekt Léisung an deem Ganzen, mir mussen eis ëmmer erëm astellen, grad déi global Situatioun, déi sech och stellt an ech mengen elo gëllt et eemol dee Schratt ze maache fir fort vum Gas an dat ass och elo an dëser Situatioun - esou empfanne mir et mol - déi richteg Decisioun. Ech wollt dat just gesot hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESTER): Merci, sinn nach weider Stellungnahmen? Da géif ech e bësse méi wäit aushuelen, déi Iwwerleeungen, déi an der Cogénération SA, déi e Kontrakt huet mat Luxenergie, dat ass ausgelaf, dofir ass en neie Kontrakt mat deene gemaach ginn zwëschent der SA a Luxenergie. Luxenergie, deen de Fournisseur ass vum Gas, mä dann elo eben och vun de Pellets an déi Decisioun, fir vum Gas op Pellets eriwwerzeklammern, déi Decisioun ass geholl gi virun der Situatioun, wou Russland an d'Ukrain marschéiert ass an déi Invasioun stattfonnt huet, well do bewusst de Choix do war fir ëmzeklamme vum Gas Richtung Pellets. Mir maachen elo net en Invest oder et ass net en

Invest gemaach gi vun der Cogénération S.A., respektiv vu Luxenergie, fir déi nei Kamäiner, fir da ku-erz duerno erëm op Elektresch eriwwerzegoen, well och Elektresch produzéiere bréngt e gewëssen Energieopwand mat sech, esou, dass mir hei an enger Situatioun sinn, wou eng Rei Fraise gedroe goufen, esouwuel vun der Firma Cogénération S.A. wéi och vu Luxenergie, wou och e Kontrakt virläit, wat natierlech d'Fourniture vu Pellets ugeet.

D'Utilisateuren, déi brauchen absolut keng Fraisen, wat d'Installatioun ugeet, ze droen. Et muss een och soen, dass mir am Virfeld mat den Utilisateuren eng Rei vun Informatiounsversammlungen haten, do waren Awunner vum Quartier Brill invitéiert, de Lycée war invitéiert, Servior war invitéiert fir se ze informéieren, wéi mir och géife goen an et soll een elo net negativ iwwer Pellets schwätzen. Wann ech kucken, dee leschten Accord vun der Tripartite, do ass hei festgehalen ginn am Projet de loi an och fir d'Utilisateuren vu Pellets, fir déi och mat ze subventionéieren, do mengen ech si mir hei de richtige Wee gaangen, ganz kloer, fir dat an de Vierdergrond ze setzen, fir engersäits vun där Dependence vum Gas ewechzekommen, fir de Switch ze maache Richtung Pellets, wou dann och herno d'Fournisseuren an och d'Clients herno subventionéiert ginn, wat d'Zoufuer dovunner ugeet a mir och hei un de Kontrakt gebonne sinn an och un Invest, mä ech denken, dass mir de richtige Choix gemaach hu fir vum Gas eriwwer op d'Pellets ze klammern.

Dat gesot hätt ech op all Fro geäntwert mä wéi gesot, d'Utilisateuren, déi brauchen hei absolut vun den Invest déi getätegt gi keng Fraisen ze droen. Voilà, dat zu der Mise en conformité. Ass de Gemeengerot mat dësem Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools. Da gi mir op den nächsten Devis iwwer an dofir gi mir op de Stade Jos Nosbaum.

2.12. Approbatioun vum iwwerschafften Devis fir d'Instandsetzung vun de Vestiären an Tribünen am Jos-Nosbaum-Stadion

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, Merci Här Bürgermeester, hei geet et drëms, en Devis remanié ze stëmmen, fir eben am Kader vun eise Renovatiounsarbechten um Stade Josy Nosbaum weiderzekommen. Dat ass elo eng relativ grouss Differenz, wann een awer elo kuckt, wéini deen éischten Devis gestëmmt gouf, 2016, an elo si mir 2022, an deene Joren ass reegelméisseg an deem Stade Josy Nosbaum geschafft ginn an déi Arbechten, déi do virgeholl goufen, falen hei mat an dee Chiffer eran, dat mierkt een och wann een déi zwee Devisë matenee vergläicht. Effektiv sinn och eng Rei vun neien Arbechten entstanen, ronderëm den Drainage an de Kanal, wat awer och scho seng Friichten an deem Sënn gedroen huet, dass mir vill manner Fiichtegkeet sur place hunn an och deen Deel vum falsche Plaffong ewechhuelen, dovunner hu mir profitéiert, wéi mir ugestrach hunn a Fënsteren ersat hunn, dass dat an engems gemaach gëtt. Domadder hu mir e bësse manner Brandlaascht, sou, dass dat eng Evolutioun

vu virun e puer Joer war, sou, dass een hei gesäit wat mir do wëlles haten an hunn an dat erkläert och en Deel, net nëmmen en Deel, deen aneren Deel ass natierlech déi Präishaussé an deem Kader vun 2016 bis 2022 wat sech plus ou moins vum selwen erkläert. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Loris Spina fir déi Erklärungen. D'Diskussioun ass op. Här Friedrich.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Et ass natierlech kloer, dass eng gewësse Präishaussé do matspillt, et ass och gutt, dass dat renovéiert gëtt. Et ass just, déi lescht Kéier wou ech do war, ass jo duerch de leschte Sonnden, do ass do gespillt ginn an do ass op der Tribün en Deel, wou do anscheinend jugendlecher e klengt Feierche gemaach haten an op der Tribün, do fält dann erëm e gewëssen Deel vu Fraisen un. Hutt Dir do eng kleng Iddi fir ze wëssen, wat do op eis duerkennt oder ass dat elo ze fréi fir dat ze soen? Dat ass just eng Remarque, déi ech wollt maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Remarquen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn dat elo mol nogekuckt am Budget well ech sinn net richtig eens ginn op déi Aarbechten elo schonn all gemaach gi sinn oder net an den Har Spina huet gesot wat mir wëlles haten an hunn, hu mir dann nach Saache wëlles well sou wéi ech dat elo gelies hunn, sinn déi 200 000 Euro, déi sinn awer schonn all ausginn, wann ech dat richtig verstinn? An, jo, ech wollt och nofroen, well ech op der Generalversammlung war vum F91 an do war nogefrot ginn aus dem Public, wéini eppes un de Vestiaire gemaach géif ginn, wann ech mech richtig erënneren, mä et wier eppes gemaach ginn oder ass nach eppes en vue fir do ze schaffen? Well ech hu gesinn, fir d'nächst Joer ass et just d'Buvette, wou elo Etüde gemaach ginn awer net méi am Vestiaire, dat wollte ech do nach nofroen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, ginn et nach weider Stellungnamen?

BOB CLAUDE (LSAP): Merci Här Buegermeeschter, den neie staatleche Sportsterrain um Deich huet deemools virun 92 Joer esou ausgesinn. D'Aweigung vum Terrain a vum neien Turnsall war de 17. August 1930, bei där Geleeënheet ass do den éischte Fussballsmatch gespillt ginn an dat zwëschent der US Diddeleng an de Blackstars vu Basel, Endresultat 1:1 Gläichspill. Dat Ganzt ass am Buch vum Centenaire nozeliesen. Vill Zäit ass dotëschent vergaangen an haut gesäit de Stade Jos Nosbaum esou aus. Dat war beim F91 vum 6. Juli. Am Laf vun de Joren ass déi ganz Anlag ëmmer méi ufälleg ginn, an et hu misse oft Reparaturen virgeholl ginn. Trotz verschidde Renovatiounen wéi d'Uschaafe vun enger neier Tribün an d'Erneierung vun der Spillfläch mat haut enger Bewässerungsanlag ass et evident, dass de Stade

Jos Nosbaum net méi ganz zäitgeméis ass. Ech sot schonn am September 2012 op dëser Plaz, dass ech mir net kéint virstellen, dass deen een oder anere Fussballspiller muss nach an 10 Joer op deem selwechten Terrain spillen. Et kann een sech awer mol ieren an de Prognosen, well et wäert dauere bis de Bau vun enger neier Anlag hannert dem jëtzege Stade Meyer an der Butschebuerger Strooss realiséiert gëtt. En attendant musse mir noutgedrungen de Stade Jos Nosbaum esou gutt wéi méiglech a Schoss halen. An deem Sënn stëmme mir haut en Devis remanié vun 200 000 Euro fir Aarbechten an de Vestiaires an an den Tribünen. D'LSAP Fraktioun stëmmt dësen Devis mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech hunn eigentlech just eng Fro zum Ofaf: Do war en Devis voté vun 2016 vun 80 000 Euro an elo si mir op 200 000 Euro, wat ass dann do dertëschent, et schléisst sech deem un, wat d'Madamm Heinen sot, ass do dertëschent näischt gemaach ginn oder ass vun deem Devis vun 80 000 Euro eppes gemaach ginn? Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, genau dat selwecht wollt ech och froen a virun allem, wann ee kuckt, et ass ëmmer gutt ze soen, et ass alles méi deier ginn, mä steet "Renouvellement de notre vestiaire" 2016 mat 7000 Euro festgehalten an elo schreibe mir do "Nouvelles fenêtres" mat 15 000 Euro an elo ass do meng Fro: Sinn dat elo schonn erëm nei Fënsteren, déi mir musse maachen oder sinn déi net gemaach ginn a fir awer alles op eng normal Deierecht ze ginn, dat ass awer bal net normal vu 7 000 op 15 000 Euro, wa wierklech sollt déi selwecht Gréisst vu Fënster virgesi sinn, dass déi méi wéi duebel esou deier ginn ass, dat ass net normal. Och do den Appell fir mat méi Rigueur den Devisen nooen an och mat de Firma vill méi riguréis ze kontrolléieren. Ech soen et ëmmer erëm, dat kann net sinn, dass do eng aner Ziffer agesat gëtt an da gëtt net méi verhandelt an da gesot, mir kréien déi fir 7000 Euro. Dann nach eemol den Appell e bësse méi Rigueur unzewenden, natierlech sinn aner Saache gemaach ginn, en neien Drainage, dat war sécher kee Luxus, mä hei ass e Punkt, wou ee seet, dat do ass net schlësseg oder mir hunn 2016 Fënstere gemaach, déi nëmmen einfach verglaast sinn an elo maache mir duebelverglaster oder wat weess ech, mä et wier gutt wa mir do géifen eng Explikatioun kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Weider Froen? Dat ass net de Fall.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo gutt, da probéieren ech dorobber anzegoen, prinzipiell ass et effektiv déi puer Joer, déi hunn all Kéier e bësse Sue kascht, wat déi eenzel Matière awer och d'Corps-de-metieren ubelaangt huet. Fir bei de Fënstere villäicht direkt unzefänken, dat war en Devis an herno gëtt dat jo ausgeschriwwen an duerno huet een de Präis, deen

een huet an och e ganz limitéierte Choix. Dir wësst, dass ronderëm d'Glas eng Zäitchen eng Penurie bestanen huet, do huet een net vill Méiglechkeete gehat fir en anere Choix ze huelen. Et ass och esou, 2016 ass ugefaange ginn, a verschidden Aarbechte si rezent fäerdeg gemaach ginn, also wat ech gemengt hu mat „dat kënnt nach“, dat ass dat wat mir am Budget hate fir d'nächst Joer. Déi heiten Aarbechte sinn ofgeschloss, déi hunn sech e bësse gezunn an do sinn entretemps aner Aarbechten dobäikomm, wéi zum Beispill Kanalaarbechten an Drainagearbechten, wat de Budget hei an d'Luucht gedriwwen huet. Dat am Fong zu deenen Aarbechten, zum Feier, den Här Friedrich huet et gesot, do ass et esou, dass mir nach déi lescht Expertise ofwaarde mussen, notamment ronderëm d'Staatik wësse mir net op do eppes op eis duerkënnt oder net, awer sécherlech muss een do erëm usträichen an och verschidde Sannéierungsarbechte maachen, wéi Sëtzer ersetzen. Alles ass bei der Assurance gemellt an do waarde mir op hir Ennerstëtzung fir dat erëm a Stand ze setzen.

JEAN-PAUL FRIEDRICH (CSV): Just als Fro, hu mir déi fonnt déi dat waren?

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): D'Enquête leeft an si hunn se nach net fonnt.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Ech sinn awer voller Zouversicht, dass si se fannen. Merci fir déi Erklärungen, da géif ech proposéieren, dass mir hei zum Vote iwwerginn, vun deem Devis remanié, wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

2.13. Approbatioun vum iwwerschafften Devis fir de Kaf vu 5 Eefamilljenhaiser “Op Lenkeschléi” fir den Amenagement vu Sozialwunnengen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da gi mir op den nächsten Devis remanié iwwer dat betrëfft eis 5 Maison-unifamilialen op Lenkeschléi et ass esou, dass mir den 4. November 2020 en Devis 'gestëmmt hu vun 3 640 000 Euro mir hunn en Devis remanié vun 3 790 000 Euro also en Devis supplémentaire vun 150 000 Euro. Wat ass dat, ech mengen, dass haaptsächlech fir aner Plättercher op den Träpen ze maachen, e bëssen adaptéiert ginn zum initiale Bordereau, et huet sech och eraus gestallt an der Configuratioun vun den 5 Maison-unifamilialen, dass een ënnert der Trapp wou och Kichen ass, dass een do kann en zousätzlechen Ofstellraum maachen, dass och Sanitär Material an och d'Luuchten déi e bëssen, dofir froe mir déi 150 000 Euro hei nach zousätzlech fir déi 5 Maison-unifamilialen. Just als Info awer, d'Autorisatioun goufen am Januar 2021 ausgestallt, also Baugeneemegungen, d'Aarbechten hunn, wéi gesot, am Laf vum Februar- Mäerz 2021 ugefaangen, an der Timeline leie mir gutt, et sinn 2 Haiser, déi wäerten am Mäerz fäerdeg gestallt ginn an déi dräi lescht am Abrëll-Mee. Dat ass den Timing fir dëst Joer a mir hunn hei och Futurachat Feva a Stugalux, deen och baut fir d'Gemeng a mir kréien

do och vum Logementsministère déi néideg Subventionen, sou, dass dësse Projet geschwé fäerdeg ass, wat och ganz positiv ass, wa mir zousätzlech Wunnunitéite schafen. Dat zu den Devisen. Gëtt et Froen oder Remarquen dozou?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun deem dote Projet ervirsträichen. Wéi ech gelies hunn, Matériel de peinture a Matériel de plantation, do hunn ech direkt un d'Endphase geduecht, dat ass ëmmer e gutt Zeechen, wann déi do Saache bis dru kommen. Ech hu mir och soe gelooss, dass d'Usträicherekip den nächste Méinden ufänkt, dräi vun deene fënnf Haiser unzesträichen an, wéi gesot, am Februar oder Mäerz oder sou wäerten een nom aneren déi Haiser da fäerdeg ginn an da kënne fënnf Familien erakommen. Dat sinn tëschent 10 an 20 Kanner. An all Haus sinn allkéiers dräi Schlofkummen, eng Kummer fir de Papp an d'Mamm an da fir d'Kanner. All Kand ab 12 Joer muss eng eege Kummer hunn an dofir variéiert den Taux eben tëschent 10 an 20 Kanner, déi do kënnen op eis duerkommen. Dat gëtt natierlech en Impakt op d'Schoul, deemno wéi vill Kanner do kommen, quitt, dass se net all am selwechten Alter sinn, mä egal, et gëtt en Impakt op d'Schoul. Fir d'Schoulorganisatioun muss d'Josiane Di Bartolomeo-Ries da geschwé wëssen, wien dohinner kënnt. Bon, et ass also gutt, dass de Projet fäerdeg gëtt, et ass e wichtige Projet an et ass esou, wann deen heite fäerdeg gëtt, dass een da mat deem anere weidermécht, an zwar an der Nic Bodry Strooss, mat 12 Wunnengen an och déi Acquisitioun vun Haiser wéi mer virdrun héieren hunn, wou och nach Wunnenge fir de Service Logement kéinte kommen. Dat deit drop hin, dass eppes an der Didelenger Gemeng geschitt an dat ass wichteg. Mir wëssen alleguerten ëm d'Situatioun vum Logement, déi Diskussioun brauche mir net neess ze féieren, mir wëssen, wou se higeet. Mir stëmmen dësen Devis natierlech mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Merci Här Zuang fir effektiv nach eemol opzegräifen an ze preziséieren, dass et de Service Logement ass, den déi heite 5 Wunnunitéiten an de Portefeuille kritt an hei an der Moyenne d'Haiser 160 Meterkareeën hunn, dat léisst och zou, dass Familien do kënne wunnen. Dëst gesot, ass de Gemengerot mat deem zousätzlechen Devis averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools.

2.14. Zoudeele vun ausseruerdentleche Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER): Da komme mir op deen nächste Punkt iwwer, dat sinn d'Subside-extraordinairen, do hu mir hei e Subsid vun 100 Euro fir de 60. Anniversaire vun der League HMC, do proposéiere mir 100 Euro an ech wollt de Gemengerot froen op mir net sollen en zweete Subside extraordinaire ginn? Dir hutt matkritt wat virun e puer Deeg zu Käl gelaaf ass, do ass och d' ASBL Käl-Téiteng hëlleft, wou e Spendenopruff gemaach huet an do wollt ech d'Kolleginnen an d'Kollegen

aus dem Gemengerot froen ob mir net och do sollten der ASBL en Don maachen, iwwer d'Wunnengen, déi mir schafen an op der anerer Säit sinn et hei Leit, déi hir Wunneng verluer hunn an ech denken, dass mir do als Nopeschgemeng sollten e solidareschen Akt weisen andeems mir der ASBL iwwerweisen 500 bis maximal 1 000 Euro, dat kann een hei diskutéieren. Et wollt kucken, wéi hei de Feeling ass, op mir dat maachen, ech hu kee genaue Montant.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Wat hate mir beim Stuerem ginn? 7 500 Euro, gell. Beim Tornado?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): En Tornado ass e bëssen eng aner Envergure. 1 000 Euro? Gutt, dann engersäits 100 Euro fir d'League HMC an dann 1 000 Euro fir d' ASBL Käl-Téiteng hëlleft. **Dat ass unanime.** Merci.

3. OFFICE SOCIAL

Presentatioun vum Rapport d'activité fir d'Budgetsjoer 2021 an Approbatioun vum Budget rectificié fir d'Budgetsjoer 2022 a vum Budget initial fir d'Budgetsjoer 2023.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Ech begrëssen och an eiser Ronn d'Kolleege vum Office social, de Jacques Hansen an d'Carole Wagner an si géifen déi néideg Presentatiounen hei maachen. An och den Här Zuang als President vum Verwaltungsrout vum Office social. Dir hutt d'Wuert.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Villmools merci, da géife mir wéi d'lescht Joer och déi zwou Saachen, konsekutiv duerchzéien, eemol de Budget an direkt duerno de Rapport d'activités, net dat Ganzt, mir wäerten do en Extrait, wéi Dir d'lescht Joer gesinn hutt, déi wichtegst Leitinnen, déi mir da kuerz kommentéieren an dann op Är Froe äntwere wäerten. Ech ginn d'Wuert direkt weider un d'Carole Wagner wat de Budget rectificié kuerz duerchgeet an den Initial vun 2023, merci.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Also, de Budget rectificié 2022, wéi all Joers maachen ech eng Kuerzfaassung vun eisem Budget. Also, mir hunn eis sechs Konventiounen, wouvunner der fënnef équilibréiert sinn, sou, dass mir d'Opdeelung pro Konventioun maachen an dat heescht fir eis Konventioun 0, do si 50% Ministère de la Famille a 50% Gemeng, do hu mir am ganzen Depensé vun 1 157 618 Euro, am Budget rectificié 2022 fir eis Konventioun 100% Gemeng, wou haaptsächlech eist Finanzement vun der Gestion locative sociale ass, do hu mir Depensé vu 797 510 Euro a Recetté vun 1 057 350,64 Euro, wou mir en Excedent vun 259 840,64 Euro hunn. D'Konventioun 2 wat d'Avances remboursables a récupérables sinn an d'Gestion-financière, do hu mir Depensé vun 1 760 000 Euro, eis Konventioun 3 100% Ministère de la Famille, 1 000 Euro, d'Konventioun 4, déi vum Onis,

dat ass d'Finanzement vum Aris, do leie mir bei Depensé vu 429 788,72 Euro, eis Konventioun 7, de Ministère de la Santé fir den Tiers payant social 25 000 Euro, sou dass mir fir de Budget rectificié am Ordinär 2022 am ganzen Depensé hu vun 4 170 916,72 Euro a Recetté vun 4 430 757,36 Euro. Mat engem Boni vun 2021 vun 166 149,46 Euro hätte mir e Boni présumé 2022 vu 425 990,10 Euro. Am Extraordinär hu mir eise Fonds de roulement mat Recetten an Depensé vun 1 554 Euro wat u sech d'Evolution ass vun der Populatioun, 7 Euro pro Habitant. De Boni extraordinaire läit bei 674 134,86 Euro.

Da komme mir zum Budget 2023, do ass d'Opdeelung déi selwecht, mir hunn 50/50 Ministère de la Famille a Gemeng mat Depensé vun 1 189 868 Euro. Eis Konventioun 1 vun der Gemeng, dat sinn 849 250 Euro Depensen an 1 023 720 Euro Recetten, wou mir dann en Excédent hate vun 174 450 Euro. Eis Avance-remboursables an d'Gestione leie bei Depensé vun 1 860 000 Euro, eis Konventioun Ministère de la Famille 1 000 Euro, den Onis fir d'Financement bei Aris läit bei 455 975 Euro, de Ministère de la Santé fir den Tiers payant social 25 000 Euro, et gëtt am ganzen Depensé vu 4 381 093 Euro a Recetté vu 4 555 543 Euro, mat engem Boni fir 2023 vu 600 440,10 Euro. Am Extraordinär wäeren et 70 Habitante méi, dat wier vum Fonds de roulement géife mir méi kréien, 490 Euro. Mat erëm engem Boni présumé am Extraordinaire vu 674 134,86 Euro.

Dann hu mir eng kleng Opdeelung, wat d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng ass an der Konventioun 0, do ass d'Participatioun am Budget rectificié 2022 vu 566 309 Euro an dat géif dann 26,32 Euro pro Habitant ausmaachen. Am Budget 2023, do war d'Participatioun vun der Gemeng 582 434 Euro wat 26,89 Euro pro Habitant géif ausmaachen. Dann eng kleng Opdeelung, wat an der Konventioun 0 dran ass, do hu mir gesot eis Organe-politique fir 12 500 Euro, dann hu mir eis Coordination administrative dat ass de Personnel administratif vum Office social, dat sinn 266 000 Euro fir 2022 an 272 000 Euro fir 2023.

Da kënnt d'Partie Aide aux nécessiteux, wou ech lech opgedeelt hunn ënnendrenner, dat sinn d'Frais-de-fonctionnement vum Office social fir 128 000 Euro fir 2022 an 123 000 Euro fir 2023. Mir hunn de Poste Personnel social vum Office social, do ware mir am Ganze bei 556 000 Euro fir 2022 a 595 000 Euro fir 2023. Aide aux personnes dans le besoin, dat sinn d'Secoursen, déi accordéiert gi vum Conseil, do hu mir fir 2022 virgesinn 193 000 Euro a fir 2023 186 000 Euro. An der Konventioun 1, déi 100% Gemeng, do gesäit een, dass eis Haaptdepensen, wéi gesot, d'Funktione 612 ass, de Logement à prix réduit, mat Depensé vu 793 000 Euro fir 2022 an 845 000 Euro fir 2023. Voilà, merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Voilà, da schléisst mir domadder of. Wéi gesot, wa Froen herno iwwer de Budget sinn, maache mir dat herno zesummen. Da géif ech iwwergoen op de Rapport d'activités vun 2021.

Dat läit schonn eng Zäitche zeréck, de Jacques Hansen féiert doduerch. Wéi gesot, Dir hutt dee ganzen Exempleire vun de Sliden heemgeschéckt kritt mat iwwer 60 Säiten. Mir kierzen dat awer hei gewaltig a gi just op d'Eckdate vun deenen eenzelen Departementer an.

JACQUES HANSEN (OFFICE SOCIAL): Komme mir dann elo zum Rapport d'activités 2022. Wéi gesot, mir presentéieren eng méi kuerz Versioun, fänke mir mat den Aide-socialen un, do ginn et 2 Type vu Prestation-non-financière, wat e groussen Deel vun der Aarbecht ausmécht bei den Assistant-socialen, do hu mir dann haaptsächlech Demandë mat de Formulaire mat de Clienten ausgeschafft an erageschéckt, déi ginn dann och Renseignermenter an Informatiounen aller Art. Bei den Aide-socialen, do gi mir op eng Orientation ciblée, also déi eng oder aner sozial Service, respektiv Strukturen a bei den Aide-matériellen, dat si Bongen, och fir bei den Cent Buttek op Beetebuerg an och bei de Kleederschaf zu Fréiseng. Bei de Prestation-financière hate mir 2021 367 Demanden, 318 goufen accordéiert, 49 goufen refuséiert, wat bal 13 Prozent ass. Do muss ee soen, d'Dossiere ginn elo méi streng a kritesch gekuckt, a mir bezéien eis och méi op d'Gesetz, well den Office social ass déi lescht Instanz, virdru muss de Client all aner Méiglechkeet erschöpft hunn éier e bei eis kënnt an och déi Hëllef, déi ee kritt, ass ze gesinn als eng Aide préventive, wat och en Accompagnement social à court oder à long terme beinhalt. Wat och op eng Gestioune erausleeft an dann ass och de Client, deen eng Hëllef kritt, dee soll och beim Office social mat Hëllef fir aus der Situatioun erauszekommen. Komme mer bei d'Prestations financières accordés, do hate mir fir 2021 145 000 Euro Hëllef ginn, dovunner sinn 66 300 Euro am Logement, 64 130 Euro betreffen d'Santé an d'Besoins quotidiens, dee Posten ass erëm par rapport zu 2020 op en normalen Niveau gefall, 2020 louch e quasi beim duebelen.

Beim Logement, do ass de Gros de Loyer wou et ausmécht, dee mir bezuelen, ronn 40%, duerno komme Kautiounen, déi mir bezuele fir Wunnengen, wat 23% ausmécht. Mä wat och vill bezuelt gëtt, sinn déi Frais fir Immobiliären, respektiv och déi Fraise fir Hébergement a Jugendherbergen an esou weider. Bei der Santé, do gesi mir och, dass den Hébergement social och klëmmt, dat mécht bal 30% aus. Duerno kënnt d'Weiderversuergung fir déi Leit, déi keng Krankekeess hei hunn, do bezuele mir och bal 30%, déi dovunner betraff sinn. Besoins quotidiens, do si mir op dem Niveau wéi déi Jore virdrun. Wat do awer erausstécht, dat sinn déi Frais-d'étuden, déi si bei 44%, déi bezuele relativ vill Kautiounen, Minervallen, Subsiden an och Internatkäschten. Wat och klëmmt, dat ass Täschegeld, dat huet och eng Ursaach well d'Bongen eleng fir an de Match oder an den Cent Buttek oder de Kleederschaf, dat geet net duer, d'Leit brauchen och emol e puer Sue fir sech kënnen eppes ze kafen oder ze bezuelen.



Comptabilité, Gestion financière: Wéi 2021 hu mir dat getrennt well mir hunn zwou Zorte vu Gestiounen, déi eng ginn am Office social gemaach, dat ass bei den Assistanten, dat ass op reng fräiwëlleger Basis. Et gëtt och eng Gestioune gemaach an der GLS, déi Wunnengen, wou mir do hunn, an dat ass och eng Konditioun fir eng Wunneng ze kréien, fir och eppes kënnen unzespueren, fir dann eng aner Wunneng kënnen unzegoen. Do gesäit een och, dass, quitt, dass si sech de selwechten Artikel deelen, do gesäit een awer och, dass dee Poste vu Joer zu Joer klëmmt, bedéngt och well mir weider Wunnengen andauernd logéieren a bäikréien.

Komme mir dann zum ONIS an ARIS, den Office social huet eng Konventioun mam Familljeministère wat déi Leit, déi am Revis sinn, ubelaangt, an déi leeft iwwer den Artikel 14, déi mussen eng Mise en travail maachen. Do hate mir fir 2021 247 Persounen, dovunner sinn der 124, déi eng Etüd maachen, Poste de travail sélectif, an da sinn der 119, déi si „sans activité“, déi sinn an enger Stabilisatiounsphas, déi maache Coursen, Formatiounen oder eng Therapie fir herno kënnen eng Etüd unzegoen. Da sinn der awer 4, déi si komplett dispenséiert iwwer Avis médical oder Expertise médicale.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Jo, an der Gestion locative sociale, do hate mir fir 2021 41 nei Demanden, do gesäit een, dass ee vun 19 Fraen an 22 Männer haten der 14 Monoparentallen a 15 Koppele, wat ee mierkt, dass effektiv 71% Famille si mat Kanner an do waren am ganzen 65 Kanner betraff vun deenen Demanden an, dass u sech den Hauptproblem fir eng Wunneng ze fannen effektiv d'Kanner ass. Wann ee vill Kanner huet, ass dat problematesch. Dann, vun den 41 Demandë waren der 20, déi Non-salariée waren an 21 ware Salarieë, vun deenen 21 waren nëmmen 27%, wou en CDI hunn an 73%, wou nach ëmmer eng prekär Situatioun hunn um professionellen Niveau an dat heescht, si hunn en CDD, Interim oder einfach keng stabel Situatioun. Mir hunn och 21 Accorde ginn an 20 Refusen. Firwat 20 Refusen? Well deemno wéi d'Demande, wann d'Leit kee richtege Projet de vie hunn, elo keng wierklech Urgence ass oder Wunnengen, oder de Grond fir de Projet de vie ass extrem wichteg, doduerch, dass si limitéiert sinn op déi 3 Joer a mir musse kucke fir bannent 3 Joer hir Situatioun esou ze verbesseren, dass se kënnen um private Marché erëm Fouss faassen, dat heescht, mir kucken do, dass dat och realisabel ass.

Dann, wat d'Käschte vun der Gestion locative sociale ugeet, do hu mir am ganze fir 393 000 Euro erëm Loyer erakritt, do sinn 308 000 Euro fir eis privat Wunnengen a 84 000 Euro fir d'Gemengewunnengen, do gesäit een, dass dat erofgeet op 2020, well mir duerch de Service Logement au fur et à mesure d'Wunnengen zeréckginn un d'Gemeng, sou, dass d'Gemeng hire Loyer erëm erakritt. Mir iwwerhuelen och eng Rei Käschten vun de Wunnengen, fir och de Leit e bëssen entgéintzekommen, wat d'Chargen ugeet an d'Equipementen vun de Wunnengen an, wat een och gesäit, dat ass effektiv, mir hunn 2022 e bësse méi Affekotekäschte gehat, wou mir och missen d'Mise en norme maachen an iwwer den Affekot d'Prozedure lafe loossen no deenen 3 Joer, meeschtens esouguer 4 Joer, wou se dra sinn, dass se awer mussen erausgoen aus de Wunnengen. Voilà, dat war et, merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci mol hei virun allem de Verrieder vum Office social fir d'Presentatioun, et ass jo e bëssen esou eng Reegel hei am Gemengerot, da géif ech hei d'Diskussioun opmaachen a wann d'Conseillere hei Froen oder Remarquen hätten, dann ass dat elo de Moment.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter, merci der ganzer Ekip vum Office social, souwuel dem Verwaltungsrot wéi och de Leit an de Servicer fir déi excellent Aarbecht, et ass een ëmmer erstaunt, dass et awer plus minus bei deem selwechte Prozentsaz bleift vun de Leit, déi Recours huele bei eis am Office social. Et sinn ëmmer 9 bis 10%, dat ass dat wat mir an de leschte Joer soen, et ass ëmmer erstaunlech wann een héieren huet, dass awer d'Precaritéitsrisiko ëmmer méi an d'Luucht geet. Wourunner läit dat? Sécher ass eng Diversifikatioun vun Offeren dorëmmer - soe mir dat emol esou - et sinn och aner Ubidden, wou déi Leit Recours huelen, mä ech denken et muss ee kucken, wéi et elo geet mat de Krisen, déi elo momentan an d'Haus stinn an och mat der Precaritéit um Aarbechtsmaart, dat dierf een och net vergiessen.

E puer Saache goufen opgefaange mat de Covidmesuren, mä ech huelen un, dass mir awer sécher net ënnert deen Taux kommen an och wa mir soen, et sinn „nëmmen“ 10%, hannert all Prozent an all 1/10 Prozent stécht eng Famill an et ass net einfach fir dee Schratt ze maache fir an den Office social, och wann ech ëmmer soen, dass den Accueil ganz chaleureux ass an d'Leit sech gutt encadréiert fillen, ass et awer ëmmer fir d'Leit eng Hemmschwelle, déi se mussen iwwerwannen an dofir nach eemol merci fir är human an humanitär Approche vis-à-vis vun Äre Clienten. Wat och ëmmer e bëssen erauskënnt, ass am Fong all Joers dee selwechte Staatement, dass d'Precaritéit virun allem och bei Famille mat Kanner ze gesinn ass, virun allem bei de Monoparentallen an, dass och duerch Scheedung oder Krankheet oder Doubt vun engem Partner, oder och bei enger allgemeiner Situatioun, déi sou ass wéi se ass, dass et schwéier ass, fir mat engem Gehalt eng Famill iw-

wer Waasser ze halen, virun allem, wann 2 Kanner do sinn, ass dat net méiglech an och do sinn ech frou, dass mir alles wat méiglech ass, maache fir déi Leit ze ënnerstëtzen. Mir hu virun héieren, dass mir och Haier elo zur Verfügung stellen op Lenkeschléi, fir och Famillen emol en Doheem ze ginn, dat gouf ëmmer e bësse vernoléisst, oft ass gekuckt gi fir e Studio ze hunn oder eng Kummer an - den Här Zuang huet et virdu gesot - d'Consigné vum Ministère si jo och esou, dass ab 12 Joer all Mënsch eng eege Kummer muss hunn, op dat elo gerechtfertegt ass oder net, dat sief dohinner gestallt, dat ass eben nun emol esou an da mussen mir mat deene Reegele fueren an et ass wichteg, dass mir dat net aus den Ae loossen, wa mir esou Wunraum schafe fir esou Leit. Wat mech e bëssen erstaunt huet, ass dat wat Dir mir gesot hutt, dass Dir vill sollicitéiert gi sidd fir Frais-d'étuden. Sinn dat Studenten op Universiteiten oder wou kommen déi Frais-d'étuden hir?

Wat mech och e bëssen erstaunt, sinn déi Internatsfrais. Ech weess, dass déi Internater, déi ech kennen, dass do d'Eltere kënnen eng Reduktioun ufroe wann se a schlechten Diche sinn, fir de Minerval unzefroen an do ass d'Fro: Firwat ass dat esou gestiegen a bidde mir de Leit do keng aner Méiglechkeeten? Ech schwätzen un d'Lycéesinternater, wann dat Leit sinn, déi zu Diddeleng wunnen, dann ass d'Fro: Firwat sinn déi Kanner an Internater? Dat muss een da Fall fir Fall kucken, mä dat ass eppes wat mech erstaunt huet. Wat och ganz gutt ass, dat ass, dass mir e Projet de vie froen, fir déi Leit déi bei eis an de Logementen sinn dat ass wichteg an der Gestion locative sociale, GLS. Dofir fannen ech et wichteg, dass mir mat deene Leit e Projet de vie ausschaffen, dat ass wichteg an och wichteg ass, dass mir dat op 3 Joer limitéieren. Och wann dat inhuman klängt, Jo, da setzt Dir se op d'Strooss oder Jo, da kritt Dir eng schlecht Press.

Mir hunn dat selwecht och beim Pro Familia, déi Zweetphasewunneng, du kanns déi Leit net eterniséieren an deene Gebaier, soss ass och keen Turnover, mir kënnen och net onendlech nei Wunnenge schafen, dat ass déi Geschicht wou mir geschwat hunn elo an der Orange Week mat de Fraen, déi op de Waardelëschte si fir an e Fraefoyer ze kommen. Wa kee Roulement do ass an d'Leit keng aner Méiglechkeet hunn, fir anzwousch anescht ënnerdaach ze kommen, dann ass e Stau, e Réckstau. Dat ass dat wat Dir och mierkt, mä d'Solutioun ass net evident well och wann d'Leit 3 Joer bei eis an der GLS hebergéiert ginn, fir awer eppes unzespueren, d'Präisser ginn immens séier an d'Luucht, fir awer eppes um fräie Marché ze fannen ass net evident, och wa mir deene Leit - dat huelen ech mol un, dat steet och an de Konditiounen, dass d'Leit mussen eng Demande gemaach hu beim Fonds de Logement, mir wëssen och do sinn d'Waardezäite méi laang wéi 3 Joer, dat ass e grouse Problem an et kann een ëmmer nëmmen den Appell maachen, och un d'Privatleit, dass se eis hir Wunnengen zur Verfügung stellen.

Ech fannen dat eng gutt Demarche, wat mir do gemaach hunn an och wann Dir elo sot, mir hunn 2 nei Projeten, déi mir am A hunn, dann ass dat eng gutt Léisung. Ech kann och just soen, mir vun der Pro Familia, mir sinn am selwechte Fall, déi Dammen aus eisem Fraefoyer, déi setze mir och an eng Zweetphasewunneng an och do ass et schwéier fir déi mat op e Marché ze kréien. Mir ginn op dee Wee, dass mir nach weider Zweetphasewunnenge lounen an, dass mir vum Ministère dat och ënnerstëtzt kréien iwwer verschidde Kierchefongen oder Kierchefabriken, déi eis proposéieren, Logementer ze lounen, mä dat ass awer trotzdeem ganz bedenklech wann ee kuckt, a wéi eng Richtung et geet an och wéi de President vun der SNHBM - dee war viru kuerzem um RTL - sot, wéi eng Clientë bei hinnen Demandë maachen, dat sinn net méi déi prekär Leit mat engem prekërem Akommes oder mat engem Contrat à durée déterminée, dat geet méi wäit, an och d'Mëttelschicht, dat war hiren Appell, dass do sollen d'Konditiounen méi erlichtert gi fir Leit, déi och bis elo als Mëttelschicht gegolft hunn. Mä déi fannen och näischt méi op dem Wunnengsmaart an ech denken, et muss een allgemengt politescht Ëmdenke kommen a mir musse kucken, wéi mir dat handelen. Mir maachen eist hei zu Diddeleng a mir fannen, dass mir do absolut dee richtige Wee ginn, d'CSV ënnerstëtzt dat, mir hunn alles wat an déi Richtung geet, ëmmer ënnerstëtzt a mir wäerten de Problem net léisen, mä mir bidden Hëllef an an ech mengen, dass dat just dat ass wat mir kënnen maachen. Dat waren e puer Punkten, déi ech wollt soen, ech hat mat der Madamm Theis e flotten Entretien, well et war mir ni ganz kloer, wéi den Ënnerscheid tëscht GLS a Service Logement ass an si huet mir all déi Ënnerlage geschéckt an, dass dat eng Demande ass, déi een ofgëtt bei eis am Office social an da gëtt mat de Leit gekuckt, wéi den Dispatching ass.

An hir och nach eemol Merci, dass si mech do opgekläert huet, well dat war mir net ganz kloer, an ewéi gesot, Dir maacht eng super Aarbecht an ech géif lech wënschen, dass Dir manner Aarbecht kritt a méi Satisfaktioun, dass Dir d'Leit op de fräie Logementsmarché kritt, dat wäert awer éischter e Wonschdenke sinn, mä mir ënnerstëtzen all Iddien an all Proposen, déi den Office social huet fir de Leit zu Diddeleng ënnert d'Ärm ze gräifen voll a ganz an ech soen nach eemol villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci der Madamm Kayser fir hir Virstellung.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci fir d'Wuert, den Office social ass ee vun de wichtegsten, wann net dee wichtegste Service an eiser Gemeng, och wann en net direkt e Gemengeservice ass, dat ass kloer. Et ass net evident fir keen, wann een sech muss un den Office social wënnen, well een Hëllef brauch, an dat ass sécher ni en einfache Schratt. Vill Leit fillen sech mannerwäerteg wann se dee Wee musse goen a sécherlech gëtt et eng Rei Leit, déi kéinten do gehollef kréien, déi wëssen dat awer net oder einfach

wëllen et net a probéieren esoulaang wéi et anescht geet, iwwer d'Ronnen ze kommen. Et ass jo och net immens, wann ee weess, dass een sech bal ganz ausdoe muss éier een Hëllef kritt an dat viru frieme Leit. Jo, d'Gesetz gëtt Reegelen a Fakte vir an där musse et der ginn, anescht geet et net. D'Leit gi mat Sécherheet och anstänneg a ganz empathesch do behandelt, dat sinn ausgebildete Leit, déi do schaffen an awer kann een sech froen op déi Ufuerderungen net heiansdo ze haart sinn an ze vill d'Schimmt vun de Leit ugräifen, bon, ouni dat wëllen op d'Verhale vum Personal ze iwwerschreiwen. Mir liesen am Aktivitéitsbericht vun 2021, dass bal 10% - d'Madamm Kayser huet et gesot - vun den Diddelenger Stéit sech un den Office social wënnen. Déi Zuel huet net vill geännert déi lescht Joren, et ass awer vläit ze fäerten, dass dat weider eropklëmmt, esou wéi et mat den Energiekäschten a mat anere Problemer de Fall ass.

All Nationalitéite si betraff, all Alter an all Zivilstand. Et kann ëmmer jiddwereen treffen a grad dofir ass et wichteg, dass een net op déi Leit erfokuckt. Wat och den Här Zuang gesot huet, mir fänken d'Diskussioun net iwwer de Logement un, well mir wëssen all, wéi et ass. Ech weess, wéi et gemengt war an d'Madamm Kayser huet et och ugeschwat, ech mengen, et muss een et einfach esou oft wéi méiglech soen, well ech mengen, et sinn hei nach Leit, déi et net an de Käpp hunn. Et ass kee Geheimnis, dass mir hei am Land - den Här Manderscheid huet dat de Moien och gesot - e grouse Problem mam Logement hunn, net genuch Wunnengen an déi wou do sinn, sinn zum groussen Deel net bezuelbar. D'Madamm Kayser huet och dovunner geschwat, am Kader vun der Gestion locative sociale, do gëtt wierklech gutt Aarbecht gemaach an ech mengen, dass dat ee vun de wichtegsten Dealer ass vun deem Service, wou do gelescht gëtt, mä leider ass et net evident fir Propriétaires dozou ze beweegen, hir fräistoend Wunnengen iwwer dëse Wee ze verlounen.

Vill Leit loossen se léiwer eidel stoen oder versichen, esouvill wéi méiglech Suen ze kréien. Nach kierzlech hat ech iwwer dat Thema eng Diskussioun, wou mäi Géigeniwwer gesot huet: „Jo mä firwat soll ech dann nëmmen 1000 Euro kréien, wa mäin Noper 1500 Euro fir dat nämmlecht kritt? Ech sinn dach net domm.“ An dat ass schued, do gesäit een, dass d'Solidaritéit an d'Empathie net ganz wäit geet bei de Leit an da kann anere Leit net gehollef ginn, déi an Nout sinn. Dat zielt virun allem dann och fir Leit mat Familien, mat Kanner. Och d'Promoteuren, déi Wunnenge bauen, déi bauen se esou kleng wéi méiglech, da kréien se der vill an e Gebai an da verdéngen se nach vill méi drop wéi wann se géife méi grouss Wunnenge bauen. Dat ass dann zwar um private Marché, wou och net jiddereen sech dat ka leeschten. D'Gemeng ass och amgaangen, d'Zuel vun hire Mietwunnengen eropzesetzen an ech mengen, do si mir op engem gudde Wee, dat ass e gudde Schratt an déi richteg Richtung.

Mir hunn et héieren, deemnächst ginn erëm fënnef Haier fräi, anerer sinn och a Planung, dat geet an déi richteg Direktioun.

D'Madamm Kayser huet et elo ugeschwat an dat war eng Fro vu mir gewiescht, a wéi wäit an op et eng Zesummenaarbecht gëtt zwëschent dem Office social also GLS an dem Service Logement, wat Wunnengen ugeet? Ech weess elo net, wéi dat fonctionnéiert an op dat fonctionnéiert an do wollt ech kuerz eng Erklärung froen. Dann zum Bail-à-loyersgesetz, dat wäert och sécher net zum Gudde bäidroen, och wann den Här Kox eis dat wëll esou ze verstoe ginn, dat ass net esou, dat geet an déi falsch Richtung. Et ass och erschreckend, dass ee gesäit - dat sote mir och d'lescht Joer op dëser Plaz -, dass Leit, déi Problemer hunn, ganz vill Leit och mat CDI sinn, dat si 27% vun deenen, et gëtt oft vun deene geschwat an awer ginn se net ganz eescht geholl. Dat sinn déi working poor, déi wierklech schaffen, en CDI hunn an awer net anstänneg wunne kënnen. Dobäi kënnt dann déi ominéis Kautioun, och do hu mir gesinn, do ass e Poste virgesinn, wou den Office social muss hëllefen. Dozou gehéiere sécher och Garantië fir Agencen, wann eng Wunneng gelount gëtt, och do muss den Office social asprangen, well d'Leit keng Reserven hunn. Déi muss ofgeschaaft ginn, respektiv vum Optraggeber bezuelt ginn, dat ass jo meeschtens net de Locataire, dee bei d'Agence geet a seet „Sich mir eppes“ mä et ass de Propriétaire, deen et wëll verlount kréien.

Am Bericht gesäit een och, dass ëmmer méi administrativ Hëllef gefrot gëtt, do kéint een eventuell iwwerleeën - dat ass och villäicht gemaach ginn - ob een net misst zu Diddeleng e Service „Ecrivain public“ ubidde fir d'Personal vum Office social an déi Richtung ze entlaaschten. Wann ech déi administrativ Hëllef richteg interpretéieren, ass dat jo, de Leit ze hëllefen bei bürokrateschen Demarchen, z.b. Formularen, déi mussen ausgefëllt ginn. Dat ass jo och net evident fir d'Leit, heiansdo froen d'Leit mol keng Hëllef un, well se net wëssen, dass et se gëtt oder well se dat einfach net kënnen ausfëllen, ech denken zum Beispill un de Formulaire vun der „Subvention Loyer“, wou bekannt ass, dass méi Leit Recht drop hunn ewéi déi, wou se froen. Dann hunn ech just eng kleng Fro zu der Adresse de référence: Am Bericht steet, et wieren 20 Demandë gewiescht an do wollt ech froen op dat den Total vun den Demanden ass, déi gestallt gi sinn an accordéiert gi sinn oder op et och mol Demandë ginn, déi net accordéiert ginn a wa jo, aus wéi engem Grond déi géife refuséiert ginn.

Da liese mir, dass d'Aides financières erofginn, well d'Gesetz - an dat huet den Här Hansen och gesot - méi streng ugewannt gëtt. An deem Kontext hunn ech och héieren an dat ass ufanks gesot ginn, dass ëmmer méi finanziell Hëllef mussen rembourséiert ginn an dass zum Beispill och Cessioun um Kannergeld gemaach gëtt. Ass dat esou? Gëtt dat oft gemaach? Mir gleewen, dass d'Personal vum Office social sech un d'Gesetzer hält an awer ass dat esou

e fade Bäigeschmaach iergendwou, well wann d'Leit ee Mount gehollef kréien oder méi Méint, well se net iwwer d'Ronne kommen, an da gi Rechnunge bezuelt, da klappt dat sécher net déi Méint duerno well se zwar hir Rechnung net méi mussen bezuelen, mä awer och kee Kannergeld kréien oder soss Fraise mussen rembourséieren. Ech hunn och gesinn, an deem Kader ass am Budget de Poste Remboursable Bénéficiaire d'aide 80 000 Euro wann ech dat richteg gesinn hunn, do kann een sech froen op een doduerch net méi Problemer schaaft? Ech weess awer och, dass dat hei am Office social net eegestänneg esou decidéiert gëtt, trotzdem stelle mir dat awer a Fro a fannen dat net glécklech.

Last but not least, ech hu vill vun de Leit geschwat, déi Hëllef brauchen, da luewe mir awer och déi Leit, déi Hëllef ginn. En ausféierleche Merci fir den Aktivitéitsbericht, dee ganz detailléiert a kloer war, Merci un de President Romain Zuang mat sengem ganzen Team, dat administratiivt an och all déi Leit, déi mat de Leit ze dinn hunn, déi ëm Hëllef froen, well mat Sécherheet ass dat keen einfachen Job an net ëmmer ganz flott. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci, am Numm vun der grénger Fraktioun soen ech der Madamm Wagner, Här Hansen an dem Här Zuang villmools Merci fir déi interessant Presentatioun an Erklärungen. E grouse Merci och un all déi aus der Maison sociale, déi dagdeeglech duerch hir Sozialaarbecht alle Mënschen hëllefen déi net iwwer Ronne kommen an administrativ Hëllef brauchen an et sinn der net wéineg. 9% vun alle Stéit hei zu Diddeleng brauchen lech an et gesäit net aus, wéi wann är Aarbecht géif an Zukunft manner ze ginn. Et ass de Moie scho gesot ginn, den Aarmutsrisiko ass geklommen an d'Scheier geet ëmmer méi wäit ausernee, et ka jiddereen treffen, wéi séier ass een duerch Scheedung, Chômage, Krankheet, Accident Iwwerschuldung oder aner Schicksal getraff an op Hëllef ugewisen. Dat heiten ass de Rapport d'activités vun 2021 also virum Ufank vum Ukrainkrich an där domadder verbonnener Energiekris an am Budget gesi mir, dass d'Frais de chauffage fir 2022 an 23 eropginn an och d'Aidë fir Gas an Elektresch gi méi héich budgetiséiert. Aus de Grafiken liest een eraus, dass dat gréisst Suergekand - an et deet mir leed mä ech muss och elo op de Logement agoen dat ass dat gréisst Suergekand sief dat fir finanziell beim Loyer oder Kautioun gehollef ze kréien awer och fir e Logement social unzefroen. 51 Prozent vun dësen Demandë si vu jonke Leit ënner 35 Joer.

Ee Problem ass och, dass Betriber net méi sou séier en CDI u Jonker ginn, wat awer meeschtens eng Voraussetzung ass fir eng Wunneng ze kréien. Famille mat Kanner hunn et och schwéier, um fräie Marché eng gréisser Wunneng ze fannen an op de Grafiken 53 an 54 gëtt erkläert, dass 44% vun den Demanduren

aus ze vill kleng Wunnenge komme meeschtens erëm Famille mat Kanner. Ech hu mir dat um Site Dudelange mol ugekuckt, den Office social an och de Service Logement, et steet nach ëmmer den Här Weis als Chef de service do, deen awer net méi do ass. Ass schonn een aneren, deen seng Tâche iwwerholl huet? Dann hunn ech déi selwecht Demarche gemaach wéi d'Madamm Kayser. Ech hu mir de Formulaire „Demande de logement social“ ugekuckt an op déi Telefonsnummer ugeruff a sinn an der Maison sociale bei enger ganz frëndlecher Assistante sociale erauskomm. Ech krut erkläert, wéi de Verlaf ass, wann eng Demande erakënnt fir e Logement, well déi ganz Prozedur war mir och net kloer. Et gëtt am Fong gekuckt, wat bei de Client passt, eng Wunneng fir maximum 3 Joer mat engem Projet de vie oder eng Wunneng vun der Gemeng fir länger Zäit.

Et ass vill Fangerspëtzegefill gefrot an och vill Flexibilitéit, well et och net ëmmer duergeet mat deenen 3 Joer, et ginn déi Leit, déi sech genéieren a gutt matschaffen an et ginn déi, déi net esou gutt matschaffen. All Client ass anescht an all Dossier ass anescht. Merci och där Madamm Wagner fir déi vill informativ Explikatiounen och betreffend déi nei Wunnengen an der Rue du Commerce wou e Projet Jeunes geschwënn uleift a wou et nach zwee Appartements ginn. Ech konnt leider bei der Aweigung net dobäi sinn, dofir sinn ech do eemol an d'Bild gesat ginn. Och den Delai d'attente ass an der Moyenne sechs Méint, ech hunn net erausfonnt, wéi vill Menaagen op der Liste d'attente sinn. Dat wier dann eemol eng Fro an och, wéi vill Wunnenge mir elo insgesamt zu Diddeleng hunn, déi vun der Gemeng an déi vun der Gestion locative sociale? Dat ass zwar bestëmmt schonn e puermol gesot ginn, mä dee Chiffer ännert jo och am Laf vun der Zäit. D'lescht Joer hat den Här Zuang e waarmen Appell gemaach fir dass Propriétaires hir eidelstoend Wunnengen der Gemeng ginn, fir dës sozial weiderzeverlounen. Hei hätt ech dann nach eng Fro: Wann esou Wunnengen renovéiert ginn, an déi musse jo meeschtens renovéiert ginn, wien iwwerhëlt déi Käschten?

Dann ass mir nach opgefall, dass de Gros vun den Aide-non-financièren eng Ufro ass fir administrativ Pabeieren auszufüllen, jo et gi Gemengen, déi hunn de Service vum Ecrivain public, dat wier jo och villäicht eng Iddi fir Diddeleng. Et gëtt och vill Ufroen fir Berodung, déi dann un aner Servicer op nationalem Plang weidergeleet ginn, hei kéint een och villäicht e bësse méi Visibilitéit an aner Servicer bréngen. Also, et ginn och Gemengen, déi hunn op hirem Internetseite déi ganz Servicer, wou et gi fir allméiglech Hëllefen, opgelëscht. Da géifen do och villäicht Leit kënnen déi passend Berodungstell fannen. Voilà, Dir hutt déi gréng Zoustëmmung fir de Rapport an och de Budget, ech hu just eng kleng Fro zu der Presentatioun vum Budget vu virdrun, do ass bei der Konventioun 1 en Excédent an ech wollt froen, wou déi Recetten do hirkommen? A firwat do en Excédent ass? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

MARTINE BODRY KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt eigentlech et net verpassen och vun der LSAP-Fraktioun eisen häerzleche Merci auszedrécken un déi ganz Ekipp an der Maison sociale, déi op all Niveau schaffen, well den Här Zuang kann elo schlecht déi zwou Kapen ophunn an dofir och vun dëser Säit en häerzleche Merci a mir si besonnesch houfreg, och, dass, wa mir hei vu Logement schwätzen, dass mir de Kontingent vun deene Wunnenge konsequent iwwer déi lescht Joren an d'Luucht gesat hunn. Eppes wat mir eis virgeholl haten a gemaach hunn an dat hëlleft schonn um Terrain, wann all Joer e puer Wunnenge bäikommen an dat ass eng gutt Saach an ech si frou, ze gesinn, dass mir eis awer eens sinn, dass déi Aarbecht an der Maison sociale net einfach ass. Et ass scho gesot ginn, et ass vill Fangerspëtzegefill verlaangt. Et ass och alles net ëmmer sou einfach an ech kann lech versécheren mat wéi vill Häerzblutt an Empathie all eenzelen Dossier ugepak gëtt vun den Assistant-socialen, well et gëtt net „se“ et gëtt ëmmer nëmmen Eenzelfall an déi eenzel Schicksaler an déi eenzel Situatiounen an et ass wéi et puermol ugeklongen ass, et muss een ëmmer erëm kucken, wat passt grad bei déi Situatiounen an déi Leit. Heiansdo gëtt et eng Léisung an heiansdo gëtt et keng, heiansdo geet den Dossier vum selwen an heiansdo gëtt net gutt matgeschafft, et ass schwierig heiansdo an immens komplex an ëmsou méi gelte hinnen eise Merci fir, dass si sech souvill Zäit huele fir de Mënschen och tatsächlech ze hëllefen an och tatsächlech net nëmmen esou als Nummer ze gesinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉ GRÉNG): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, merci och menger Säit aus fir d'Presentatioun, ech hat eng Fro: Dir hutt zum Schluss ofgeschloss andeems Dir gesot hutt, dass och Budget virgesinn ass fir Affekoten a Huissiere fir déi Leit no dräi Joer erauszegeheien. Wat geschitt mat deene Leit? Well OK, et sinn dräi Joer virgesinn, mä meeschtens, wann déi Leit déi Wunneng net kënnen verlossen, ass et well se sozial bedéngt net stabil sinn, fir sech kënnen eng aner Wunneng um fräie Marché ze sichen oder eben nach keng Wunneng beim Fonds de Logement fonnt hunn. Wat geschitt mat deene Leit dann? Hutt Dir wierklech vill där Fäll wou Dir musst par force d'Leit eraushuelen? Dat just als Erklärung villäicht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Froen, ech kucken eemol an d'Ronn, gëtt et soss keng Froe méi? Gutt, da ginn ech d'Wuert weider un de Verrieder vum Office social.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Fir d'éischt eemol Merci un all déi Fraktiounen, déi hei ronderëm den Dësch setzen. Ech wéilt e grouse

Merci soe fir déi léif Wierder, déi Dir eis entgéint-bruecht hutt. Et sinn am Fong geholl oft vill iwwer-rascht vun den eenzele Riedner, ech muss just eemol ganz kuerz soen zu dem Numm dann: GLS, Gestion locative sociale, déi gëtt vum Office social bedriwwen. Wat ass dat? Ma dat sinn d'Loyere fir d'Uloune vu Wunnengen, vu privaten oder konventionéierte Part-ner wéi mir se hunn, mir hu jo am Veräinshaus vum Kierchefong mä och vu Privaten, wou mir eis Annonce ëmmer maachen am d'Annoncébliedchen, dat zwee-mol pro Joer an déi och grouss Succès huet, dat muss ee soen, dass mir do wierklech gutt lancéiert sinn, mä et ass effektiv eng grouss Responsabilitéit, déi mir hunn. Dat heescht, wa mir e Bien vun engem huelen, da mussen mir och duerno kucken. Wéi gesot, mir hunn d'Chance, dass mir Privatleit fannen, déi eis Haiser ginn. Et sinn natierlech keng nei Haiser, mä oft vun den Elteren, déi an Altersheimer oder déi a Pflegeheimer sinn. D'Loyeren hëllefen den Eltere beim Openthalt an de Pflegeheimer d'Fraisen ze re-duzéieren.

Voilà, wéi gesot, bei Haiser gëtt d'Responsabilitéit ëmmer méi grouss. Wann een en Haus bis huet, do ass net nëmme banne mä och baussen duerno ze ku-cken, soudass mir de Leit déi herno d'Haus an deem Zoustand, an deem mer et kruten – et gëtt ëmmer en Etat des lieux bei der Entrée gemeet, dee mir mat de Leit ënnerschreiwen, -esou erëmginn. Dofir hu mir eng grouss Verpflichtung fir dat guttzemaachen ech denken, dass mir dat och gutt maachen, dat huet sech jo och ronderëm geschwat an, soudass mir vill Appeller kréien, besonnesch 2022, a wierklech an en-ger Woch mol heiansdo zwee bis dräi Objete kucke gaange sinn. Heiansdo gëtt et eppes, oft gëtt et och näischt, mä et ass effektiv well sech dat och erëm-geschwat huet, dass Leit, déi scho méi laang mat eis schaffen, esouguer dann en zweete Bien hunn oder aner Leit Bouche-à-oreille maachen, sou, dass mir do wéi gesot müssen eng gewësse Verantwortung fir déi Saach droen, fir se gutt ze maachen, fir, dass mir net kritiséiert ginn. An, jo, dat ass am Fong d'Erausfuorderung a wéi d'Madamm Erpelding gesot huet mat deem „Ech wëll léiwer 1 500 Euro wéi 1 000 Euro“, dat ass richtig, mä et muss een och kënnen eent an eent zesummenzielen.

D'Gestion locative sociale, déi huet Virdeeler, déi huet net nëmme de Virdeel, dass direkt vum éisch-ten Dag un, wou d'Mise à disposition ënnerschriw-ven ass, dass een vun do un de Loyer kritt, op mir een dra setzen oder net. Well mir mussen gutt op-passen, wa mir nei Objete kréien, do kënnen mir net egal wien dra setzen. Do müssen eis Assistenten eis Réckendeckung ginn andeems si kontrolléieren, wou déi Famill virdru gewunnt huet, wéi se gewunnt huet, op se eens gëtt mam Propretéitszoustand, och mam elektroneschem Zoustand, well hautdesdaags sinn déi nei Appartements, wéi déi konzipéiert sinn, voll-gespickt mat elektronesch Geräter, e Four eng Spullmaschinn, wou s de muss eens ginn... Dofir, dat ass eng Erausfuorderung fir eis an dat huet e grouss-e Virdeel, du kriss däi Loyer, deen ass garantéiert,

vum éischten Dag un.

Dann hutt Dir awer och de steierlechen Aspekt, deen eng Roll spillt. 50% Exemption d'impôt, dat ass net egal wat, wann een dat op säi Loyer rechent, dee méi héich ass an et kritt een deen herno voll besteiert als Akommes. Wann een dann d'Rechnung mécht mat der Exemption a mat deem Bien, deen een erëmkritt, an deem Zoustand, wéi mir en ënnerschriwwen hu vi-run e puer Joer, dann ass d'Rechnung séier gemaach. Och wann een, mir si jo elo säit dem leschte Joer an eng aner Kategorie gefall, well bei nei Bienen, do kënnen mir bis zu 12 Euro de Meterkaree ginn, virdru waren et maximum 10 Euro. Mir passen dat un, wéi al, dass en Haus oder en Appartement ass. Mä wann een eppes relativ Neies huet, da kritt een déi 12 Euro de Meterkaree. Heiansdo maache mir kleng Renovatiounen, wéi zum Beispill an engem Haus, wou mir da fannen, dass et besser ass, mir sträichen den mol un, well awer vill Tracen do sinn. Ech schwätze vun Haiser vu 50 Joer a méi, an deenen laang Joeren näischt méi gemaach ginn ass. Do maache mir mol esou Gesten. An een Appartement setze mir eng Ki-chen dran, dofir si mir dann awer mam Propriétaire eens, dass mir dann eng Garantie hunn, dass mir déi Wunneng da 6 Joer hunn am plaz vun 3 Joer.

Dat ass net evident mä et ass eng grouss Erausfu-derung fir eis. De Suivi ass garantéiert. Dat heescht, all Mount eemol geet eisen Techniker mat enger As-sistente duerch déi Wunnengen, fir ze kucken ob do alles an der Rei ass, op d'Famill eens gëtt herno méi, am reegelméissegem Ofstand wann ee mierkt dass iergendeppes net klappt, da gëtt de Suivi gemaach. Dat mol zu deem Volet. Sécherlech ass et eng Diffe-renz zwëschent der GLS an dem Service Logement. Do hu mir virdru vun den 5 Haiser op Lenkeschléi ge-schwat. Déi falen an de Portefeuille vum Service Lo-gement, dat ass eng Locatioun à vie. An do gëtt et eng Differenz an dofir ass nëmme eng Demande d'in-scription do. Do ass et esou, dass éischstens eemol bei der GLS deejéinegen, deen eng Wunneng freet, mindestens 1 Joer hei um Terrain vun Diddeleng ge-lieft huet. Par contre, dee wou d'Ufro mécht fir en Haus oder Appartement am Service Logement, dee muss 3,5 Joer mindestens um Terrain vun Diddeleng gewunnt hunn. Dat ass schonn emol eng grouss Dif-ferenz, da kann ee scho selektionéieren.

Dann, mat deene Leit, déi an d'GLS falen muss een e Projet de vie maachen, dat ass richtig, et ass awer elo esou, dass mir effektiv de Leit soen, hei, mir maachen sou gesinn nëmme eng Mise à disposi-tion mir maachen se vun all Kéier sechs Méint, esou dass d'Leit ëmmer matzäite gewuer ginn ob se kë-nen dra bleiwen oder net. Wat mir hinnen awer soe vum éischte Moment un, sicht eng Wunneng. Et ass net, dass Dir lech elo kënnt op Äre Lorberen ausrou-en, während 2,5 Joer oder méi an dann op eemol am leschte Moment sot Dir „Oh, ech fannen näischt“. Et ass onméiglech ginn, eng Wunneng ze fannen, ob dat elo am Norden, Süden oder Westen ass, an et ass ef-fektiv jee nodeems wéi vill Kanner een huet. Een, dee

véier oder fënnef Kanner huet, dat ass schlicht on-méiglech bal. Déi mussen matzäiten ufänken, et gëtt villäicht iergendwou eng oppen Dier, wou een sech erbaarmt, mä et ass net einfach fir esou eppes ze fannen. Dofir, wa mir elo Haiser hunn, kënnen mir déi Famille weinstens fir dräi Joer ophuelen.

Projet de vie,: Mir sinn do zu der Iwwerzeegung komm an eiser Cellule Logement, do ass och de Schäffchen dran, de René Manderscheid, mir treffen eis all Mount eemol an do kucke mir all Dossier, all Ufro no, ob dës realisabel ass oder net, a mir sinn zu der Iwwerzeegung komm, dass et hautdesdaags och eng Méiglechkeet gëtt fir véier Joer ze kréien. Mir hunn zum Beispill eng Fra oder e Meedchen, wat amgaangen ass, seng Etüden ze maachen, dat heescht. hei gi mir him d'Chance an der Wunneng ze bleiwen bis et fäerdeg ass. Dat muss een dann och esou gesinn, dass mir net einfach, wann ee wierklech e seriöse Projet de vie huet, muss een deem och hëllefen, deen ze realiséieren, wann et soss keng Méiglechkeete ginn. Dofir gi mir méi wéi dräi an hallef Joer, heiansdo véier, ausnamsweis och mol bis zu fënnef Joer. Also, et gëtt keng Reegel. Wann een awer gesäit, dass ee wierklech guer net matschafft, een, deen nëmme Sauereie mécht, da kënnt do déi Geschicht, dass op eemol déi rout Kaart kënnt, dat ass wéi iwwerall, an all Sportart ginn et Reegelen an esou ginn et der och hei. Wann een net schafft, net sicht, awer och kee Projet de vie huet, wéi eng Sprooch léieren zum Beispill, sech op d'Sich no enger Aarbecht maachen an allkéiers de Rendez-vous um Arbeitsamt ratéiert oder guer net kucke geet, sech net dru gëtt, dann ass et Feierowend, dee muss déi rout Kaart kréien.

Et deet mir leed, dann ass et och do wou ee muss knallhaart d'Limitte gesinn, well soss leeft een de Leit erëm - wéi d'Madamm Kayser gesot huet - hanndrun, dass d'Kar awer leeft, et kann een net déi matzéien, déi guer näischt foutéieren. Dann, jo effektiv, en CDI geet bal net méi duer, et mussen der mindestens zwee sinn an dann hu mir och Familien aus enger anerer Kultur, do geet d'Fra net mat schaffen, do dierf d'Fra net ze schaffen. Dat heescht, wéi sollen déi eng Wunneng kréien? Do feelt schonn eng gutt Partie Geld, éischstens dat an zweetens keen CDI, dann ass hautzudaags keng Bank méi, déi Dir e Prêt gëtt oder anerwärts hält keen dech méi an en Appartement eran. Propriétaires, där ginn et der vill, déi einfach iwwer eng Agence fueren an déi soe „Sicht mir een“. Dann ass d'Agence, déi geet net hin a sicht dee mannsten, déi presentéiert hirem Client hir Objeten, ëmmer nëmme deem beschten, dee vill verdéngt, wou kee Problem ass, dass de Loyer net ka verséiert ginn an esou weider, do bleiwen all déi sozial Fäll op der Streck.

Dann d'Kautioun. Jo, mir gesinn dat well mir och endlech erëm een hunn, deen eng Wunneng fonnt huet, do si mir déi lescht, déi net bereet wiere fir d'Kautioun ze bezuelen oder virzestrecken. Mä mir mussen och do oppassen, well wann de Client eemol géif aus der Wunneng goen, kéint et sinn, dass dann de Pro-

priétaire eis misst d'Kautioun oder de Rescht vun der Kautioun zeréckginn. Elo ass et awer oft esou, dass mir déi Leit net méi erëmgesinn an dofir wäerte mir elo an Zukunft och Kautiounen maachen, esou dass déi Leit eis déi Sue mussen direkt zeréckginn, well wann se herno net méi do sinn, dann zéien se déi Schold weinstens mat sech.

Voilà, dann zu den Agencen, d'Frais-d'agencen, déi solle jo geännert gi mat deem neie Projet, wou den Här Kox do virgëtt, fir Loyerer ze limitéiere jee no Wäert a jee no Alter, no Energieklass, wou een nëmme nach 3,5 respektiv - an den ënneschten Energieklassen - nëmme bis 3 Prozent vum Wäert oder vum investéierte Wäert ka froen. Do kënnt also eng liicht Besserung. Dann ass och dat vun der Agence, déi soll jo dann och vum Propriétaire zu 50% gedroe ginn an ech mengen, domadder kéint d'Saach e bëssen erlichteren. Dann nach zu der Aide administrative. Ech gesinn, dass dat eng wichteg Missioun ass um Office social, dass do eng Assistante am Fong do ass fir och esou Saachen ze maachen.

Ech fannen net, dass een do erëm eemol muss een astellen, deen da just nëmme de Leit op der Gemeng dat erkläert. Ech fannen, dass dat an der Missioun vum Office social, vun engem Assistant social läit. Si hunn oft Clientë selwer, déi sech dru setzen an dann an engems dat froen. Et ass och richtig, dass et heiansdo e Problem gëtt mat der Hemmschwel, dass een net gären an den Office social oder an d'Maison sociale erageet, dat stëmmt. Do gouf et d'Jugend an Drogenhëllef, déi eng Zäit bei eis eng Permanence haten, déi dat och gesot hunn an déi sech zeréckgezunn hunn aus der Maison sociale, eben aus deem Grond well d'Leit net gären an esou en Haus eraginn obwuel keen se géif gesinn. Esou dass si keng Permanence méi hunn.

Voilà, ech mengen d'Frais-d'étuden, dat war nach gefrot ginn, firwat. Dat war eng Aschreiwung, ech ka mech erënneren, déi am Ausland, wou d'Kand an England an der Schoul war. Dat ass eng Famill, déi ass vun do gewiescht an dat Kand mécht seng Etüden do fäerdeg. D'Zesummenaarbecht tëschent GLS an Office social war bis elo ëmmer gewährt. Jo, dat war effektiv de Chargé de direction, deen och esouwuel de Chef vum Service Logement war, dofir huet dat gutt geklappt, mä anerwärts ass e bëssen eng aner Réglementatioun, et ass e bësse méi einfach. De René Manderscheid ass do ëmmer dobäi fir déi Clienten do erauszesichen, déi dann an déi Haiser ginn, déi der Gemeng gehéieren, also déi dann am Service Logement sinn. Déi Cellule besteet just aus den Assistant-socialen, dem Chargé a respektiv enger Assistante, déi an enger hallwer Tâche ass. Mir sinn elo op 2022 gekuckt op 55, doduerch, dass mir déi 10 Zëmmeren nach am 37-39 rue du Commerce kritt hunn, déi reng theoretesch um Pabeier fir de Moment sinn. Vu dass mir wëssen, dass do véier Zëmmere un ukrainesch Flüchtlinge ginn, da bleift nach ee Stack, dat ass net, dass et 5/5 wier op den zwee Stäck, mä dofir bleift dann deen ee Stack mat sechs Unitéiten, wou mir ee kënnen hisetzen esoubal mir de Go kréie



vun der leschter Kontroll, dass dee leschte Schlaff do gemaach ass.

Dir wësst et, wéi virdru mat der ITM, do waren esou vill Kontrollen, vu dass do Hebergementer sinn a mir wäerten d'nächst Joer spëtstens am Januar oder Februar ukommen. Mir hunn och Clienten, et si genuch Jonker op der Lëscht. Mä wéi gesot, et ginn zwee Stäck, elo waarde mir fir d'éischt bis déi Ukrainer kommen a kucken dann ob mir uewenop sechs Männer setzen oder sechs Fraen, dat hänkt dovunner of wat mir fir d'éischt kréien. Kannergeld ass net üblech mä normalerweis gëtt eng dorop gemaach. Dann d'Adresse de référence, do hu mir der nawell vill. D'Ombudsfra war op enger Sozialtagung zu Miersch an do huet si och geschwat an si huet gesot, et soll een do kulant domadder ëmgoen, wann d'Leit Konditiounen erfëllen. A wann net, soll een net do en Drama draus maachen, wann eng Demande refuséiert gëtt.

JACQUES HANSEN (OFFICE SOCIAL): Dass déi Leit do eng Basishëllef kréien, dofir ginn déi op e Registre d'attente gesat, dass se een oder zwee Bonge kréien oder eng Krankekeess kréien. E Refus hate mir sielen, dass déi guer net hei am Land wiere wann.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, an dann effektiv och wann se hir Post net ewechhuelen hei uewen, si kréie jo eng Boîte hei am Office social, wann se hir Post net siche kommen innerhalb vu sechs Méint, da sinn se fort. Dat ass et och ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi Erklärungen.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL): Nach eng Fro par rapport zum Excédent vun eisem Budget, dat kënnt duerch d'Oeuvres Grande-Duchesse Charlotte, wou mir all Joer kréien, dofir finanzéiere mir eng gutt Partie vun der Gestion locale a mir behalen eng Partie, dee ganze Boni wou Dir gesitt a mir haten eng gutt Partie der Gemeng iwwerweisen, fir ze hëllef bei der Renovatioun 37 Rue du Commerce. Mir kucken dann, wa mir e Package hunn, dass mir domadder en neie Projet kënne maachen. Da just d'Avance-remboursabelen oder d'Partie-bénéficiairen oder -recupéieren, dat sinn dann Dokterrechnungen och, et geet dorëms, dass déi Leit musse responsabiliséiert sinn. Et gi jo Situatiounen do wou Leit e Problem während engem oder zwee Méint hunn an da gëtt d'Situatioun erëm normal, esou dass se herno kënnen zeréckbezu-

elen oder fir d'Leit ze responsabiliséieren, mir froen de Leit jo do kee Remboursement vun 300 oder 400 Euro, do si Leit, déi bezuele 50 Euro de Mount zeréck. Si wëssen awer, dass net alles fir näischt ass.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, da ginn ech d'Wuert hei nach eemol un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, et ass jo gefrot ginn, fir de Service Logement, wéi vill Wunnengen hu mir zur Verfügung? Dir hutt iwwer GLS geschwat mat 55 Wunnunitéiten an de Service Logement huet 47 Wunnunitéiten, dat heescht 24 Chambre-meubléeën, 22 Appartements an 1 Haus, Stand vun haut.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, merci och fir déi Prezisioun. Da soen ech de Vertrieber vum Office social villmools merci fir d'Présentatioun an d'Erklärungen an och fir déi ganz Aarbecht. Villmools Merci och fir d'Présentatioun vum Rapport d'activités an och fir d'Présentatioun vum Budget rectifié an initial, déi musse mir stëmmen.

Kënne mir déi zesumme stëmmen? Wien ass do géint? Wien enthält sech? A wien ass dofir? **Dat ass unanime.** Merci villmools, da gi mir eriwier op den Urbanismus.

4. GEMENGEPLANUNG A STADENTWÉCKLUNG

Approbatioun vun engem Projet fir d'Parzelléierung/Zesummeleeë vu Kadasterparzellen an der Route de Kayl

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Do ass et am Fong geholl déi zweet Kéier am Gemengerot, wou mir dann, ech hunn d'lescht Kéier erkläert, dass dann elo d'office nei Lotissements kommen, bei engem Projet ass nämlech hei am Gemengerot, dee mir huelen och fir deen neie PAG gëtt jo esou fir, hei hu mir eng Demande virleie vum Här an der Madamm Contato-Jolie, wou den Architektbüro chargéiert hunn, e Projet auszuschaffen, fir hei och e Morcellement ze maachen an néng verschidde Parzelle fir sechs Maison-unifamilialen, eng Maison-bifamilial an dräi Appartements an der Kälstrooss. All déi Demarché si gemaach ginn a mir haten och elo den 21. November d'Bautekommissioun, wou mir dat virgestallt hunn esou wéi mir dat hei festgehalten hunn, do sinn och déi néideg Publikatiounen gemaach ginn, den Avis au public, an ech mengen, dofir ass et wichteg, am Gemengerot de Vott kënne virzehuelen.

Dat zu den Erklärungen. Ass de Gemengerot mat deem Morcellement averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

5. PERSONALFROEN

Konversioun vun enger fräier Gemenge-fonctionnairesplaz mat der Salaireskategorie B1, Verwaltung, an eng Gemengenemployésplaz an der selwechter Kategorie (Kulturservice)

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Merci Här Buergermeeschter, de Service culturel, effektiv, Dir kënnt lech drun erënneren, do hate mir d'lescht Kéier kee Poste konnte besetzen an zwar ass et drëm gaangen, e Functionnaire communal ze fannen. Dir wësst, et ass eng relativ komplex Tâchëbschreiwung, wou een awer eng gewësse Qualifikatioun brauch, wou een a Relatioun mat der Press an de Medië matschaffe soll awer och d'Promotion culturelle no bausse vertriebt soll, do muss een also och redaktionell op der Héicht sinn a fir do d'Deppen esou grouss wéi méiglech opzemaachen, géife mir hei proposéieren, eng Konventioun ze maachen an nei auszeschreiwen, fir dass mir net onbedéngt e Functionnaire brauchen ze hunn, fir dass mir eben an der Hoffnung fir méi Leit unzeschwätzen ouni Examen, also probéiere mir ëm ze convertéieren an dëser Phase.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci, Loris Spina, fir déi Erklärungen, ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Merci villmools an da loosse mir dat ausschreiwen.

6. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER- A SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Froen u de Schäfferot leien dës Kéier keng vir, da wiere mir fäerdeg mat der ëffentlecher Sitzung a géifen eriwergoen an de Huis Clos.



AKTIOUN PÄIPERLEK 2023


PAQUET GRATUIT DE VIVACES À PAPILLONS
POUR VOTRE JARDIN !



Dans le cadre de l'Aktioun Päiperlek, SICONA a choisi six vivaces avec une valeur particulière comme plantes nectarifères pour les papillons. Vous pouvez commander un jeu de ces plantes gratuitement à partir du **1er avril** sur **www.sicona.lu**. La distribution sera début mai **de 17:00 h à 19:30 h** aux endroits suivants:

- **02.05.2023:** Schiffflange, Parking Hall Polyvalent, rue Denis Netgen
- **02.05.2023:** Bissen, Parking Hall Frounert, 10, rue de la Laiterie
- **02.05.2023:** Olm, Parking SICONA, 12, rue de Capellen

Et du **03 – 05.05.2023** de **8:00 – 12:00 h** et de **13:00 – 16:30 h**, dans les bureaux du SICONA, à Olm.
Tout changement d'horaire dû à la situation sanitaire vous sera notifié ultérieurement, si nécessaire.



CE PARTERRE POURRAIT TROUVER SA PLACE
DANS VOTRE JARDIN !

ATTENTION : Cette offre s'adresse aux habitants des **communes membres du SICONA**. En cas de stock restant, les habitants des communes non membres peuvent obtenir un paquet contre paiement.